

Gemengerot Esch

Rapport analytique N° 5 / 2014

*Belval, 4 juillet 2014:
Illumination des hauts fourneaux
par l'artiste allemand Ingo Maurer*



www.esch.lu

Séances du Conseil communal du
vendredi 25 avril 2014
vendredi 16 mai 2014

myenergy infopoint Esch- Schifflange

Esch-sur-Alzette
Schifflange



Lorsqu'eau chaude sanitaire rime avec énergie solaire

- Optez pour une technologie durable arrivée à maturité!
- Économisez jusqu'à l'équivalent de 300 litres de mazout ou 300 m³ de gaz!
- Protégez l'environnement tout en bénéficiant d'importantes aides financières pour rentabiliser votre projet !

Lors de la mise en place d'une installation solaire thermique, veillez à sa bonne orientation (de sud sud-ouest à sud sud-est), et à éviter l'ombrage!

Prenez un rendez-vous de conseil gratuit et personnalisé dans votre myenergy infopoint!

Hotline 8002 11 90 / www.myenergyinfopoint.lu



myenergy
Luxembourg



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de l'Infrastructure



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie



PROJET
D'INITIATIVE
PUBLIQUE
EUROPÉENNE



myenergy
infopoint

myenergy infopoint Esch- Schifflange

Esch-sur-Alzette
Schifflange



Heizen Sie Ihr Warmwasser mit Solarenergie!

- Entscheiden Sie sich für eine nachhaltige und ausgereifte Technologie!
- Sparen Sie jährlich bis zu umgerechnet 300 Liter Heizöl oder 300m³ Erdgas!
- Schützen Sie die Umwelt und nutzen Sie die staatliche Finanzbeihilfe um Ihr Projekt zu amortisieren!

Zur Installation einer thermischen Solaranlage muss eine möglichst nach Süden ausgerichtete und unverschattete Fläche vorhanden sein!

Vereinbaren Sie einen kostenlosen Beratungstermin in Ihrem myenergy infopoint!

Hotline 8002 11 90 / www.myenergyinfopoint.lu



myenergy
Luxembourg



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de l'Infrastructure



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Énergie



PROJET
D'INITIATIVE
PUBLIQUE
EUROPÉENNE



myenergy
infopoint

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello –
Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid –
M. Manuel Huss – M. Théid Johanss – M. Martin Kox – M. Georges Mischo – Mme Vera
Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseillers absents:


M. Pierre-Marc Knaff – M. Frunnes Maroldt

Ordre du jour

Réunion publique

Page

1. Dénomination d'une rue «Nelson Mandela»; décision
Résumé en français

4
12**Sëtzung vum Escher Gemengerot
Freideg, de 25. Abrëll 2014**

1. Dénomination d'une rue «Nelson Mandela»; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):

„Gudde Moien alleguerten. Mir hunn haut de Moien d'Benennung vun enger Nelson Mandela Strooss hei zu Esch um Ordre du jour vun eisem Gemengerot. Mir hate jo am leschte Gemengerot dese Punkt vum Ordre du jour geholl an op haut verluecht, well mer no enger Rei Diskussiounen a Reaktiounen déi ronderëm déi Ernennung, Benennung entstane sinn, all weider Polemike wollte vermeiden, dëst aus Respekt virun der Perséinlechkeet an dem Numm vum Nelson Mandela. Kolleginnen a Kollegen, ech soen lech, dat war eng gutt Décisioun. Et war richtig dat esou ze maachen.

Scho laang leie Virschléi op der Gemeng fir eng Nelson Mandela Strooss hei zu Esch ze maachen. Virun engem Joer, engem gudden Joer, hu mer och nach zousätzlech zwee Bréiwer kritt gehat, wou mer als Schäfferot ugeschwat gi sinn, ugeschriwwen gi sinn, fir éischtensmol eng Nelson Mandela Strooss hei zu Esch ze maachen, awer virun allem d'Buerestrooss ëmzebenennen. Den Haaptvirschlag war deen, endlech d'rue des Boers ëmzebenennen. De Schäfferot, dee vergaangene Schäfferot ënnert der ehemoleger Buergermeeschtesch, mir haten zesummen iwwert déi Virschléi diskutéiert, huet deemools befonnt gehat, datt dat eng ganz gutt Propos wier. Mir waren awer deemools der Meenung, an ech soen do wouss nach kee Bescheid, datt déi Nelson Mandela Ausstellung géif op Esch kommen. Do ass dovunner nach keng Riets gewiescht. Et war awer esou, datt den Nelson Mandela, datt et bekannt war hie war schwéier krank a mir am Schäfferot befonnt hunn, et wier net gutt dat zu deem Zäitpunkt ze maachen, awer et dann ze maachen an deem Moment wann den Nelson Mandela géif stierwen. Dorop hate mer eis géeenegt gehat a waren och eigentlech der Meenung gewiescht, datt dat de Moment wier fir d'Buerestrooss dann och ëmzebenennen. A kuerz duerno koum de Virschlag vum Musée de la Résistance – mir haten en als Schäfferot matgedeelt kritt, et war awer nach net offiziell well jo eng ganz Rei technesch Saachen nach hu missten ofgeschwat ginn – datt eben déi grous geplangten Ausstellung, datt d'Méiglechkeet géif bestoen datt déi géif op Esch kommen. A mir hunn dunn och befonnt, datt dat dann de richtige Moment wier och fir wann déi Ausstellung géif kommen, fir dem Nelson Mandela eng Strooss hei zu Esch ze ginn an

ze widmen. Déi zwou Saache sinn du matenee passéiert. D'Ausstellung war kloer, si kënn, an de 5. Dezember ass den Nelson Mandela gestuerwen. Mir hunn du gemengt et wier un der Zäit dee ganzen Dossier ze preparéieren an da fir d'Ausstellung, déi jo elo d'nächsten Dëschdeg opgeet, fir d'Ausstellung dann eng Strooss Nelson Mandela hei zu Esch ze kréien.

D'Iwwerleeunge vum Schäfferot ware folgend gewiescht. Besonnesch um Hannergrond vun der Geschicht, vum Historique vun der bestehender Buerestrooss hei zu Esch, den Numm iwwerpräiwen ze loosse, sech ze ëmfroen, Rotschléi ze huelen ob et richtig ass d'Buerestrooss ganz ëmbenennen an Nelson Mandela Strooss. Den Numm ze erhalen. Eng aner Strooss Mandela Strooss ze nennen. Awer kloer war eis, datt mer et wélten am Zentrum hunn. An dëst aus e puer Ursachen. De Virschlag, d'Brillstrooss an Nelson Mandela Strooss ëmzebenennen war deemools geprägt vun den Iwwerleeungen: Mir hunn de Musée de la Résistance, mir hunn d'Resistenzplaz – déi haut Brillplaz och genant gëtt – mir hunn d'rue des Boers, mir hunn de Boulevard J-F Kennedy. An doraus ass d'Iwwerleeung entstanen dann den ieweschten Deel vun der Brillstrooss, den ieweschten ëmzebenennen an Nelson Mandela Strooss. An aus deem ganzen e Projet ze maachen, de Quartier de la Résistance. Wat eis och zu deem Zäitpunkt wierklech ganz konsequent a logesch geschéngt huet. Historesch och verrietbar.

De leschte Gemengerot hutt Dir jo den Avis och verdeelt kritt gehat vun dem Apartheidmuseum vu Johannesburg wou mer bei hinnen nogefrot hunn och, wat si géifen zu enger Ëmbenennung vun der Buerestrooss, wat si géifen dovunner halen. Den Avis loung lech vir, datt se jo gesot hunn, datt wann de Mandela nach géif liewen, dee fir d'Reconciliatioun war, si der Meenung wieren, datt hie fir d'Erhale vun der Buerestrooss wier. Dobäi muss een awer vläicht bemierken, datt de ganzen Historique wou domatter verbonnen ass, aus den 20er Joeren, a wéi et och beschriwwen ass an dem Buch „Esch a seng Stroossen, Esch et ses rues“, d'Südafrikaner oder dem Apartheidmuseum vläicht an dem volle Sënn net esou bekannt war. An et muss een och soen, well natierlech an der Tëschenzäit och nach Kontakter mat dem Apartheidmuseum bestinn, et pour cause, se awer total no kënnen vollzéie firwat et déi Buerestrooss deemools esou ginn ass. Et ass am Buch vum Gilbert Bernardini „Esch et ses rues“, huet d'Buerestrooss, schreift

hien, hiren Numm jo kritt wéinst dem Här Scheidweiler, e Pâtissier an Unhänger vum Held vun de Bueren, dem Politiker Kruger. An et geet dobäi, deemools ass et drëms gaangen ëm den Independence Krich vun 1899-1902 wou d'Buere mat den Engländer gefouert hunn an d'Aperteit u sech jo eréischt Enn, an de 40er Joeren, '48 agefouert ginn ass. Dat heescht, do eréischt huet am Fong geholl den Numm Bueren och eng aner Bedeutung kritt.

An deene villen Diskussiounen, Stellungnamen an esou weider, Gespréicher, déi vum leschte Gemengerot u gefouert gi sinn, och mat Historiker – mir hunn eis nach aner Aweise geholl, obwuel mer der Meenung sinn datt de Virschlag haut richtig ass – kënn och do derbäi eraus, datt eigentlech jo scho laang hätt missten d'Buerestrooss ëmgenant ginn. An dëst op Grond ebe vun dem Apartheidssystem wat agefouert ginn ass a wou den Nelson Mandela, ënner anerem, mat aneren, als Persoun do steet deen do dergéint gekämpft huet. An ech mengen och datt et keng Diskussioun gëtt, mir sinn iwwerzeegt mëttlerweil, datt hei zu Esch iwwerhaapt keng Diskussioun ëm d'Benennung vun enger Nelson Mandela Strooss besteet. Et steet net zur Diskussioun, ausser natierlech a Kommentaren oder Reaktiounen déi komm sinn. An do schwätzen ech net vun deene Leit déi aus der Brillstrooss sech gemellt hunn, mä vun enger Rei Onbeléierbarer déi haut nach der Meenung sinn, datt eng Nelson Mandela Strooss hei zu Esch näischt verluer huet. Dëst awer aus ganz nidderege Beweegrënn, aus friemefeindlechen an rassisteschen Hannergrënn. Esou Informatiounen, esou Reaktiounen hu mir ënner anerem och kritt a waren och ze gesinn op verschiddenen Internetsiten.

D'Majoritéit ass awer wéi gesot, absolut positiv deem géintwärtig gestallt an esouguer Awunner vun der Brillstrooss waren net all dergéint. Et sinn der eng ganz Rei och gewiescht, an och Geschäftsleit, Awunner oder Geschäftsleit, déi matgedeelt hunn, datt se sech geéiert géife fille wa mir des Strooss an Nelson Mandela Strooss géifen ëmbenennen, datt et fir si eng grous Éier wier. An ech denken och um Hannergrond vun eiser Geschicht hei zu Esch. Esch ass multikulturell. Mir hunn 113 verschidden Nationalitéiten hei zu Esch, eng grous Immigratioun där mir ëmmer offe géintwärtig stoungen, esou gutt an der Vergaangenheit wéi och elo. An um Hannergrond och vun eise vergaangene Politiker am Gemengerot déi Stroossen och hei zu Esch no grousse, fräiheetlech

denkende Perséinlechkeeten a Politiker, Resistenzler genannt hunn, ënner ane-rem ze ernimmen eng Cité Salvador Allende. Mä net nëmmen. Och no lëtze-buergesch bekannte Resistenzler, dofir muss een eigentlech déi bestrofen oder soe si sollte sech mol genau ëmfroen déi menge mir missten nëmme lëtzebuer-gesch Nimm hunn. Där hu mir der hei zu Esch a kënnen der ouni Problem bei neie Benennung vu Stroossen och dëst maachen. Dëst och um Hannergrond vun deem wat mer ugekënnegt haten am Gemengerot, datt mer géife jo eng Kom-missiouen asetze wat mer elo den nächste Gemengerot wäerte maachen, mat Experten an Neutralen, net Politiker, déi sech ëm déi zukünfteg Benennung vun eise Stroossen och solle mat bekëmmere, en Avis dozou ginn.

Mä elo zréck zur Nelson Mandela Strooss. De Virschlag d'Brillstrooss ëmzebenennen an Nelson Mandela ass op e gewëssene Widerstand gestouss vun de Leit. An ech schwätzen och elo nëmme wierklech vun deenen do aus dem Quartier, respektiv aus der Brillstrooss, well wéi ëmmer fille sech ganz vill Leit beruff, den Escher Lektioenen ze erdeelen, och am Land, an dat huet eis manner interesséiert. Dat interesséiert eis manner. Ech menge mir si gewinnt datt wa mer Décisioenen hei zu Esch huelen, dann huele mir se a loosse eis net vun aneren do draschwätzen. Awer wichteg waren déi Reaktioenen déi aus dem Quartier komm sinn. Mir hunn deene Leit als Schäfferot geäntwert. Mir hunn och Diskussioene gehat mat hinnen a wäerte weider Diskussioene mat hinnen hunn. Et ass awer ganz kloer an do soen ech och, datt de Schäfferot sech dëst och fir zukünfteg Entscheedungen an Décisioene méi staark virgeholl huet. Et ass ganz kloer, datt en aneren Dialog hätt kënnen mat hinne geféiert ginn aus der Brillstrooss. Dat ass kloer. Mir waren eis awer, mengen ech, net bewusst, wéi d'Gefiller vun der Leit aus der Brillstrooss, net wéinst dem Mandela, awer fir hire Quartier sinn. E Quartier, eng Brillstrooss déi ënner anerem scho virdrun eng Kéier d'Lefèvre Strooss war, also déi ass schonn eng Kéier ëmbenannt ginn, esou datt dat näischt Neits ass. Awer och well se an engem Quartier wunnen, iwwert dee mer scho jorelaang diskutéieren a soen, mir mussen do weiderhi vill investéieren a vill maache fir dee Quartier opzewäerten. Mir sinn domatter amgaangen an och schonn déi viregt Schäfferéit. Mir sinn domatter amgaangen. Et ass awer absolut nozevollzéien, dass déi Leit déi do wunnen oder hir Geschäfte hunn, elo eng ganz Rei Joeren zimlech geplot ware

mat engem Parking dee gebaut ginn ass. Mat enger Plaz déi gemaach ginn ass wat laang gedauert huet. Mat enger Brillstrooss wou vill Geschäfte eidel sinn, mat soe mer mol, mat där ganzer Ambiance déi och an deem Quartier a ronderëm dee Quartier do gehéiert, a mir huelen dat enorm eescht.

Et ass net esou wéi wa mer näischt géife maachen oder eben elo nëmmen déi Nelson Mandela Strooss. Mir ginn herno iwwregens an de Quartier fir d'Casa d'Italia anzeweien. Et ass jo net wéi wann an deene leschte Joeren do näischt geschitt wier, mä et geet net séier genuch. Dat ass ganz kloer. Mir hunn eis wierklech am Schäfferot och dozou drop géeneegt alles ze versichen datt verschidde Projete einfach méi séier ginn. Verschidde lät net an eiser Hand. Wann zwee Pavillon net séier genuch fäerdeg gi well de Mann deen d'Fenster liwwert a finanziell Problemer komm ass, ass dat natierlech schwierig selwer Fensteren do installéieren ze goen, mä mir huelen dat eescht. Mir mengen datt de Quartier, ausser deene gebaileche Verännerungen, och nach aner Projete an aner Projete muss mat abezu ginn an och aner Projete muss virgesi sinn, un deene mer iwwregens plange schonn. Scho méi laang plangen an déi och wäerte mam Quartier zesummen hinne virstelle welch lwwerleungen do virleien.

Als Gemeng ass et esou, datt eis d'Hänn a verschidde Saache gebonne sinn, trotzdem ass déi Casa d'Italia elo do. De Musée gött endlech renovéiert, dat hu mer jo vun der Ministesch versprach kritt. An der Brillstrooss stinn etlech Geschäfte eidel an Haiser an Dir kënn lech erënnere wou mer ronderëm de Budget diskutéiert haten am Januar, et wier gutt wann eng Gemeng kéint déi Haiser opkafen, trotzdem ass et esou wa bekannt gött datt eng Gemeng dat mécht, da geet d'Spekulatioun lass. Da ginn d'Präisser an d'Luucht an da kënnen mir eis et ënner Ëmstänn och net méi leeschte fir dat ze maachen. Et passéiert eppes an deem Quartier. Dat aalt Gemengenhaus, rue du Brill/rue CM Spoo, wat grujeleg ausgesinn huet, wat der Gemeng gehéiert huet, ass renovéiert ginn. Dat ass och e Virzeigehaus ginn an deem Quartier. Dat heescht et leeft do Etleches, mä mir mussen nach méi aktiv ginn. De Quartier u sech ass einfach e flotte liewege Quartier. Wann Dir elo dohinner gitt, et ass gutt Wieder, d'Leit setzen dobaussen, en huet e südlännesche Flair. Dat ass gutt esou.

D'lwwerleunge waren déi wou ech vir-dru matgedeelt hunn, d'Brillstrooss

ëmzebenennen an Nelson Mandela Strooss. D'Reaktioenen drop si bekannt a mir hunn du gesot, mir zéien dat zréck, dee Virschlag. Mir wäerte weder den ieweschten Deel nach den ëneschten Deel vun der Brillstrooss ëmbenennen. Mir wäerten awer och net dohinner goen an e Quartier op den Nonnewisen, bei der Uni fir do eng Strooss, e Boulevard oder wéi och ëmmer, Nelson Mandela Strooss ze benennen, vu que d'Geschicht, de Quartier de la Résistance, a vu d'Geschicht vun der Buerestrooss. An dofir si mer dohinner gaangen a leeën haut dem Gemengerot, esou wéi och deenen dräi Kommissioenen déi zesumme komm sinn, maache mer de Virschlag, dass mer d'Buerestrooss ëmbenenne wäerten an zwar a rue Nelson Mandela, ancienne rue des Boers fir och de Bezuch op d'Buerestrooss weiderhin oprecht ze erhalen an och dëst nogefrot ob mer richtig leie bei Historiker. A mir haten, ech mengen en Deel vun lech heibannen och, vun engem ehemolege Gemengerotsmitglied heibannen, vun enger Partei déi net méi am Gemengerot vertrueden ass, e Mail kritt, datt dat eigentlech e Skandal wier a mir sollte mol den Escher Historiker Denis Scuto froen, wat dee géif vun der lwwerleung halen. Dee wier absolut net domat d'accord. Ech hunn den Escher Historiker Denis Scuto ugeruff an deen huet gesot, selbstverständlech ass dat do déi richtig Entscheedung an ech wëll net a Verbindung mat där Partei, déi net méi hei vertrueden ass, an e selwechte Mond bruecht ginn, ech verweigere mech deem. Also souguer och den Historiker huet dat kloer betount, hie wëll net a Verbindung bruecht gi mat där Partei an huet de Virschlag absolut ënnerstëtzt.

Wéi gesot, mir sinn absolut iwwerzeegt datt d'Diskussioun vun esou enger Strooss och hei däreft net méi zur Diskussioun stoen. Ech wëll awer och soen, datt mer als Escher, och wa mer elo als Escher déi éischt sinn déi eng Strooss kréien, huet Beetebuerg awer virun e puer Joer schonn eng Plaz Nelson Mandela gemaach, bei hiner Schwämm. Also déi besteet, dat war ënner dem deemolege Buergermeeschter Lucien Lux, deen dat am Virfeld scho gemaach hat, a mir hunn alt hei d'Chance verpasst gehat och éischer dohinner ze goen. De Schäfferot mécht dat heimatter dann elo gutt a benennt eng Strooss.

Ech wëll och soen, datt mer dann déi éischt hei am Land sinn déi eng Strooss hunn, awer net déi eenzeg an Europa an op der Welt. An Däitschland, a Frankräich an op villen anere Plaze ginn et scho Mandela Stroossen an et sinn der no

sengem Doud spontan och direkt genannt ginn oder Gebaier, grouss ëffentlech Gebaier benannt ginn nom Nelson Mandela. A besonnesch, an dat treëft fir Däitschland zou, ginn et och Ëmbenennung vu Stroossen an Däitschland déi ähnlech wéi hei zu Esch d'Buerestrooss och esou no un déi faschistesche Benennung vu Stroossen déi et do ginn, erukommen an déi soe mir wëllen doraus dann eng Mandela Strooss maachen a wëllen elo direkt vun där Geleeënheet profitéiere fir dat ze maachen.

D'Buerestrooss esou ëmzebenennen ass, wéi gesot, historiesch richteg a gutt an ass dann erëm den urspréngleche Projet dee virun iwwert engem Joer dann eigentlech souwisou schon akzeptéiert war an dem Schäfferot. Mä wéi gesot op Grond vun den ënnerschiddlechen Diskussiounen, Décisiounen, konnt de Schäfferot mat dem Virschlag, datt d'Brillstrooss géif ëmbenannt ginn, och liewen, am Quartier de la Résistance. Mir sinn awer absolut der Meinung an der Iwwerzeegung, no den Diskussiounen, no den Echoen déi mer déi leschte Woche kritt hunn, datt deen heite Virschlag dee mer lech haut proposéieren, deen eenzeg richtegen ass et esou ze maachen.

Och wéi am leschte Gemengerot hei ugeschwat hu mer gesot, datt mer géifen am Virfeld d'Avise vun de Kommissiounen déi dofir zoustänneg sinn, an der Gemeng ufroen. Déi Kommissioun sinn alleguerten d'leschten Dënschden zesumme komm. Onofhängeg vuneenen. Dat war d'Kommissioun vun der Mobilitéit, d'Integratiounskommissioun an d'Kommissioun vum Développement urbain. Déi sinn onofhängeg zesumme komm. Et war esou, datt de Schäfferot de Projet virgestallt huet an dann erausgangen ass fir och do net den Debat ze beaflossen an där Kommissioun. An d'Kommissioun huet hiren Avis onofhängeg ginn. An déi dräi Avise leien lech vir. Si sinn alleguerte positiv ausgefall. Eis Propos ass ugeholl ginn.

Et war wéi gesot an der Vergaangenheet esou, datt am Fong geholl d'Commission du développement urbain déi war déi Avisen zu de Stroossennimm ofginn huet oder virgeschloen huet. Dat war an der leschter Zäit net méi a mir setzen eng nei an, well eben och ënnerschiddlech Leit sollen an esou eng Kommissioun kommen. Dat ass net eleng Développement urbain. Dat sinn och aner Experten, Historiker déi an esou enger Kommissioun sollen d'Geleeënheet kréien hir Meinung ze soen a mir wëllen dann och endlech déi Lëscht déi virläit, ech mengen et sinn eng 40 Proposen déi virleien, wou an de

vergaangene Joeren Organisatiounen, Veräiner, eenzel Persounen oder wéi och ëmmer, der Gemeng Virschléi gemaach hunn d'Stroossennimm ze proposéieren, déi soll dann och vun där Kommissioun ganz genau gekuckt ginn an decidéiert ginn, wat maache mer mat deene Proposen? Déi déi net ugeholl kënne ginn aus iergendwelcher Grënn och ëmmer, da sollen déi Leit da Bescheid gesot kréien déi déi Propose gemaach hunn. An aner sollen dann awer an Ugrëff geholl ginn.

Et lounge wéi gesot och méi Propositione vir fir Stroossen ëmzebenennen. Ënner anerem war och eng Meinung déi gewiescht um Gaalgebierg eng Strooss oder eng Allée rue Nelson Mandela ze maachen. Mir hu befonnt datt mer dat zu deem Zäitpunkt esou net maachen, awer trotzdem och wëllen e Virschlag maachen um Gaalgebierg eng Allée oder wéi och ëmmer, ech schwätzen do wou d'Monument vum Dr. Welter ass, ze maachen, wou ee Leit kann éieren a wou Propose kéinte gemaach ginn. Awer dëst ënner enger Form wou een nach ze definéieren huet, wou nach soll definéiert ginn. Och Fraen, Madame Hildgen. Et war eng grouss Ausstellung am Escher Theater gewiescht iwwer Escher Resistenzlerinnen. Och Frae selbstverständlech, wou déi Proposen dann och sollen ugeholl ginn a mir hunn dat och eng ganz gutt Idee fonnt, déi mer wëlle weider ënnerstëtzen.

An et ass och esou, datt dëst déi eenzeg Ëmbenennung oder punktuell Ëmbenennung kann een elo soen, ass vun enger Escher Strooss. Et ass net esou, datt mer an Zukunft wäerten dohinner goen a soen, elo knäppe mer eis do eng Strooss eraus an do eng Strooss eraus, an da kritt déi mol en aneren Numm, well et eis net méi gefält, well et net méi aktuell ass, well well well. Dat ass absolut net de Fall. Awer hei an deem konkrete Fall d'Buerestrooss, Nelson Mandela schéngt et eis absolut déi richteg Décisioun an de richtige Virschlag ze si fir dat esou ze maachen.

Mir wëllen et awer och an e Kontext setzen. En Dënschdeg ass de Vernissage vun der Nelson Mandela Ausstellung am Musée de la Résistance wou och déi Ausstellung op kenger anerer Plaz hätt kënnte si wéi an deem Musée. Et gëtt och keng aner Plaz am Land wou déi Ausstellung hätte kënnte gewise ginn. Dee Musée ënnert sengem Direkter a mat der Amicale, mat de Frënn vum Musée, setze sech zënter éiweg dofir an fir och Resistenzler ze éieren am Kampf och géint Rassismus a fir Toleranz a Mënscherechter, an dat ass déi richteg Plaz wou se stattfënnen. En Dënschden den

Owend um 19.00 geet déi Ausstellung op an et wäert och zur Inauguratioun vun der Nelson Mandela, ancienne Buerestrooss kommen. Awer net op der Plaz, mä dat huet méi organisatoresch Ursachen, well de Botschafter net gesond ass, de südafrikanesche Botschafter wäert kommen, hätte mer virdrun net an och elo net de Wee dohinner gemaach. Et wäert awer dann och nach eng Kéier dorop agaange ginn. Wéi gesot et huet reng, wéi soll ech soen, technesch Ursachen datt mer och net wäerten dohinner goen.

A mir wëlle vun där Ausstellung profitéieren an Dir hutt bestëmmt de Programm gesinn. Déi Ausstellung ass 4 Méint do. Et gëtt en Nelson Mandela Day hei zu Esch organiséiert. Schoulen, Maisons Relais, Jugendlecher an esou weider hu sech schon ugemellt fir kënnen an dee Musée ze goen an déi Ausstellung kucken ze goen. An dat ass enorm wichteg. Et soll net eng eemoleg Saach sinn. D'Ausstellung ass 4 Méint. Et si ganz vill Aktivitéite ronderëm déi Ausstellung. Och duerch d'Land, wat flott ass. Och mat Geschäftsleit, och hei zu Esch an et geet drëms, och deene Jonken déi mat dem Begrëff Bueren oder Apartheid, Rassismus, näischt méi kënnen ufänken haut, deenen dat méi nozebréngen. A wéini ass et méi wichteg wéi grad just elo, wou bei Walen am Frankräich e Front national gewielt gëtt an aner wierklech riets-reactionnaire Reaktiounen och hei am Land, meé verstoppt, mä och hei am Land hir Weeër maachen an no bausse mengen hir Meinung mussen ze soen.

Ech wëll och kuerz op déi Bemierkung agoen: Huet deen Escher Gemengerot soss näischt ze di wéi eng Nelson Mandela Strooss ze maachen? Oh dach! Dee Gemengerot huet enorm vill Aarbecht. Dat mécht en! Dat mécht en an all Gemengerot, dat mécht en an de Kommissiounssitzungen, dat mécht en a Konferenzen, de Schäfferot schafft. Oh dach, hei ass ganz vill Aarbecht zu Esch! Awer déi notoresch Nörgler, déi mengen iwwerall mussen en Hoer an der Zopp ze fannen oder hir onqualifizéiert Meinung no bausse ze soen, mat esou Leit hu mir net vill um Hutt. D'Méiglechkeet besteet och hei zu Esch, sech ze engagéieren. Do muss een net an eng Partei goe wann een dat net wëll. A Veräiner, a Mouvementer oder wou och ëmmer, fir seng eege Meinung ze verrieden an déi och matzedeelen. Ech perséinlech kann immens schlecht mat Leit liewen, déi menge si missten onqualifizéiert Kommentaren iwwer Internet, verstoppt, anonym matdeelen, well dat sinn nämlech genau déi déi och am Hannergrond fir

egal wéi eng Projeten déi gemaach ginn, op lokalem oder nationalem Plang, de Bak oprappen awer selwer näischt maache mä just virun der Këscht setzen a sech do vun deene Falschen hir Meenung opdränge loossen. Méiglechkeete bestinn a mir sinn, mir hunn Aarbecht a mir sinn hei der Meenung, dat heiten ass richtig dës Strooss hei zu Esch ze maachen.

Wéi gesot, Wäerter wéi Fräiheet, Widderstand, Mënscherechter a villes anescht ass wichteg weiderhin de Jonken och eriwwer ze bréngen. An dat schonn an de Primärschoulen an dat wäerte mer hei zu Esch am Verbond mat dem Musée och zesumme maachen. Et ass e ganze Grupp vun éierenamtleche Leit déi déi 4 Méint wäerte present si während der Ausstellung fir matzehëllefen de Musée an deser Aarbecht och ze ënnerstëtzen an och mir als Gemeng wäerten dat selwecht maachen. Mir hunn d'Gemeng opgemaach, awer scho méi laang, wann d'Schüler aus Primärschoulen oder anere Schoulen, oder wa Maisons Relais wëllen an d'Gemeng komme fir ze wësse wat hei ofleeft, fir deenen dann och ze erklären: Wat mécht eng Gemeng? Wat ass eng Gemeng? Et ass net nëmmen eng Këscht déi impressionant ass wann een hei op der Plaz steet an dat kuckt. Mä an där Gemeng passéiert eppes. Hei si Leit déi schaffen op bestëmmten Themen. Hei si Politiker an d'iwwernächst Woch wäerten erëm 40 Schüler heihinner kommen déi hei am Sall da wäerte sinn a wou mer versichen eis Aarbecht ze erkläre wat mer maachen. A mir wäerten och an Zukunft dovunner profitéieren esou Kanner a Jugendlecher och „bäizebréngen“ wat e Politiker mécht a wéi eng Méiglechkeeten en huet a firwat Politiker sech asetzen op den ënnerschiddlechsten Niveauen. Kolleginnen a Kollegen, wéi gesot, dëst ass de Virschlag. Ech wëll awer och soen, datt mer natierlech gekuckt hunn an der Buerestrooss, wat fir eng Leit wunnen do, respektiv ginn et do och Geschäfte? Wee muss informéiert ginn an esou weider? Dat ass elo an der Woch geschitt. Mir hunn dat gekuckt an hu mat eisem Biergeramt geschwat an esoubal déi Décision geholl ass an esoubal och da vun der offizieller Säit iwwert Ministère an alles wat ee muss maache mat der Post an esou weider, déi Saachen elo kloer sinn. Mir schreiwen déi Leit all un, invitéiere se, an eist Biergeramt wäert Schichten aleeën oder eng Schicht, zwou, méi brauche se net, eng, fir kënnen all déi Donnéeën vun deene Leit mateneen, zesummen ze änneren. Hei am Biergeramt. Et ass e Service wou d'Gemeng och wäert ubidden an och bei

anere Problemer déi se um technesche Plang kéinten hunn, fir do Ennerstëtzung ze ginn, respektiv Bréiwer mussen ze schreiwen. Et geet insgesamt ëm 102 Ménagen. Da wësst Dir och, wéi vill Leit an der Buerestrooss wunnen. Et geet ëm 102 Ménagen a jiddweree wäert vun der Gemeng aus mathëllefen a mir wäerten och de Leit do entgéint komme fir dëst ze maachen.

Virun 20 Joer waren déi éischt fräi Walen a Südafrika wou dat rassistescht Apartheidsystem en Enn fonnt huet. 20 Joer duerno ass an Europa eng Tendenz amgaangen déi iwwerhaupt, an dat ass dat mannst wat ee ka soen, iwwerhaupt net gesond ass, awer och a Südafrika ass och net alles Gold wat blénkt no 20 Joer. An ech mengen, datt den Nelson Mandela och net frou ass iwwer déi Entwécklung déi seng Leit a senger Partei, dem ANC, amgaange sinn ze maachen. Ech konnt mech selwer e puermol dovunner iwwerzeegen a mat Leit schwätzen. Dat ass keng gutt Entwécklung déi do amgaangen ass. Mir wëllen op jidde Fall, a mir gesinn et esou, dat Bild Perséinlechkeet vum Nelson Mandela dat ass wat mer éieren an net dat wat elo a Südafrika amgaangen ass, wat net gesond ass a wou ech menge mer och bei de Walen a Südafrika wäerte liicht erfieren. Awer et ass och do un der Zäit datt eng Ännerung bei den Nofolger vum Mandela, an ech soe besonnesch beim aktuelle President, dem Zuma, ass et Zäit datt do och Ännerunge kommen, well e Beispill ass hien net fir dat wat de Mandela gelescht huet a senger ganzer Vergaangenheet op sengem Wee zum President an duerno. E Beispill ass hien op kee Fall.

Mir éieren de Mandela mat der Strooss, mat der Ausstellung a mat enger ganzer Rei Aktivitéite ronderëm wéi gesot, an ech géif lech alleguerte wierklech ganz häerzlech bieden, éischtens haut fir dese Virschlag ze stëmmen an natierlech nächsten Dënschden, mä ech mengen dat weess all Mënsch, datt et nëmme méiglech ass nächsten Dënschden bei de Musée ze kommen, an de Musée. Et wäert virum Musée stattfannen um 19.00, net um 17.00 wéi geplangt well nach aner Feierlechkeeten an der Stad sinn. Um 19.00 dohinner ze kommen an dann do och mat alleguerten de Perséinlechkeeten, an et kommen der vill, plus d'südafrikanesch Botschaft mat hirem Botschafter dohinner ze kommen an dann dës absolut bemierkenswäert, beandrockend Ausstellung déi am Apartheidmusée gewise ginn ass, se ass wierklech absolut beandrockend, déi dann och dohinner kucken ze kommen. Ech soen

lech e grouse Merci fir d'Nolauschteren. Den Här Bernard, den Här Huss, den Här Zwally, den Här Baum, d'Madame Freis, den Här Johanns. Den Här Bernard huet d'Wuert."

Zénon Bernard (KPL): „Merci, Madame Buergermeeschter. Merci och fir Är extensiv Stellungnam zu engem Thema wat jo awer d'Leit beweegt an Esch. Ech wëll direkt kloer stellen, dass ech ganz averstane eener, dass e Fräiheitskämpfer an e Kämpfer géint Rassismus an Apartheid an eiser Aarbechterstad Esch e Stroossennumm kritt. Den Numm Madi-ba wéi e vu sengem Vollek genannt gëtt, dee steet fir Toleranz, Fräiheet, Gläichberechtigung an d'demokratesch Muecht vum Vollek. Richtig ass och de Choix dee mer haut hei treffe wäerten, well do steet eigentlech de Fortschritt vum Gedanken a vun der Dot géint e Stat, zumindest säit 1948, géint e Stat vum Kolonialismus, vum Buerekolonialismus wéi ee seet, Rassismus an Apartheid. Deen, wéi ech elo grad gesot hunn, och wann en an engem gewëssenen Deel vun der Entwécklung vun der Geschicht e Kampf gefouert huet deen nach Versteesdemech verdéngt, huet hien awer während Jorzéngten d'Gesicht an d'Fratz vum Kolonialismus, Rassismus an Apartheid gewisen an duerfir sinn ech der Meenung, eleng duerfir, dass et gutt ass wann do de Fortschritt iwwert eng grausam Vergaangenheet gewénnt.

Richtig ass och, an domat wëll ech schlëssen, richtig ass och, dass e Mann wéi den Nelson Mandela et vläicht net verdéngt hätt grad, den Numm vun enger Strooss ze kréien déi riicht viru Brillstrooss genannt gi wär. Well dat ass esou eng traditionell Strooss, mir sinn nach haut, et gesäit ee bal kee Mënsch dee seet Place de la Résistance, mä déi Escher Leit an och en Deel vun deenen Net-Escher soe grad wéi virdu d'Brillplaz. An duerfir sinn ech der Meenung dass den Nelson Mandela et wierklech verdéngt e Stroossennumm ze kréien deen och dann Nelson Mandela genannt gëtt, well mat all Nennung vum Numm éiert een eng Politik, wéi ech virdu gesot hunn, vun der Toleranz, der Gläichberechtigung an eng Politik géint de Rassismus an d'Apartheid. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Bernard. Da mengen ech war et den Här Huss."

Manuel Huss (Déi Gréng): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschtesch. Wa mer d'Brillstrooss ëmbenannt hätten, da wier mäi Problem net dee gewiescht fir se

Mandela Strooss ze nennen, mä vill méi deen, datt se dann eben net méi Brillstrooss geheescht hätt. D'Brillstrooss ass nämlech eng Institutioon, e Begrëff, net just hei zu Esch mä wäit doriwwer eraus. Ech géing souguer woen ze behaapte bis relativ déif an d'Éislek eran ass d'Brillstrooss e Begrëff an dofir sinn ech och ganz frou datt eis Brillstrooss dann awer elo soll erhalte bleiwen.

Dann awer zum Mandela, Mandela Strooss gonn besser gesot. Vu verschiddene Säite gouf jo proposéiert fir eng Strooss an engem vun eise méi neie Quartieren, dat heescht an den Nonnewisen oder um Belval nom Nelson Mandela ze benennen. Dat wier natierlech och eng Méiglechkeet gewiescht. Ech deelen awer éischter hei d'Meenung vum Schäfferot, datt d'Mandela Strooss éischer am Brillquartier soll en Doheem fannen. Dat net just, well den Numm Mandela bei d'Thema vun der Resistenz ganz gutt passt, wéi mäi Virriedner et jo och erkläert huet, mä eben och als e Bäitrag dozou fir de Brillquartier opzewäerten. Dann ass jo awer och ganz vill driwwer diskutéiert a philosophéiert ginn, wat den Nelson Mandela selwer dovunner hale géif wa mer elo am Brillquartier d'Buerestrooss no him benennen. Géif hien dat gutt fannen, géif hien dat schlecht fannen, wier et him egal? Ech weess et éierlech gesot net wat hien dovunner hale géif. Ech kann lech awer soe wat ech dovunner halen. Dofir schwätzt a mengen Aen éischters datt mer net onbedéngt eng Strooss zu Esch brauchen déi no de Buere benannt ass. Wisou, dat huet mengen och d'Madame Buergermeeschtesch relativ gutt erkläert, dat wëll ech elo net nach eng Kéier maachen. Mä virun allem schwätzt fir mech awer dofir, datt mer dann domatter am Brillquartier bleiwen ouni awer d'Brillstrooss ëmzubenennen. E bësse suboptimal fannen ech dobäi just, datt d'Buerestrooss a Punkto Visibilitéit elo vläicht net onbedéngt déi allerbescht ass, mä éischer eng e bësse méi onscheinbar Strooss ass. A vläicht eng méi visibel Alternativ hätt a mengen Aen och kënnen doranner bestoe just den ënneschten Deel vun der Brillstrooss ëmzubenennen, also vun der Schoul oder vum Theater bis zur Kanalstrooss hin, während dann den ieweschten Deel weider d'Brillstrooss bliwwer wier. Mä bon, entscheidend si fir mech hei ganz kloer zwou Saachen. Dat ass éischters datt mer eng Mandela Strooss hei op Esch kréien an zwar an de Brillquartier. An zweetens, datt d'Brillstrooss dann awer d'Brillstrooss bleift an duerfir kann ech dem Virschlag vum Schäfferot och mat ganz guddem Gewësen zoustëmmen. Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Huss. Den Här Zwally an dann den Här Baum.“

André Zwally (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech menge mir hunn Är Argumentatioun suivéiert déi Dir hei gesot hutt. Dir hutt de Courage gehat déi leschte Kéier dee Punkt vum Ordre du jour ze huelen. Mir stelle fest, dass eigentlech an der Problematik zu der Denominatioun vun enger Strooss, wat elo wierklech eng nei Strooss ubelaangt, et manner Problemer gi wéi bei enger Ëmbenennung. Mir stellen dann also och fest, dass bei enger Ëmbenennung d'Identitéit vun de Leit am Quartier, d'Identitéit vun de Leit aus Esch, ëmmer erëm ugesprach gëtt, an dass doriwwer eraus dann ee sech net einfach kann, well mer aus enger Majoritéit an enger Oppositioun bestinn, doriwwer ewech setze wat eigentlech de Bierger vu sech als Escher Identitéit ausmécht.

Mir begrëisse vun lech dee Virschlag fir eng Kommissioun ze maachen. Mir mengen dass op Grond och vun der Diskussioun déi mer haut hunn, dat e wichtige Bestanddeel ass, well d'Geschicht vun Esch dach awer sech esou muss situéieren, dass jiddweree se versteet a stellen dann och fest, dass dat wat dann inhaltlech soll dobäi erauskommen, doduerch dass Dir en Historiker mat engagéiert fir dat ze maachen, mat den neutrale Leit déi bereet si fir an den Diskussiounen mat ze schwätzen an ze diskutéieren, datt dat dee richtige Wee ass. An doduerch dass herno eng Propos gemaach gëtt, esou wéi mer dat ëmmer gewinnt waren op Grond vun deem qualifizéierten Avis deen duerch eis Kommissiounen komm ass, kënnen mer mat der Propos fir dat doten esou ze maachen an Zukunft liewen.

Mir hu Problemer mat Deeler vun Ärer Argumentatioun, wann et dorëms geet fir Ëmbenennungen ze maachen. Ech mengen et ass fir d'Éischt wou mer dës Diskussioun féiere wat eng Ëmbenennung ubelaangt. Mir si prinzipiell dogéint wann een aus Ursachen déi een ëmmer erëm kann argumentéieren an och beleeden dat wëll maachen. Am Ufank hutt Dir gesot, dass Dir scho méi laang mat deem Gedanke spillt fir am Zentrum, wou mir eis d'Fro stellen, firwat den Zentrum? Mir sinn éischer orientéiert wann Dir sot d'Brillplaz, d'Brillstrooss an domatter de Quartier Brill well d'Resistenz do ass, dat kënnen mer éischer novollzéien. An dofir si mer och der Meenung, dass den Zentrum net onbedéngt hätt missten dee si fir kënnen eng Strooss ze benennen nom Nelson Mandela. Mä mir hunn och da mat där Argumenta-

tioun Schwierigkeeten, well mer an der Vergaangenheet oder op d'mannst esou laang wéi ech elo dobäi sinn, all Kéiers wa mer Dénominatiounen gemaach hu vu Quartieren, eis orientéiert hu wéi dat elo an den Nonnewisen ass, dass mer gesot hunn, dat wiere Wëssenschaftler déi elo géifen do kommen. Mir hunn nach aner Quartiere wéi dee vu Raemerech wou mer eigentlech eis Partnerstied genannt hunn. Et ginn och aner Quartiere wou deementspriedend dann dee Critère geholl ginn ass fir dat esou ze maachen. Ech mengen, dass och wichteg ass bei enger Ëmbenennung, an do si mer dann an der Diskussioun vun dem Matsproocherecht, dass et wichteg ass, dass och de Quartier soll mat abezu gi wann esou eng Ëmbenennung kënn. Et kann een och op Grond vun deem Villes evitéieren an deementspriedend da mit weiser Voraussicht dofir suergen, dass een eng Meenung kritt déi jiddweree versteet.

Zu der Geschicht an zu dem Rôle deen Dir elo hei mentionéiert hutt wat d'Buerestrooss ubelaangt, si mer der Meenung, dass sécherlech Villes domatter zesummenhängt datt et e rassisteschen Hannergrond huet an dass et domatter verbonnen ass, dass ëmmer erëm de Sënn vu gerecht sinn, Gerechtegkeet, Integratioun, Rassismus ëmmer wäert e Rôle spillen. An aus där Ursach déi Dir hei sot, an och aus der Diskussioun iwwert dat verstane falsch Rassismus an domatter verbonnen dann och géint dat wat Dir hei sot, si mer der Meenung dass iwwert d'Gerechtegkeet ubelaangt a wat och alles dat ubelaangt, den Nelson Mandela onbedéngt eng Strooss brauch a mir ënnerstëtzen och an deem Sënn, dass hei an Esch esou eng Strooss kënn. Fir elo et méi einfach ze maachen, sinn ech der Meenung, datt mer et begrëssen nach eng Kéier datt déi Kommissioun do gemaach gëtt. Mir sinn och der Meenung, dass ee Stroossen nach soll weider op de Leescht huelen, aus deenen Argumenter déi Dir selwer gesot hutt. Et kann net sinn datt d'Buerestrooss eleng elo deen dote Critèren ënnerworf gëtt. Et soll een och nach an där Kommissioun d'Critère festleeën, dass een um Escher Territoire alles soll entspriedend op de Leescht huelen, dofir ass den Historiker do fir eis ze beroden. An an deem Sënn, wéi gesot, wäere mer frou gewiescht wann d'Diskussiounen aneschtens verlaft wieren. Mir wäeren och frou gewiescht wann den Dossier aneschtens preparéiert gi wier, wou mer lech da leider mussen eng Datz ginn zu deem doten Deel. Mir sinn awer averstane fir d'Buerestrooss ëmzubenennen an d'Nelson Mandela Strooss. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Zwally. Den Här Baum an dann d'Madame Freis.“

Marc Baum (Déi Lénk): „Merci, Madame Buergermeeschter. Mir hu jo schonn ëfters méi kleng Diskussiounen gehat iwwer Stroossenbenennung wou et ëm Belval gaangen ass oder ëm Nonnewisen, a mir hunn do festgestallt, datt d'Stroossenbenennungen ni eppes ganz anodines ass, mä ëmmer Ulass gëtt zu Diskussiounen. Ëmsou méi Diskussiounen ginn et natierlech wa Stroossen ëmbenannt ginn. Dat heescht wann en alen existéierenden Numm verwandelt soll ginn an en neien Numm soll kréien, well et d'Identitéit vun deene Leit betrëfft déi souwuel an där Strooss wunnen, wéi awer och d'Identitéit betrëfft vu Leit déi mat där Strooss eppes bestëmmtes verbannen. Et ass e politeschen Akt wann ee Stroossen ëmbenannt, an déi lescht grouss Well vu Stroossenëmbenennungen déi hate mer hei zu Esch nom zweete Weltkrich, aus ganz verständleche Grënn. Wou mer awer och u sech harmlos wierkend Stroossennimm, wéi zum Beispill d'Industriestrooss, d'Nimm vun antifaschistesche Widderstandskämpfer gesat hunn, wéi zum Beispill de Zénon Bernard als Beispill fir en antifaschistesche Widderstandskämpfer, de Bopi vum aktuelle Conseiller hei zu Esch. Duerfir mengen ech, datt et richteg ass wann een déi Dimensioun vum Widderstandskampf déi eng Aarbechstad, wéi den Här Bernard dat virdu gesot huet, hei zu Esch ëmmer hat, datt een déi erweidert ëm d'Persoun vum Nelson Mandela, well den Nelson Mandela eng Dimensioun erabréngt déi an deenen Nimm déi mer bis elo hunn, esou net hunn. Dat ass nämlech déi vum antirassistesche Widderstandskampf. Duerfir mengen ech, datt et wichteg ass datt mer eng Nelson Mandela Strooss zu Esch kréien, grad och well mer mierken, datt deen antirassistesche Konsens dee mer gemengt hunn an deene leschte Joeren, Jorzéngte lues a lues erreicht ze hunn, och an eisen europäesche Gesellschaften, datt deen ëmmer méi bröckelt an datt et duerfir wichteg ass, e politescht Symbol an déi dote Richtung ze setzen. Dunn ass d'Fro awer opkomm, aus Grënn déi ech novollzéie kann, mer wëllen am Zentrum esou eng Strooss nennen. An ech sinn am Fong och ëmmer dovunner ausgaangen, datt déi ursprénglech Idee fir d'Buerestrooss ze nennen, datt déi zréckbehale gi wier. Dunn ass et awer esou komm, datt mer am leschte Gemengerot eng Proposition hate fir d'Brillstrooss ëmzebennenen déi fir mech relativ

iwwerraschend komm ass. Wou ech och frou war, datt déi vum Ordre du jour geholl ginn ass fir d'Diskussioun iwwerhaapt mol kënnen ze féieren, well déi ass nämlech, an dat ass ee Kritikpunkt, virdrun esou net wierklech gefouert ginn, eventuell am Schäfferot, mä op jidde Fall net um Niveau vun de Kommissiounen an net um Niveau vum Gemengerot. Mir hunn dunn als Lénk eng Proposition gemaach, déi ech jo och ganz bewusst probéiert hunn als Komproméssvorschlag ze formulieren a wou ech och frou sinn, datt de Schäfferot higaangen ass an dee Komproméssvorschlag zréckbehalen huet, souwuel wat d'Strooss ugeet déi elo soll ëmbenannt ginn, wéi awer och d'Formuléierung vun der Strooss, wéi dat da soll geschéien. Ech mengen oder als Lénk ware mer der Meinung, datt et net gutt ass, d'Brillstrooss ëmzebennenen aus verschiddene Grënn. Éischtens, well d'Brillstrooss awer fir vill Escher déi am Brillquartier gewunnt hunn, e ganz staarken Identifikationspotential hat an huet fir dee Quartier, fir am Fong och eng Immigratioun hei zu Esch. d'Brillstrooss an de Brillquartier ass synonym ginn, ass e Lieu de mémoire vun enger Immigratioun hei zu Esch an ech mengen och, datt een déi net dierf einfach esou ewechhuelen. Och hu mer geduecht datt et net richteg ass grad déi Strooss déi iwwert d'Grenze vun Esch, wäit iwwert d'Grenze vun Esch bekannt ass, ëmzebennenen a mat deene ganz vill Leit immens vill identifizierend Momenter verbanne wat d'Brillstrooss effektiv duerstellt. D'Parallelstrooss zur Brillstrooss, d'Buerestrooss, mécht awer an eisen Ae wesentlech méi Sënn. Éischtens gëtt et e konkrete Kontext tëschent dem Mandela an de Bueren, quitt datt an den 20er Joere wéi dat vum deemolege Gemengerot esou benannt ginn ass, den Hannergrond war, datt am Fong d'Bueren dee Moment en Emanzipationskampf gefouert hu géint en anere Kolonialismus an duerfir och gesot ginn ass, mä deen Emanzipationskampf ënnerstëtze mer. Et huet sech awer erweisen, datt am Fong dee méi ale Kolonialisateur wat d'Bueren dee Moment waren, selwer zu den Oppresseure gi sinn an e ganz grausame rassistesche Regime opgebaut hunn, ënner dem Numm Apartheidregime, géint deen den Nelson Mandela gekämpft huet. Dat heescht, et war net nëmme e Verdeedeger vu Wäerter, den Nelson Mandela, mä et war e Kämpfer fir aner Wäerter. An dem Mandela säi grouse Merite besteet notament doranner, datt hien et fäerdeg bruecht huet, nodeems dee Kampf gewonnen ass, net eng aner Hierarchie opstellen,

mä ebe justement d'Rechter vu Minoritéiten, wat an deem Fall d'Buere sinn, ze respektéieren an zumindest formal op e Pied d'égalité ze stellen. Wat awer net bedeit datt op där aner Säit net a Südafrika grad eng ëmsou méi krass Klassegesellschaft nach ëmmer a weider besteet. Et ass deen antirassistesche Kampf dee mir mengen deen een och am Stadzentrum soll gewürdegt ginn an deen do och seng Plaz soll huelen. Duerfir ënnerstëtze mer natierlech déi, oder si mer frou datt de Schäfferot sech déi Propos och zu eege gemaach huet, eben och grad an der Formulierung Nelson Mandela, ancienne rue des Boers, well et geet eben net nëmme drëm eng Hagiographie vum Nelson Mandela ze maachen, andeem een einfach nëmme säin Numm glorifizéiert, ma et bewusst an en historesche Kontext ze setzen. An e Kontext vun enger Lutte och, nämlech där géint en Apartheidregime an och an de Kontext vun der Namensgebung hei zu Esch a vun deenen Iwwerleeungen déi virun 100 Joer gefouert gi sinn, fir deen Numm esou ze nennen an déi Iwwerleeung déi haut gefouert gi fir deen Numm ëmzebennenen. Duerfir wéi gesot ënnerstëtze mer dat do. Mer hunn awer trotzdem eng ganz komesch Situatioun, datt mer e Gemengerot hu mat engem eenzege Punkt, nämlech dee vun där Ëmbenennung vun där Strooss. An de Virwurf, mengen ech, vun der Disproportionéiertheit fannen ech awer net ganz onberechtigt, datt mer e Gemengerot maache just zu där doter Fro. An den Här Zwally huet et virdu schonn ugedeit, datt mer et maachen huet domatter ze dinn, datt Hausaufgaben am Fong virdrun net gemaach gi sinn. Nämlech op där enger Säit den Dialog, den institutionellen Dialog mat de politesche Parteien hei zu Esch, mat hire Vertrieeder, souwuel an de Kommissiounen wéi am Gemengerot. An, wat och schonn ugeklongen ass, den Dialog mat der Populatioun aus deem Quartier selwer. Deen huet net stattfonnt oder en huet eréischt stattfonnt wéi d'Lompen awer schonn ugefaangen hunn ze sténken. An dat ass bedauerlech. Bedauerlech, well ech mengen datt dee Brillquartier och an deene leschte 5, 6, 7, 8 Joer ëmmer erëm Ulass war fir Diskussiounen. Ech wëll just kuerz un dee ganzen Heller Projet erënnere, wou eng vun deene grouse Kritike war, datt d'Populatioun net genuch mat an de Projet abezu ginn ass. A mer haten am Fong gehofft, datt de Schäfferot e bësse geléiert hätt aus där Erfahrung, nämlech datt et notament fruchtbar ass fir Projeten ze entwéckele mat der Populatioun

zesummen a mam Accord vun der Populatioun, och a grad wann een esou eng wichteg Figur wéi den Nelson Mandela éiere wëll.

Ech sinn och frou doriwwer datt elo dann endlech, a mer hoffe jo, datt et dann ëmgesat gëtt déi Kommissioun do soll zustane kommen, wou mer am Fong Diskussiounen am Virfeld kënnen féieren, iert se an de Gemengerot kommen, dann erëm vum Ordre du jour geholl ginn, dann erëm drop gesot ginn an dann op eemol Gemengerotsëtzunge si just mat engem Punkt, wou een awer d'Gefill zumindest bei Leit dobaussen novollzéie kann, datt d'Leit soen, mä hutt Dir wierklech soss keng aner Suergen oder huet Esch soss keng aner Suergen, och wann ech aus där Argumentatioun déi ech virdu gesot hunn, lech natierlech Recht ginn, datt mer déi Strooss sollen ëmbenennen. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Baum. D'Madame Freis an dann den Här Johanns."

Astrid Freis (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschtesch. Ech fannen et si wierklech e puer positiv Punkten aus deene villen Diskussiounen aus deene leschten Deeg erauskomm. Dat éischt fannen ech mol positiv, dass mer hei zu Esch eng Nelson Mandela Strooss kréien an dass se och an dee Quartier kënnt. Dat ass och wierklech ganz wichteg, well dat dann eben de Resistenzquartier ass. Ech kommen och elo net méi op déi ganz Diskussiounen zrëck. Jiddwereen ass sech jo eens, also ech géif soen, bal jiddwereen, dass den Nelson Mandela eng Strooss hei zu Esch verdéngt.

Den zweete Punkt wou ech begrëssen, dat ass dass et net méi d'Brillstrooss gëtt an ech fannen dass et och gutt ass, am Fong geholl, dass mer dat vum Ordre du jour dann erëm erofgeholl hunn, well il n'y a que les imbéciles qui ne changent pas d'avis, voilà. An dofir mengen ech dass et ganz gutt ass, dass eis Buergermeeschtesch dee Courage hat fir dat ze maachen an dat ass ganz zu hiren Éieren. Well mir hunn dann de Bierger och nogelauschtert, well si mat hirer Idee do komm sinn, iwwert déi vill Diskussiounen wou d'Leit sech am Fong dergéint gewiert hunn an ech fannen, dass do de Schäfferot an de Gemengerot dat da respektéiert huet andeems mer dann d'Brillstrooss net méi wëlles hunn Nelson Mandela Strooss ze nennen.

Den drëtte Punkt fannen ech dass et immens vläicht wichteg ass fir déi Escher Leit, dass nach eng Kéier iwwert den Ursprung vun der Buerestrooss geschwat

ginn ass, well ech sinn iwwerzeegt, dass ganz vill Leit guer net woussten, vläicht déi eeler Leit déi woussten et bestëmmt, mä déi jonk Leit woussten et vläicht net méi onbedéngt alleguerte wat d'Buerestrooss wier a wat den Ursprung wier, an dass dann och d'Diskussiounen misste plus ou moins alleguerte positiv sinn, dass déi Buerestrooss dann awer effektiv ofgeschaaft gëtt.

Dann nach dee véierten an dee leschte Punkt. Ech hu gesinn dass hei immens vill Energie, Passiounen an esou virun op den Dësch komm ass an ech hoffe just, dass déi selwechte Energie elo opkënn fir den Escher Quartier, de Brillquartier, dee wierklech net méi esou ganz gutt ausgesäit, dass do grad esou vill Energie ugewannt gëtt, wéi eis Buergermeeschtesch et scho gesot huet, et si Saachen um Programm, mä ech hoffen, dass dat wierklech duerchgezu gëtt an dass mer aus deem Quartier erëm e wierklech ganz flotte Quartier maachen, d'Brillstrooss an de ganze Brillquartier. Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Madame Freis. Här Johanns an duerno d'Madame Bofferding."

Théid Johanns (Déi Lénk): „Merci, Madame Buergermeeschter. Iwwert d'Geschicht an de Verdéngscht vum Nelson Mandela ass scho Villes gesot ginn. Déi Wichtigkeet vun där Expo Mandela stellen ech guer net a Fro, zemools et fir d'Opklärung vun eise Jonke geet. Et muss een awer elo bemierken, dass déi grouss Polemik wou iwwert eng Strooss wou no him soll benannt ginn, iwwerdimensionéiert ass. Datt eng Strooss nom Nelson Mandela an Esch benannt gëtt, stelle wuel déi wéinegst Escher Bierger a Fro. Obwuel ech déi Entscheedung déi Buerestrooss elo ëmzebennen, voll ënnerstëtzen, wär et wahrscheinlech méi einfach gewiescht, iergendeng nei Strooss an Esch déi an Zukunft gebaut gëtt no him ze benennen. Mä dat huet jo wuel net an den Timing vun där Show do gepasst. Do gehéiert dann och dozou datt d'Ausstellung Mandela onbedéngt mat der Aweigung vun der Strooss op de Carton d'invitation muss, an esou kréie mer eng Gemengerotssitzung hannert eis ouni datt iergendwelch weider Informatiounen matgedeelt ginn.

Esou zum Beispill iwwergeri mer dann och aner Froe wou den Escher Bierger sech op eise Terrain stellt. An elo nëmmen zum Beispill, ernimmen ech och massiv Ofholzung vu Beem um Escher Terrain, dobäi och uewen an der Hiehl an um

Gaalgebierg. Et gi jo gutt eng hallef Dose Plazen an Esch wou Gréngfläche geschaaft ginn a wou keen esou richtig weess wat do iwwerhaupt geschitt. Guer keng Info zu deene Projete féiert zu deenen abstruseste Gerüchter. Do gi Saache behaupt an och am ganze Minett verbreet, wou sech nëmmen negativ op eis Stad auswierke kënnen. D'Politikverdrossenheet vum Bierger huet nämlech och eppes mat Ontransparenz a schlechter oder guer kenger Informatioun bei der Stadgestaltung ze dinn. Walboycott an negativ Astellung vum Bierger zu senger Stad ass d'Resultat vun engem Gefill net méi zu senger Stad ze gehéieren. An dobäi wëll ech nach eng Kéier bemierken, datt och all Aktivitéiten an Esch oder ëm Esch missten op den Ordre du jour vum Gemengerot kommen, fir datt deen och ka Riet an Äntwert stoen. Well wa mer sollte vergiessen, mir all heibanne vertrieben den Escher Bierger, mä iergendwéi gesäit et aus wéi wann de Gemengerot lues a lues géif ageschléifert ginn. Wa mer e ganze Gemengerot fir e Stroossennumm maachen, muss jo awer och Plaz si fir eigentlech méi wichteg Themen an dat am Respekt virum Escher Bierger fir datt hie sech net virun e Fait accompli gestallt fillt an an den Eck gedréckt fillt, an da frustréiert iwwert seng Stad lamentéiert. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Johanns. D'Madame Bofferding."

Taina Bofferding (LSAP): „Merci. Kolleginnen a Kollegen, ech wëll drop hiweisen, dass nom Doud vum Nelson Mandela eng Partie Gemengen a Stied Initiativen ergraff hu fir Stroossen oder Plazen no him ze benennen. An dat zu Recht fir eben den Nelson Mandela als Kämpfer géint de Rassismus an d'Ennerdrückung ze éieren, deem et gelonge war vum agespaarte Fräiheitskämpfer zur Symbolfigur vun der Demokratie ze ginn.

Ech wëll awer och drop hiweisen, dass et och Gemengeréit ginn déi de Schrëtt gewot hu bestoend, also keng nei Stroossen a Plazen ëmzedeeften. Déi Propos haut vum Schäfferot ass also elo näischt aussergewéinlech. Zu Berlin zum Beispill do huet sech eng Biergerinitiativ zesumme gedoe fir esou eng U-Bahnstatioun déi den Numm Mohrenstrasse dréit an Nelson Mandela ëmzedeeften, mam Argument dass et héchsten Zäit ass dass den éischte schwaarze President vun Südafrika an der däitscher Haaptstad geéiert soll ginn a Schluss soll gemaach gi mat der kolonialrassescher a rassistescher

lerfschaft. Zu Wien, e weidert Beispill, hu sech Leit mobiliséiert fir d'Karl Lueger Plaz nom Nelson Mandela ëmbenennen, well hien e Virbild fir jiddwereen ass an den Antisemit Lüger net. Zu Tréier gëtt et eng Schoul déi heescht Nelson Mandela Realschule plus Trier. Op hirer Homepage schreiw si: 'Fir eis Schoul steet den Nelson Mandela fir Antirassismus, Beharrlechkeet, Iwwerzeugung, Wonsch no Fräiheet, Versöhnung an Toleranz. Déi Wäerter versiche mer eise Schülerinnen a Schüler ze vermëttelen. Et motivéiert een dass et Mënsche ginn deenen dës Haltung international zum Erfolleg verholfen huet an déi ons duerch hiert Virbild an eiser Aarbecht ënnerstëtzen.'

Kolleginnen a Kollegen, vergiesse mer net dass d'Stad Esch och dës Wäerter vertritt, fir dës Wäerter steet an dofir passt eng Nelson Mandela Strooss ganz gutt an eis Gemeng. E jonkt Meedchen huet mer an engem Gespréich gesot, dass wann et géif d'Propos gi fir déi Strooss an där hatt wunnt an Nelson Mandela ëmzebenennen, wär hatt frou. Net well hatt mengt, dass mam Numm vu senger Strooss eppes net stëmmt, mä well et gären an enger Strooss géif wunnen déi no enger vun de beandrockenste Perséinlechkeete vun der zweeter Hallschent vum leschte Jorhonnert benannt wär.

Nun, vill Opreegung ass komm wou dës Iwwerleung zu enger Nelson Mandela Strooss d'Ronn gemaach huet. Jiddwereen huet d'Recht sech seng Meenung dozou ze maachen déi och zum Ausdruck ze bréngen. Net gëlle loossen ech allerdéngs, an do schléissen ech mech och de klore Wieder vun der Madame Buergermeeschter un, esou e Virwurf à la „hutt Dir soss näischt besseres ze dinn?“ „Hu mer soss keng aner Problemer?“. Dach, mir hu Problemer an eiser Gemeng an ëm déi këmmere mer eis och. Mir kënnen ganz gutt Projete fir Chômeure lancéieren, fir déi erëm an den Aarbechtmarché ze integréieren. Mir kënnen Schoule renovéieren, sanéieren. Mir kënnen den Hondsdreck vun der Strooss ewech maachen an nawell kënnen mer dohinner goen an eng Strooss nom Nelson Mandela ëmbenennen. An deem Kontext begrësse mir et als sozialistesche Fraktioun, dass de Schäfferot sech kenger Diskussioun entzitt a sech eben och elo beméit, wéi mer héieren hunn, op all eenzel Bréif an Email ze äntwerten.

Positiv ass och, dass vereenzelt Kommissiounen dann elo ëm hiren Avis gefrot gi sinn, ganz am Zeeche vun der Participatioun an der Transparenz, an awer och am Sënn vun der Wäertschätzung vun der Kommissioun wou si invitéiert gi

sinn, hir Meenung zum Ausdruck ze bréngen. Ech muss awer och soen, an elo kennt de berühmte berüchtigte mä, mir vun der sozialistescher Fraktioun hätten et awer besser fonnt direkt dës Wee vläicht anzeschloen, direkt d'Leit mat anzebannen, op den Terrain ze goen an esou den Dialog ze sichen. Dat wär um Niveau vun der Informatioun an och vum Verständnis méi einfach a vläicht och méi logesch gewiescht.

Nun, wa vill diskutéiert gëtt, muss dat awer net onbedéngt als negativ bewäert ginn. Säit laangem, an dat muss een och éierlech agestoen, säit laangem ass net méi esou ausféierlech iwwert eise Brillquartier geschwat ginn. Op eemol sinn och Leit déi am Eislek déi scho matgedeelt hunn, dass se schonn eng Kéier an der Brillstrooss isse waren oder scho mol eng Kéier sech hei an Esch verluer hunn. Deemno war d'Diskussioun de Punkt vum Ordre du jour vun eiser leschter Gemengerotssitzung ze huelen, richtig. Elo sinn d'Debatte lass getrëpelt ginn an d'Problemer an deem Quartier nees thematiséiert ginn. Woubäi sech vill Leit agemëscht hunn, wat och gutt ass.

Et gëtt ee sech awer och erëm an deem Kontext bewosst wéi sensibel dës Quartier ass. Ech mengen awer och, an do si mer eis alleguerten heibanne bewosst, dass am Verginn vun engem Stroossennumm Problemer an engem Quartier net mat engem Schlag geléist ginn. Dass an deem Quartier hei nach mussen Efforte gemaach ginn, ech mengen do si mer eis alleguerten eens.

Mä elo awer zur konkreter Propos vum Schäfferot. D'sozialistesche Fraktioun ass am Géigesaz zur CSV der Meenung, dass Nelson Mandela eng Strooss matten am Häerz vun Esch verdéngt huet. A wéi eng Strooss géif sech da besser eegene wéi d'Buerestrooss? Well wann et eng Strooss gëtt fir ëmzebenennen, da sécherlech dës. An zur Remarque vum Här Johanns, jo, et wär sécherlech méi einfach gewiescht eng nei Strooss ze huelen. Et hätt manner Diskussioun bruecht, mä et hätt awer sécherlech net deen nämlechen Impakt gehat oder déi nämleche Symbolik wéi eben elo d'Buerestrooss ëmzebenennen.

An d'Madame Buergermeeschter huet och vollkommene Recht wou se virdu betount huet, dass d'Buerestrooss eigentlech scho längst hätt missten ëmbenannt ginn. D'sozialistesche Fraktioun stëmmt dëser Propos also vum Schäfferot zou. Wichteg fir eis ass awer och, dass d'Awunnerinnen an d'Awunner aus der Buerestrooss keng finanziell Contrainten doduerch hunn, zum Beispill wa se elo

sollen den Auto ëmbenennen oder soss mat weideren Ëmmeldungen, mengen ech ass et wichtig, dass d'Gemeng hinnen och entgéint kennt. Dofir ass et gutt, dass d'Biergeramt do och de Service ubitt, dass mer net nëmmen hei eng politesch Décisioun huelen, mä dass och d'Gemeng de Service an d'Hëllef fir d'Escherinnen an d'Escher offrëiert.

Kolleginnen a Kollegen, loost eis haut de politesche Courage hunn deen eis Virgänger bis elo net haten. Loosse mer d'Argument, 'den Numm stéiert jo kee méi, e steet jo net méi fir Rassismus an Ënnerdréckung, well d'Strooss eng Tradition huet', loosse mer dat Argument net méi gëllen. Mir Sozialiste sinn der Meenung, dass eng Buerestrooss keng Daseinsberechtigung méi huet. Weder am Quartier Brill nach soss anzwousch an Esch. Eiser Gemeng géing deemno eng Nelson Mandela Strooss besser zu Gesiicht stoen. Haut hu mir d'Chance en Zeechen ze setze géint Rassismus an Ënnerdréckung a fir Toleranz a Mäeneen, ganz am Sënn vun eiser villfälteger soziologescher, sozialer, kultureller, lokaler Awunnerstruktur. Loosse mer och eis Kanner drun Deel huelen. Et ass flott an deem Kontext, an dat net nëmmen am Kader vun der Expo déi elo d'nächst Woch hir Dieren opmécht, mä et ass och flott dass Kanner kënnen mat agebonne ginn. D'ganz Escher Kanner, duerch sozio-educativ Projete ronderëm d'Perséinlechkeet vum Nelson Mandela, awer och zu den Theme Rassismus, Mënschelechter a Resistenz. Duerfir Kolleginnen a Kollegen, loosst eis haut zesummen en neit Kapitel opschloen.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz

(LSAP): „Merci, Madame Bofferding. Mir géifen dann, oder ech géif dann nach op e puer Punkte just wëlle ganz kuerz agoen. Fir d'Éischt mol, dem ganze Gemengerot e grouse Merci fir déi Diskussioun an déi Virschléi, déi konstruktiv Diskussioun déi och haut heibanne gefouert ginn ass. Déi wahrscheinlech och gutt war, haut gefouert ze ginn an net déi leschte Kéier, well et hätt einfach dem Respekt virum Mënsch an der Benennung vun der Strooss, dem Nelson Mandela, wier et net gerecht ginn. Wéi ech ganz am Ufank wou ech dësen Dossier virgestallt hunn, gesot hunn, huet de Schäfferot reagéiert op déi Kritiken déi komm sinn an och op déi Bemierkungen déi haut komm sinn. Dat ass och gutt esou. Mir hunn och erkläert, mir sinn eis bewosst wat dat ausgeléist huet an et ass och wichtig dofir gewiescht dësse Punkt vum Ordre du jour ze huelen. Do sti mir voll hannendrun. Op där anerer Säit och,

hannert all deenen Diskussiounen déi ... Ech schwätze wierklech vun deenen Diskussiounen a Mailen déi komm sinn, déi konstruktiv waren, net vun deenen déi vun enger bestëmmter Tendenz kommen.

D'Kritik e Gemengerot zesummen ze ruffe wéinst just engem Punkt an de Gemengerot wëllen aschlofen ze loosse, kann ech esou net toleréieren, well ech mengen datt eise Gemengerot hei zu Esch awer grad just deen ass, deen am meeschten zesumme kënnt am ganze Land. Mir kommen all Mount zesummen a wa mer et fir néideg fannen, méi oft. Hunn och elo kee Problem domatter gehat, ze gesinn an anzegegoen, datt hei huet missten e Punkt vum Ordre du jour geholl ginn d'leschte Kéier, dee méi ausféierlech muss erkläert ginn, och am Hannergrond an an de Kommissiounen déi virdu stattfonnt hunn. A wann ech da bei de Kommissiounen sinn, dann ass dat jo am Fong geholl déi Plaz vun eis heibannen, vun de Gemengerotsmember, Kommissiounen, déi Plaz wou Virschléi vum Schäfferot kënnen ausféierlech debattéiert an diskutéiert ginn. Dir wësst, datt et och ëmmer erëm vu Kommissiounen Avis négatifs gi sinn oder punktueller. Et war net ëmmer Eestëmmegeeket gewiescht, dann ass et déi Plaz wou dat ka geschéien. Mä da fuerderen ech awer och all Partei op dohinner ze

kommen an an deene Kommissiounen dovunner ze profitéieren vun der Geleeënheet do mat ze diskutéieren.

Ausserdeem huet de Gemengerot sech ni, och net an der Vergaangenheet, gescheit, oder de Schäfferot vill méi, gescheit Motiounen oder Diskussiounspunkte vu Gemengerotsmember vun der Oppositoun op den Ordre du jour ze huelen. Dat war ëmmer, dat ass d'Recht, dat war ëmmer de Fall. Mir fannen et dat Normalst, dat ass d'Recht a mir wäerten och domatter weiderfueren, dofir dot kee sech en Zwang un, wann ee wëll datt de Schäfferot oder eis Koalitioun net genuch iwver verschidde Punkten diskutéiert, hei ass d'Plaz. Bréngt et heihinner.

Op d'Kommissiounen, wéi gesot, sinn ech agaangen. Dräi Kommissiounen hu getagt, onofhängeg, ouni Präsenz vum Schäfferot dës Woch. Déi ware sech kloer gewiescht. Op all déi Interventiounen hin, schléissen ech datt mer e Vote unanime wäerte kréien. Ech wëll lech awer net verstoppen, datt den Här Pim Knaff, deen haut de Moien net ka komme well hie schafft, iwver Mail matgedeelt huet, falls et iergendeen heibanne vun eis géif interesséieren, huet hie geschriwwen, da géif hien och fir de Virschlag stëmmen dee virläit, rue Nelson Mandela, ancienne Buerestrooss. Hien huet eis dat matgedeelt. Dat wollt ech awer och hei soen, dat heescht och mat

der DP hirer Ënnerstëtzung déi elo net hei ass a leider kee Vertrieder elo heibannen huet, ass den Här Knaff, wéi gesot d'DP ënnerstëtzt dat.

Ech soen nach eemol e ganz grouse Merci. Invitéiere wéi gesot dann elo mir alleguerten op d'Inauguratioun vun der Casa d'Italia déi um 11.15 ass an en Dënschden op d'Aweigung vun der Ausstellung, ouni awer natierlech ze vergiesse, datt mer elo fir d'éischt ofstëmme mussen. Merci alleguerten."

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Manuel Huss – M. Théid Johans – M. Martin Kox – M. Georges Mïscho – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal décide à l'unanimité d'opérer la dénomination suivante: RUE NELSON MANDELA, ancienne Rue des Boers.

Résumé en français de la séance du Conseil communal du 25 avril 2014

(Pour le détail des votes, veuillez consulter le texte luxembourgeois.)

1. Dénomination d'une rue

«Nelson Mandela»; décision

Vera Spautz (LSAP) explique qu'il y a eu déjà maintes propositions de donner le nom de Nelson Mandela à une rue eschoise et surtout de renommer la rue des Boers. On a donc décidé de procéder à une telle nomination lors de l'exposition Nelson Mandela à Esch. Le collège échevinal voulait que cette rue soit située au centre ville pour qu'elle puisse former ensemble avec la place de la Résistance, le Musée de la Résistance et le boulevard JF Kennedy un Quartier de la Résistance.

Le Musée de l'Apartheid de Johannesburg était d'avis que Nelson Mandela, un homme de la réconciliation, aurait été opposée à l'idée de renommer la rue des Boers. Mme Spautz pense cependant que les responsables du Musée ne connaissent pas l'histoire de la rue eschoise et explique que la

rue a été nommée dans les années 1920 par M. Scheidweiler, un partisan de Paul Kruger qui était un héros des boers, donc avant que les boers ont introduit l'apartheid en Afrique du Sud en 1948.

Mme Spautz est convaincue qu'il n'y a jamais eu de discussion concernant l'idée d'une rue Nelson Mandela à Esch, mais seulement des commentaires xénophobes et racistes. Même toute une partie des habitants de la rue du Brill était d'accord avec l'idée de renommer leur rue en rue Nelson Mandela. Mme Spautz rappelle qu'il y a d'ailleurs déjà des rues à Esch qui portent les noms de résistants, et aussi des noms de résistants luxembourgeois.

Elle explique ensuite qu'il y a eu une certaine opposition des gens du quartier, non pas contre la personne de Nelson Mandela, mais contre l'idée de donner un nouveau nom à la rue du Brill. Le collège échevinal a eu des

discussions avec ces gens et continuera à en avoir. Il est évident que le dialogue avec les résidents aurait dû se faire d'une autre façon. Mme Spautz énumère ensuite tous les projets destinés à améliorer la situation dans ce quartier.

Le collège échevinal a retiré entretemps l'idée de renommer la rue du Brill et propose maintenant, après consultation des commissions compétentes et de plusieurs historiens, de renommer la rue des Boers en « rue Nelson Mandela, ancienne rue des Boers ».

Mme Spautz explique que Bettembourg a déjà une place Nelson Mandela et que dans beaucoup de pays du monde il y a des rues ou bâtiments qui portent le nom de Nelson Mandela.

On formera une nouvelle commission qui devra s'occuper dorénavant des propositions pour les noms de rues. Il n'y aura cependant pas d'autres changements de noms de rues existantes.

L'inauguration de la rue Nelson Mandela se fera lors du vernissage de l'exposition Nelson Mandela au Musée de la Résistance. Elle ne pourra pas se faire sur place parce que l'ambassadeur sud-africain qui assistera au vernissage est souffrant. L'exposition durera 4 mois et y seront organisée une multitude d'activités, comme par exemple un « Nelson Mandela Day ». Vu les résultats du Front National en France, Mme Spautz souligne l'importance d'une telle exposition surtout pour l'éducation des jeunes.

Concernant la question, si le collège échevinal d'Esch n'a pas d'autres problèmes que de renommer une rue, Mme Spautz souligne que le collège a beaucoup de travail et beaucoup d'autres problèmes. Mais elle a aussi un grand problème avec les rôleurs notoires qui ne font rien d'autres que de faire passer des commentaires superflus par internet et de cracher leur venin de manière anonyme à propos de tous les projets locaux et nationaux au lieu de s'engager dans la politique, dans des associations ou des mouvements.

Le Biergeramt aidera les 102 ménages de la rue des Boers à faire tout ce qui est nécessaire pour le changement de leur adresse.

Mme Spautz regrette les développements récents en Afrique du Sud et craint que Nelson Mandela ne serait pas du tout content avec les nouveaux courants dans son parti, l'ANC. Elle pense que l'actuel président Zuma n'est pas un bon exemple pour le travail de Nelson Mandela.

Zénon Bernard (KPL) est d'accord avec l'idée de nommer la rue d'une ville ouvrière d'après un éminent combattant pour la liberté et contre le racisme. Il est aussi d'avis que Nelson Mandela mérite mieux que de donner son nom à une rue comme la rue du Brill que les habitants d'Esch auraient continué à appeler de son ancien nom.

Manuel Huss (Déi Gréng) est d'avis que la rue du Brill est une des rues les plus connues du pays et il se réjouit du fait qu'elle peut garder son nom. Il préfère cependant l'idée de renommer une rue dans le quartier Brill pour revaloriser ce quartier au lieu de nommer une nouvelle rue d'après Nelson Mandela. Il pense que la ville d'Esch n'a pas besoin d'une rue nommée d'après les boers mais regrette cependant qu'il s'agit d'une rue de peu d'apparence.

André Zwally (CSV) pense qu'il est plus facile de nommer une nouvelle rue que de renommer une rue existante et que l'on ne peut pas dans ce cas ignorer l'avis des citoyens. Il se réjouit de l'idée de former une nouvelle commission.

M. Zwally ne comprend pas l'argumentation qui veut que la rue Nelson Mandela devrait se trouver au centre ville ou dans le quartier Brill. En tout cas, on aurait dû associer les habitants du quartier aux discussions. Il n'est pas d'accord avec la manière avec laquelle ce dossier a été traité.

Il supporte cependant l'idée d'une rue Nelson Mandela à Esch et pense que l'on devrait même étudier la possibilité de renommer d'autres rues.

Marc Baum (Déi Lénk) rappelle que le fait de renommer une rue est un acte politique et que les derniers changements de noms de rues se sont faites, pour des raisons évidentes, après la 2^e Guerre Mondiale. Il se rallie aux propos de M. Bernard et regrette que le consensus antiraciste qu'il avait cru acquis soit en train de se dissoudre. Cette attribution de nom de rue est donc un important symbole politique.

M. Baum explique que la proposition de renommer la rue du Brill a été une surprise et regrette qu'il n'y ait pas eu aux commissions et au Conseil Communal de discussions préalables à cette proposition. Il se réjouit cependant que le collège a retenu la proposition de son parti concernant la rue des Boers. Son parti était contre l'idée de renommer la rue du Brill parce que cette rue est un symbole de l'immigration à Esch et puisqu'elle est connue même hors des frontières de la ville.

Le grand mérite de Nelson Mandela n'est pas seulement qu'il était un combattant pour de nouvelles valeurs mais qu'il a par après respecté les droits des minorités, c.-à-d. des boers.

M. Baum regrette qu'il n'y ait pas eu de discussions préalables avec les résidents de la rue du Brill. Il aurait cru que le collège échevinal aurait tiré ses leçons des problèmes autour du projet Heller. On aurait ainsi pu éviter de fixer un Conseil Communal avec un seul point à l'ordre du jour. M. Baum comprend à cet égard les gens qui se demandent si le Conseil Communal n'a pas d'autres problèmes à traiter que de discuter du nom d'une rue.

Astrid Freis (LSAP) se réjouit du fait qu'il y ait une rue Nelson Mandela à Esch et que ce ne soit pas la rue du Brill. Elle est contente que la discussion à propos de la rue des Boers a su rappeler aux gens, et surtout aux jeunes, l'origine de ce nom. Mme Freis espère que la même énergie sera dépensée maintenant pour la revalorisation du quartier Brill.

Théid Johanns (Déi Lénk) pense que cette discussion est surdimensionnée et superflue. Il aurait été plus simple de donner le nom de Nelson Mandela à une nou-

velle rue mais cela n'aurait probablement pas convenu au timing de l'exposition.

Entretemps, la commune déboise massivement des terrains dans la Hiehl et au Galgebiert sans que personne n'ait des informations à ce sujet. M. Johanns explique que la désaffectation des citoyens à propos de la politique est aussi due à un manque de transparence. Il rappelle que les conseillers doivent pouvoir répondre aux questions des citoyens et il lui semble que le Conseil Communal est en train d'être anesthésié.

Taina Bofferding (LSAP) donne des exemples d'autres villes qui ont donné le nom de Nelson Mandela à des rues ou des écoles ou qui ont renommé des rues qui portaient le nom de personnalités racistes.

Elle se rallie aux propos de Mme Spautz concernant la question, si le collège échevinal d'Esch n'a pas d'autres problèmes que de renommer une rue et se réjouit du fait que les commissions ont pu donner leurs avis concernant la rue Nelson Mandela. La fraction du LSAP aurait cependant préféré si on avait cherché le dialogue avec tous les partis concernés avant la présentation du projet. Un point positif est cependant que dû à cette discussion, les problèmes du quartier Brill ont été au centre des intérêts. Ces problèmes ne seront cependant pas résolus par l'attribution d'un nom à une rue.

Contrairement à M. Zwally, la fraction du LSAP est d'avis que Nelson Mandela doit avoir sa rue au centre ville et contrairement à M. Johanns, il est d'avis que le fait de nommer une nouvelle rue n'aurait pas eu le même impact que le fait de renommer la rue des Boers.

Mme Bofferding se réjouit de l'aide offerte par le Biergeramt aux résidents de la rue des Boers.

Les socialistes sont d'avis qu'une rue des Boers n'a plus sa place à Esch et qu'il est temps de faire passer un message contre le racisme et l'oppression et pour la tolérance, un message qui sera en phase avec la structure sociologique, sociale et culturelle de notre population locale.

Vera Spautz (LSAP) explique à M. Johanns que le Conseil Communal d'Esch est le plus actif de tout le pays puisqu'il se réunit mensuellement et rappelle que le collège échevinal accepte depuis toujours toutes les propositions des partis pour ajouter des points à l'ordre du jour des séances du Conseil Communal. Elle invite en outre tous les partis à participer en nombre aux réunions des différentes commissions. Mme Spautz informe le Conseil Communal que M. Knaff du DP a fait savoir par email que son parti est favorable à la proposition du collège échevinal. (Vote)

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Manuel Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseiller absent:

M. Pierre-Marc Knaff

Page

Réunion à huis-clos

1. Questions de personnel (présentation de candidats, nominations aux emplois, promotions, démissions); décisions
2. Office social: désignation de deux membres du Conseil d'Administration de l'Office Social de la Ville d'Esch-sur-Alzette; décisions

Réunion publique

- | | |
|--|----|
| 3. Information au public des décisions de personnel | 15 |
| 4. Correspondance | 15 |
| 5. Intégration: | 15 |
| a) Pacte d'Intégration 2011-2014; présentation et discussion des conclusions | 15 |
| b) Plan local d'intégration; présentation de la démarche à suivre et d'une convention avec 4Motion | |
| 6. European Coalition of Cities against Racism: adhésion de la Ville d'Esch-sur-Alzette; décision | 22 |
| 7. Urbanisme: rue Nelson Mandela, ancienne rue des Boers: aides fournies aux riverains; information | 24 |
| 8. Conventions: | 25 |
| a) Parking Aloyse Meyer: projet de convention à soumettre à Arcelor-Mittal; décision | |
| b) Convention avec la Kulturfestival asbl; décision | |
| 9. Discussion concernant les négociations sur le traité de libre-échange entre l'Union européenne et les États-Unis, dénommé TTIP (ou TAFTA) | 28 |
| 10. Questions de personnel; décision | 34 |
| 11. Nomination d'un nouveau titulaire au poste de préposé de la nature et des forêts du triage d'Esch-sur-Alzette; avis | 34 |
| 12. Contrats de bail; décision | 35 |
| 13. Relevé et rôle supplétif; décision | 35 |
| 14. Commissions consultatives: modifications; décision | 35 |
| 15. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision | 35 |
| Résumé en français | 37 |



**Sëtzung vum Escher Gemengerot
Freideg, de 16. Mee 2014**

3. Information au public des décisions de personnel

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Gudde Moien nach eemol, Kolleginnen a Kollegen, komme mer zu eiser ëffentlecher Sitzung. Décisioune vum Personal hu mer haut keng an eiser ëffentlecher Sitzung, esou datt mer direkt zu den Haaptpunkte kënnen iwwergoen. Si gi matgedeelt wéi ëmmer, selbstverständlech.“

A) Démissions.

1) Démission honorable à accorder, sur sa demande, et avec effet au 1^{er} octobre 2014, à Madame Maggy Koenig, maîtresse d'éducation physique auprès de l'enseignement fondamental.

2) Démission à accorder, sur sa demande, et avec effet au 1^{er} mars 2015, à Monsieur Jean Noel, artisan dirigeant au département des travaux municipaux.

3) Annulation, sur demande de l'intéressée, de la décision prise par le conseil communal lors de sa séance du 4 avril 2014, décision aux termes de laquelle démission des fonctions de rédacteur a été accordée à Madame Tessie Reiland, affectée au service à l'égalité des chances.

B) Application de l'article 90 de la loi communale modifiée du 13 décembre 1988 qui stipule entre autres qu'en cas d'empêchement de longue durée du secrétaire communal ou de vacance de son poste, un remplaçant est désigné par le conseil communal, sous l'approbation du ministre de l'Intérieur.

Monsieur Jean-Paul Espen est chargé du remplacement à longue durée du secrétaire communal.

C) Régularisation.

Modification de deux décisions du conseil communal du 7.3.2014.

D) Promotions.

Carrière de l'expéditionnaire administratif. Promotion avec effet au 1^{er} juin 2014 de Monsieur Stéphane Dabée, commis (grade 7), affecté au service de la recette communale, aux fonctions de commis principal (grade 8).

Carrière de l'artisan.

Promotion avec effet au 1^{er} octobre 2014 de Monsieur Marco Heyar, premier artisan principal (grade 7) depuis le 1^{er} juillet 2003, aux fonctions d'artisan dirigeant (grade 7bis).

E) Question de personnel (agents à engager sous le régime du salarié).

1) Engagement à durée indéterminée de Madame Mara Conrardy comme éducatrice diplômée pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville.

Le degré d'occupation du nouveau titulaire est fixé à 40/40^{èmes}.

2) Engagement à durée indéterminée de Madame Anne Fischer comme éducatrice diplômée pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville.

Le degré d'occupation du nouveau titulaire est fixé à 40/40^{èmes}.

3) Engagement à durée indéterminée de Madame Jennifer Kreins comme éducatrice diplômée pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville.

4) Engagement à durée indéterminée de Madame Aurélie Martinez comme éducatrice diplômée pour les besoins des structures socio-éducatives de la Ville.

Office Social.

Désignation de deux membres du Conseil d'Administration de l'Office Social de la Ville d'Esch-sur-Alzette:

Ont été désignés: M. Christian Schumacher et Mme Colette Kieffer.

4. Correspondance

5. Intégration:

a) Pacte d'Intégration 2011-2014; présentation et discussion des conclusions

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP):

„Mir kommen dann zu eisem Haaptpunkt wat d'Integratioun hei zu Esch, just aledend zwee Sätz. Den Här Codello wäert de Pacte d'Intégration virstellen an de Plan local d'Intégration. Ech wollt awer drun erënneren, mir hu gëschter, virgëschter an den Nonnewisen déi nei Wunnengen ageweit mam Fonds de Logement. E Block vum Fonds de Logement an e Block vun der Escher Gemeng, an ech hat do nofroe gelooss wat fir eng Leit dohinner kommen an do huet sech erausgestallt, datt mer an eisem Lot 4N, deen elo do iwwergaangen ass, 12 verschidden Nationalitéite wunnen hunn. Dat si 17 Lëtzebuurger, 7 Portugisen, 7 Ex-Jugoslawen, dat heescht 4 aus dem Montenegro, 1x Kosovo, Serbien an 1x Bosnien, 6 Fransousen, 2 Polen, 1 Italiener, Belsch, Englänner an 1 Estländer. An dat beweist eigentlech déi geliefte Politik Mixitéit a geliefte Integratiounspolitik déi mer hei zu Esch virliwien, datt mer net dovunner schwätzen, mä se ëmsetzen. Ech wollt dat just mat als Zuelen eraginn, ier ech selbstverständlech elo dem Här Codello d'Wuert ginn. Här Codello.“

Schäffen Daniel Codello (LSAP):

„Merci, Madame Buergermeeschter. De Gemengerot huet am Dezember 2008 eestëmmeg eng Motioun gestëmmt fir sech eemol am Joer mat dem Integratiounssujet ze befaassen a mir hunn als Schäfferot geduecht et wier de richtege Moment fir d'Konklussioune vum Pacte d'Intégration hei virstellen deen iwwer 3 Joer gelaf ass a vläicht wéilt ech dann och do uschlësse wou d'Madame Buergermeeschter gesot huet, mat den neiste Populatiounstatistiken op den 2. Mee. Mir loossen eis als Schäfferot déi all Mount kommen, an op den 2. Mee hunn hei an Esch ganzer 32.767 Leit gewunnt an dovunner 16.332 Fraen a 16.435 Männer. 120 verschidden Nationalitéiten op den 2. Mee. 43% Lëtzebuurger a knapp 57% Net-Lëtzebuurger. Dëst ass e Bild wat déi divers Gesellschaft hei an Esch reflektéiert. Dat sinn net nëmmen plakesch Zuelen. Ech wëll lech ganz kuerz soen, datt op den 2. Mee 14.484 Lëtzebuurger hei an Esch gewunnt hunn. 11.149 portugisesch Matbierger déi domatter mat 36% natierlech déi gréisste Net-Lëtzebuergesch Communautéit ausmaachen. Da kommen d'Fransouse mat 1.539 Awunner an da kënn d'Italiesch Communautéit mat 1.249 Awunner. Et muss een do soen, datt dat Traversement tëschent der italienescher an der franséischer Communautéit héchstwahrscheinlech a ganz ville Fäll och drop zrëck ze schlëssen ass, datt ganz vill Italiener d'duebel Nationalitéit ugeholl oder souguer Lëtzebuurger an der drëtter Generatioun gi sinn, datt déi Zuel do esou erfogaangen ass, mä wat awer ganz interessant ass, dass d'franséisch Communautéit wiest a mir hunn och virun allem e grousst Uwuesse vu verschiddene Populatiounen aus der Balkanregioun. Virun allem d'montenegrinesch Communautéit déi constamment wiest. Dofir, Madame Buergermeeschter, an dat hutt Dir och schonn aledend gesot, Integratiounspolitik ass hei an Esch nach ëmmer eng politesch Noutwendegkeet gewiescht an eng politesch Prioritéit an ass och hei am Gemengerot ëmmer flott argumentativ diskutéiert ginn an et ass ëmmer Unanimitéit gewiescht wann d'Majoritéitsparteien heihinner kann si fir d'Integratiounspolitik mat den Objektiv virstellen a sech och déi noutwenneg Projeten a Budgete stëmmen ze loossen. De Gesetzestext iwwer d'Integratioun vum 16. Dezember 2008 seet ganz kloer an engem vu sengen éischten Artikelen, datt d'Integratioun virun allem um lokalem Niveau spillt. Dëst gëtt de Gemengen an der Integratiounspolitik eng ganz wichteg Roll bäi an dofir ass

och ze bemierken, datt zënter deem Gesetz all Gemeng hei am Land muss eng kommunal Integratiounskommissioun hunn. Virdu war et jo am Gesetz esou, datt nëmmen déi Gemengen déi en Auslännerundeel vun 20% opgewisen hunn, hunn esou eng Kommissioun misste virweisen. Mä et ass elo esou, datt sämtlech Gemengen hei am Land müssen eng aktiv Integratiounskommissioun hunn. Mir hunn déi Integratiounskommissioun och a mir, kann ech nëmme soen, mir komme monatlech zesummen als Integratiounskommissioun a befaassen eis mat deenen diverste Sujeten.

Integratiounspolitik ass eng transversal Politik well se vun all Ressort betraff ass oder all Ressort ass betraff vun Integratiounspolitik. Dat hu mer hei am Haus, wann een esou däerf soen, agesinn an de viregte Schäfferot huet dunn eng Décisioun geholl gehat déi och scho bal eng good practice ass wat d'Réforme administrative ugeet a mir hunn och ganz positiv Experienze do derbäi gemaach, datt de Schäfferot en Aarbechtsgrupp an d'Liewe geruff huet wou all Service deen no mat Integratiounspolitik betraff ass, sech an deem Aarbechtsgrupp do erëmfonnt huet a mir hu mat all deene Servicer Diskussiounen gefouert an all déi Servicer hunn och hir Projete ausgeschafft an eraginn a kontrovers diskutéiert, bis dass se an de Pacte d'Intégration komm sinn. Déi Servicer waren de Service scolaire natierlech, d'Maisons Relais, de Service Culture mat all eise kulturellen Institutiounen, de Service Jeunesse, de Service Relations publiques, de Service des sports, Service de la sécurité sociale et le développement social, d'Biergeramt an de Service à l'égalité des chances. 11 Servicer a Kulturinstituter déi sech also de manière régulière un en Dësch gesat hu fir do an engem konstruktive Geescht Projete auszuschaffen déi d'Intégration an d'Zesummeliewen tëschent Lëtzebuurger an Net-Lëtzebuurger hei an Esch solle verbessern.

De Service à l'égalité des chances huet d'Koordinatioun gemaach vun där ganzer Aarbecht, well mer als Stad Esch, an dat soen ech leider, nach ëmmer keen eegestännege Service à l'intégration hunn. Mir müssen, an ech hoffen datt aus den Diskussiounen haut am Gemengerot ervirkënnt, datt esou e Service néideg ass, mir müssen eis déi Froe stellen um Niveau vum Schäfferot, och um Niveau vum Gemengerot, well à la longue déi Aufgaben déi an der integratiounspolitescher Komponent ëmmer méi grouss ginn, datt mer do eis och müssen hei déi noutwenneg Ressources

humaines ginn. Natierlech wäert de Service à l'égalité des chances weiderhi bis dass dee Service à l'intégration geschaff ass, d'Koordinatioun vun där Politik maachen.

Kolleginnen a Kollegen, Integratiounspolitik mécht een awer net alleng an net nëmme kacht een am eegenen Haus, do brauch een och Partner déi d'Integratiounspolitik um nationale Plang ausschaffen an och koordinéieren, mä awer och hir Experienze um lokalem Plang hunn. Dat ass op där enger Säit den Office luxembourgeois de l'accueil de l'intégration OLAI, deen dem Integratiounsministère ënnersteet. Dat ass déi staatlech Direktioun wat virdrun de Commissariat du gouvernement aux étrangers war. Wat eigentlech e bësse méi en ellent Wuert war. Mir haten och do eng Kommissärin aux étrangers. Och duerch d'Gesetz vun 2008 ass dëst alles reforméiert ginn a mir hunn elo eben déi Struktur déi och de Gemengen zur Hand steet. Net nëmme materiell, mä och duerch Sitzungspräsenz an och do Projete mat ausschafft.

Deen anere Partner dee mer hate fir dee Pacte communal d'intégration och mat Liewen ze fëllen, war d'Agence interculturelle vun der ASTI, Association de soutien aux travailleurs immigrés. D'ASTI brauch ech hei och net virstellen, ass eng Associatioun déi schonn iwwer Jorzéngte sech hei am Land asetzt fir d'Zesummeliewen tëschent Lëtzebuurger an Net-Lëtzebuurger ze vereinfachen.

De Pacte d'Intégration deen déi dräi Partner do ënnerschriwwen hunn an deen am Gemengerot och eestëmmeg gestëmmt ginn ass senger Zäit, war op 3 Joer ugesat. Huet am Mäerz 2011 ugefaangen an ass also bis Mäerz 2014 gaangen an et gëllt haut lech de Rapport d'activité vun deem Pacte d'Intégration virstellen an ech ginn och direkt, wëll ech op deen nächste Punkt agoen. Et ass esou, datt de Ministère décidéiert huet, keng Pactes d'Intégration an där heiter Form méi ënnerschreiwen ze loossen, mä wéi Dir gesitt hu mer jo eng aner Méiglechkeet. D'Gemenge sollen elo an Zukunft e Plan local à l'Intégration ausschaffen an och do wäert de Ministère, dat soen ech lech herno och nach eng Kéier, finanziell de Gemengen hëllef.

Wat de Pacte d'Intégration elo vun deene leschten 3 Joer ugeet, do ass zesumme mat eisen zwee Partner mat de Servicer si 5 Voleten definéiert gi wou Projete gemaach gi sinn. Ech wëllt kuerz, an Dir hutt de ganze Rapport virleien an Ärem Dossier, ech wëllt kuerz op déi 5 Voleten agoen.

Deen éischte Volet war de Volet Kommunikatioun. An et ass wéi an all Politik-

beräich ass et an der Integratiounspolitik och esou oder vläicht nach méi, well mer jo do och eng Partie an déi grouss Majoritéit vun eiser Populatioun wëllen uschwätzen, dass een eng proaktiv Kommunikatiounspolitik muss maachen, well et déi net-lëtzebuergesch Matbierger nach méi schwéier ugeet, fir déi unzschwätze fir eis Politik ze begeeschten an och virun allem och ze soen, hei mir maachen och Projete wou Dir lech kënnt mat dru bedeelege fir d'Zesummeliewen hei besser ze organiséieren. De Volet Kommunikatioun, an do kann ech lech eng freedeg Nouvelle ginn, dat ass ee Projet deen ausgeschafft ginn ass, deen elo am Drock ass an dee wäert an den nächste Woche presentéiert ginn. Mir wäerten, an dat ass net nëmme fir d'Net-Lëtzebuurger, mä all neie Résident deen op Esch sech umelle kënnt op d'Biergeramt, kritt dann e Carnet de bienvenu an d'Hand gedréckt. Dee Carnet de bienvenu ass eng Zort Dossier wou hien dann déi wichtegst Informatiounen hei wann hien als neien Awunner op Esch kënnt, kann erëmfannen. Mir hunn dat opgedeelt déi Informatiounen no folgenden Themen. Dat ass mol d'Démarche administrative, wann een als neie Bierger heihinner kënnt, muss een net ëmmer alles wësse wéi dat schnellstméiglech geet. Dann hu mer e Volet Enfance Jeunesse Etude. Dann och e grouse Volet Sport Culture, Environnement Mobilité an e leschte Volet Santé, Social a Logement wou dann also déi nei Awunner déi neisten Informatiounen zu deenen Theme kréien. Dat ass och esou gemaach, datt deen Dossier ëmmer kann aktualiséiert ginn. Dat sinn esou lose Blätter déi da kënnen, esou bal eppes an engem Domaine changéiert, datt déi da kënnen nei gedréckt ginn an dann an déi Carnets de bienvenu drageluecht ginn.

Elo ass et awer esou, datt mer eis geduecht hunn, wann en neie Bierger heihinner kënnt, da muss hie jo och seng Stad awer kenneléieren. An duerch esou en Dossier léiert hie se vläicht op eng méi eng drëschen Aart a Weis kennen, mä mir wäerten dann awer och, wann déi Carnets de bienvenu am Biergeramt ausgedeelet ginn, wäerte mer dann awer och den neien Awunner Bonge mat op de Wee gi fir 2x gratis an den Theater ze goen, 2x gratis an de Conservatoire an och vun eise Sportinfrastrukture wéi der Schwämm an der Sauna, kënnen eng Kéier gratis do kënnen ze profitéieren, fir dass den neie Bierger och soll sech aktivéieren an déi Institutiounen vun der Stad Esch kenneléieren a virun allem dann hoffe mer, dass et hinne gefält an da regelméisseg, ech wëll net soe Konsum-

menten, mä regelméisseg Theatergänger, Conservatoiresgänger an och vläicht Sauna oder an d'Schwämmgänger ginn. Dëst ass dann e leschte Projet deen nach net leider am März 2014 finalement konnt realiséiert ginn. Dee Carnet de bienvenu gëtt och a méi Sproochen editéiert an de Service Relations publiques huet mer elo dëst Woch da bestätegt, dass dann elo déi ganz Texter an den Drock ginn, an dass dat dann nach virun der Sommervakanz kann all neie Résident am Biergeramt kréien.

Wat och nach an der Kommunikatioun ganz wichteg ass, ass e Service dee mer ugebueden hunn an dee mer weider wäerten ubidden, dat sinn d'Traduction orale et écrite. Mir hunn zesumme mat der ASTI, dat wësst Dir och wann Dir schonn op Manifestatioune waart, hutt Dir bestëmmt scho gesinn, datt d'ASTI do eng Traduction zur Verfügung stellt. Mir hunn als Gemeng och geduecht, wann een ëmmer méi net-lëtzebuergesch Matbierger huet déi sech och um aldeegleche Liewe bedeelegen, gitt mol an d'Veräiner kucken, et sinn ëmmer méi Net-Lëtzebuergesch déi an de Veräiner aktiv sinn, ma da stelle mer de Veräiner och gären esou e Coffret zur Verfügung. Ech ginn ëmmer ee Beispill, ech ginn och dat positivt Beispill well se bis elo déi eenzeg sinn, dat sinn eis Veräiner vun de Gaardebesëtzer, also Gaart an Heem, déi schonn zënter Joeren drop zrëckgräifen, well eng ganz Partie, an dat hutt Dir gesinn och am Serge Tonnar sengem Film iwwert d'Schriewergäert virun e puer Joer, pardon Yann Tonnar, deen och do a sengem Film gewisen huet, datt eigentlech déi Schrebergäert e Moyen d'intégration gi sinn. Mir hunn ëmmer méi net-lëtzebuergesch Matbierger déi sech där Gäert do unhuelen, well et och vläicht eng gewëssen Erinnerung un dat südlännesch Feeling bei hinnen doheem ass an déi Veräiner huele regelméisseg op hire Generalversammlungen, gräife se op déi Traductionen zrëck. Ech fannen dat ass en exemplarescht Beispill vun Démocratie participative fir déi net-lëtzebuergesch Memberen, och un den Décisionen an un den Diskussiounen vun de Generalversammlungen Deel huelen ze loosse. Mir mussen awer, mir hu gesinn datt mer an deenen 3 Joer leider, obwuel mer Courrieren un d'Associatioune gemaach hunn, dass dat nach net an der Mentalitéit dran ass, mä mir wäerten als Schäfferot nach eng Kéier entweder Courier oder eng Campagne starten, well dee Coffret ass gratis hei ofzuehelen. D'Associatioune mussen sech just mat Zäite mellen. Ech hoffen datt se sech herno laang am Virus mussen mellen,

well de Coffret dann oft gebraucht gëtt, mä d'Veräiner mierken, dass dat awer, et gëtt eng Musée-Saach. Wann Dir och an den Interesseveräiner mëttlerweil dorëmmer gitt, och an den eenzelne Quartieren, gëtt ëmmer och méi net-lëtzebuergesch Leit déi sech do mat wëllen engagieren an dann ass dat eng ganz wichteg Viraussetzung. Et sinn och schrëftlech Traductionen offréiert ginn an do huet virun allem de Musée national de la Résistance dovunner profitéiert, datt deen zwou Ausstellungen déi e maache gelooss huet, datt do och d'Panneau vum deenen Ausstellungen op eng aner Sprooch, eng Kéier war et op franséisch, eng Kéier op portugiesch iwwersetze gelooss huet, fir dass och déi Ausstellungen deene Matbierger méi accueillant kënne gemaach ginn.

En zweete Volet deen och ganz wichteg ass, ass de Volet Formatioun. D'lëtzebuergesch Sprooch bleift een elementaren a Schlëselfaktor fir Integratioun. Däers si mer eis bewosst an och eens, datt mer alles mussen maachen datt d'Erléiere vun der lëtzebuergesch Sprooch fir eis net-lëtzebuergesch Matbierger esou einfach wéi méiglech gemaach gëtt. Mir hate viru Joeren, an dat hänt heiansdo u Klengegkeeten, mir hate viru Joere wéi mer ugefaangen hunn, méi lëtzebuergesch Coursen owes unzëbidden, ass op eemol d'Demande komm vu ganz villen net-lëtzebuergesch Matbierger fir se Samschdes moies ze organisieren. Well Dir wësst datt vill Leit an der Woch bis owes schaffen an dann ass vläicht d'Motivatioun an d'Dynamik net méi grad do fir dann nach owes um hallwer 7 oder um 7 Auer nach an d'Brillschoul wëlle lëtzebuergesch léieren ze goen, mä déi Course vu Samschdes moies hunn en eklatanten Erfolleg gehat. Do hu Leit, déi schaffen net, se si méi roueg, si sinn och mental vill méi oppe fir déi Coursen unzegoen an dat ass, heiansdo hänt et u klenger Organisatioun wat d'Agenda och ugeet. Mir mussen och d'Liewe vun eise Matbierger en considération zéien an dofir bleift d'Erléiere vun der lëtzebuergesch Sprooch am Volet Formatioun ee ganz wichteg Volet.

Wat awer och ganz wichteg war, dat ass hei am Haus eis Beamten ze forméieren, well de Kontakt vun de Bierger hei am Haus dee muss och gemaach sinn, datt de Beamten e Maximum vun Informatiounen huet an dofir sinn eis Beamten, och gezielt déi aus dem Biergeramt natierlech, an d'Formatioune geschéckt gi fir iwwert d'ganz Gesetzgebung wat d'Immigratioun an d'Demande d'asile ugeet, well do awer eiser Meenung no, an net nëmmen eiser Meenung hei an

Esch, d'Formatioun vum INAP leider do Déficiancen hat an dass do spezifesch fir déi Beamten déi an direktem Kontakt mat deene Leit sinn, do mussen déi Formatioune ugebuede ginn, an eis Beamten hunn och all déi iwwert d'Immigratiounsgesetz do gemaach.

Aides aux devoirs, Hausaufgabenhëllef a Cours d'appui ass och ee wichtige Volet, mä virun allem stécht awer ee Projet eraus. Dat ass dass och Eltere forméiert gi si fir mat hire Kanner Hausaufgaben ze maachen. Mir verstope jo net, datt eis soziologesch Struktur vun eisen net-lëtzebuergesch Matbierger nach primordialement vun Aarbechter constituéiert ass. Dat ass e Fait an domatter mussen mer eis och auserneeetzen an dofir mussen mer déi Formatioun och deementsprechend adaptieren an dat do war e ganz flotte Projet deen och ganz vill Succès hat, wou och Barriären ofgebaut ginn. Et ass net fir all Elteren einfach anezestoen: Ech brauch selwer eng Formatioun fir mengem Kand bei der Hausaufgabenhëllef ze hëllefen. Mä dat heiten ass op eng flott net komplizéiert administrativ Aart a Weis gaangen. Do muss een och soen datt d'Haus vun de Bierger do och e ganz wäertvolle Partner war fir och d'Localitéiten zur Verfügung ze stellen a mir hunn do wierklech ganz vill Barriären an och Clichéen ofgebaut a wou herno en fin de compte den Elteren zegutt kënnt. Well si eigentlech eng Formatioun och matgemaach hunn an en fin de compte de Kanner, déi dann och bei den Hausaufgaben gehollef kritt hunn. Cours d'appuien, do war ee spezifesch Projet mat jugendleche Portugisen, dat mam Service Jeunesse a mat der Maison des Jeunes gemaach ginn ass, wou spezifesch deene Jugendlechen och Cours d'appui agebuede gi sinn.

Integratiounspolitik besteet zum groussen Deel och duerch Echanges interculturels. Wa mir soe mir hunn 120 Nationalitéiten hei an Esch wunnen, da mussen mir där Realitéit an d'Ae kucken a mir mussen d'Zesummeliwen op eng maximal positiv Aart a Weis organisieren, mä déi muss vun zwou Säiten organiséiert ginn an dofir deen Echange muss stattfannen an deen Echange mécht een och ganz vill um Terrain. Mir hunn do ganz vill geléiert, och eis Beamten, mä och mir Politiker déi an deenen Diskussiounen mat dobäi waren, hu mer e Groupe de travail interne mat der ASTI gehat, déi eis op verschidden Aart a Weise bäibruucht hunn, wéi mer déi Echanges interculturels um Terrain kënne maachen. Obwuel och ëmmer am Hannerkapp, dat däerf een net vergiessen, mä et gëtt leider vergiessen, obwuel am Hannerkapp ganz vill

Associatiounen am Alldag Integratiounspolitik zënter Joerzénge maachen, ouni dass déi et mol nach an d'Vitrine stellen. Ech huelen einfach d'Beispill vun eise Sportsveräiner déi hei an Esch zënter Joerzénge, zënter Joerzénge d'Aufgab iwwerhuelen, wou d'Politik eigentlech näischt méi brauch ze maachen, well ganz vill Jugendlech Net-Lëtzebuerger sinn duerch d'Fussballsveräiner, sinn duerch d'Handballsveräiner, ...“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Wann ech gelift, lauschtert dem Här Codello no.“

Schäffen Daniel Codello (LSAP): „Merci. Sinn duerch d'Handballsveräiner an och duerch d'Basketsveräiner gaangen. Kulturell Associatiounen déi och ganz vill vergiess ginn, mä och eis Kulturassociatiounen huelen e ganz wichtige Volet an der Integratiounspolitik eis of an et ass schonn an dem Alldag esou eppes wéi eng Normalitéit ginn, mä duerfir wëll ech awer haut dovunner profitéiere fir deenen Associatiounen, iwwert déi Joerzénge Merci ze soe wou och d'Traineren, och eng edukativ Aufgab gespilt hunn. Also ech mengen, wa mer haut vu Maisons Relais schwätzen a vu Crèchen a vu Ganzdagsschoul, muss ee sech awer agestoen, datt joerzénge-laang Sports- a kulturell Veräiner dee Volet iwwerholl hunn, datt nomëttes d'Kanner enger anerer Aktivitéit konnten nogoen an och aner Kanner aus aneren Nationalitéiten a mat aner migratoreschen Hannergrënn konnte kennelieren. An Dir wësst aus Erfahrung, datt Kanner ënnert sech deen Austausch am einfachsten ass, wou heiansdo mir Erwuessener Problemer an Obstacle gesinn, do hunn d'Kanner déi net. Den Echange culturel hat awer och nach ee Projet phare deen ech nach wéilt an d'Vitrine setzen, dat war de Projet de percussion wou mer mat eisem Altersheim, mam Centre Albert Schweitzer e Percussionsgrupp gegrënnt hu mat Afrikaner. An ech muss lech éierlech soen, deen Echange dee war op eng Aart a Weis esou eppes vu fruchtbar, do waren och eeler Leit déi schonn demenzkrank waren, déi awer do matgemaach hunn a jiddweree konnt sech do d'lescht Joer op eiser Rentnerfeier dovunner iwwerzeege wéi se do opgetruede waren. An ech mengen, Madame Buergermeeschter, mir hu schonn eng Idee fir se d'nächst Joer kënnen oprieden ze loossen, wou dann och de ganze Gemengerot se wäert an Aktioun gesinn, well dat war ... (Zwëscheruff vum Här Weidig) Bon, den Här Weidig schwätzt héchstwahrscheinlech schonn aus Erfahrung, datt hie sech wëll umellen. Et ass keng

Tromm, et ass eng Percussioun. Do muss een oppassen, mä mir kucken datt mer déi d'nächst Joer op enger offizieller Manifestatioun hei an Esch opriede wäerte loossen, well déi Echange och duerno, et ass jo net nëmmen dee Projet a sech, mä et si jo och déi Frëndschaften, déi Relatiounen déi do entstinn téschent jonken Afrikaner a majoritär awer Lëtzebuerger aus eisem Altersheim déi do entstane sinn. Also dee Projet ass och an d'Vitrine ze setzen.

Dann e véierte Volet. De Volet Sport. Ech hunn et schonn ugedeit, de Sport ass a sech en Integrationsfaktor par excellence. Mä mir sinn awer méi spezifesch op eppes agaangen. Wa mer déi eenzel Nationalitéiten a Communautéiten kucken, ouni wëlle vu Communarismus ze schwätzen, mä wa mer an déi eenzel Communautéite ginn, da gesi mer dass d'Roll vun der Fra net déi ass wéi mir se an eisem Gesellschaftsbild kennen, an do wollte mer iwwert de Volet Sport aktiv ginn. Mir hunn do eng Kapverdianerin agestallt als Monitrice an déi Kapverdianerin huet de Kontakt ganz konkret mat de kapverdianesche Fraen hei an Esch gesicht, fir déi zum Sport ze bréngen. An do ass eis eppes opgefall, majoritär iwwer 50% vun deenen Damen, déi an engem gewëssen Alter scho waren, déi konnten net schwammen. Déi hunn ni schwamme geléiert. Déi haten ni sportlech Aktivitéiten. Déi waren dat net gewinnt. An do hu mer da mat där kapverdianescher Monitrice Schwammcoursen deene Fraen ugebueden an déi Course ware voll beluecht an dat huet jo dann och de soziale Status vun deenen Dammen opgewäert. Éischtens huet sech och do ënnert deene Fraen eng frëndschaflech Gemeinschaft gebilt déi sech virdru vläicht nach net esou kann hunn, well eben déi Fraen net esou an dem aktive soziale Liewen integréiert waren an elo awer d'Kontakter bäibehalen hunn a well se elo schwamme kënnen, natierlech dovunner och profitéieren an déi Aktivitéit weider driewen. Duerfir huet mat deem heite konkrete Projet de Sport net nëmmen Integratiounspolitik gemaach, mä och souguer Egalité des chances Politik. Wéi gesot d'Transversalitéit vun der Integratiounspolitik ass net vun der Hand ze weisen. Hei hu mer déi zwou Mécken, wann ech mech däréif esou ausdrécken, mat enger Klatsch geholl a mer hunn d'Fraen aus deem Cercle méi an eist gesellschaftlecht Matliewen erabruecht.

E leschte Volet ass de Volet Participatioun. Integratiounspolitik ass och ëmmer, an ech soen dat Schlagwuert zwar net gär, Démocratie participative,

dat maache mer jo och am Alldag. Démocratie participative ass e Schlagwuert ginn, wat awer eigentlech schonn zënter Joerzénge op verschiddenen Niveaue besteet. Huel nëmmen d'Diskussioun mat eisen Interesseveräiner déi mer hunn, wat kontrovers Diskussiounen sinn, wou de Bierger sech jo awer och agëtt. Duerfir hu mer elo net dat Schlagwuert vun der Démocratie participative hei an Esch an och an anere Gemenge gebraucht. Mir hunn awer de Volet Participatioun och an eise Pacte d'Intégration geschriwwen a mir waren och aktiv dru bedeelegt eis Servicer an d'ASTI an d'OLAI bei de Jugendforen an och bei de Senioreforum, wou jo de Seniorekommunalplang eng wichteg Tâche ass déi an der Ëmsetzung ass, fir och do awer bei dem partizipative Volet och dat Intergenerationellt erauszueschelen. Net nëmmen d'Jugend gëtt gehéiert, mä och eis Seniore gi gehéiert a vläicht och herno, wa mer eng nei Versioun vum Jugendkommunalplang maachen a wa mer de Seniorekommunalplang hunn, datt mer do och kënnen vläicht mat den net-lëtzebuergesche Jugendlechen a Senioren a mat de lëtzebuergesche Jugendlechen a Senioren do gemeinsam Projekte wëlle maachen.

Dëst en gros wat d'Projeten ugeet. Ech wéilt awer dann lech och nach soe wann een e Rapport d'activité ofiiwert, da muss ee jo och finanziell dat duerleeën. All déi Manifestatiounen déi Dir och detailléiert mat de Budgeten an Ärem Dossier hutt, hunn iwwer 3 Joer 119.000 oder ronn 120.000 € kascht an dovunner huet d'Stad Esch 61.000 € iwwerholl, well mer eng Konventioun jo mat der ASTI a mat dem Ministère de la Famille et de l'Intégration haten déi do 50% cofinanzéiert hunn.

Mir waren eng vun deenen, mengen ech, ronn Dose Mengungen am Land déi dee Projet vun dem Pacte communal d'Intégration matgemaach hunn. Eis Servicer hu ganz positiv Erfahrungen dorausser gezunn. Eng positiv Erfahrung déi ech als Politiker hei am Haus dorausser zéien, ass, eis Servicer hu geléiert sech un en Dësch setzen an iwwer gemeinsam Projeten an Objektivier diskutieren. Mir maachen dat elo och an anere politeschen Domainen. Dat huet vläicht eppes gefeelt an der Mentalitéit vun eise Beamten. Et huet déi Hand gefeelt hinnen ze soen, hei sëtzt lech un en Dësch, well vum selwen hu se et net gemaach. Mir maachen dat a ganz villen aneren Domainen elo. Dat ass positiv och fir d'Aarbechtsklima hei am Haus wann ee matenee schwätzt a matenee Projeten ausschafft. Dat ass déi positiv Léier an et

huet bewisen, datt mer awer fir den nächste Plan local à l'Intégration eis nach mussé méi ausweiden an deen een oder anere Service, ech kucken op den Här Kox, well do wäert den Développement urbain dobäikommen, well Stadentwécklungspolitik ass de facto och Integratiounspolitik. A mir waarden elo drop, datt mer haut dee Rapport d'activité diskutéiert hunn an dass ech lech da kann d'Prinzipie vum Plan local de l'Intégration virstellen an datt Dir eis do kënnt d'gréng Luucht gi fir do weider ze schaf-fen. Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Codello fir dësen ausféierleche Rapport. Dir kënnt lech mellen dozou. Also ech hunn der elo dräi. Den Här Bernard, d'Madame Hildgen, den Här Huss an d'Madame Bofferding. D'Wuert huet den Här Bernard."

Zénon Bernard (KPL): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wollt lech perséinlech fir Är Introduktioun an och dem zoustännege Schäfte Merci soe fir déi Informatiounen déi mer weider hei kritt hunn, ausser der Dokumentatioun déi eis zur Verfügung steet. Eleng de Volume vun där Dokumentatioun ass en Zeechen, dass do eng fläisseg Aarbecht ofgeliwwert gëtt, dass eng fläisseg Aarbecht do drastécht, dass eng fläisseg Aarbecht während deene Joeren och gemaach ginn ass fir d'Integratiounspolitik hei um Gebitt vun der Stad Esch ze verbesseren.

Wa mer gesinn dass mer hei zu Esch 32.700, fir et ronn ze maachen, Awunner hunn, a mer gesinn dass dovunner 57% auslännesch Matbierger sinn, da muss ee sech am Zesammenhang mat der Aschreiwung vu Wahlen zum Beispill nach d'Fro stellen, wéi et méiglech ass, dass obwuel mer 57% Ausländer hunn, dat heescht an anere Wieder, wäeren dat der ronn 19.000, da muss ee sech d'Fro stelle wisou nëmme ronn 12% oder vläicht an Esch e puer Prozent méi, Leit sech fir d'Wahlen aschreiwén. Ech mengen do läit nach vill Aarbecht virun eis fir d'Leit ze iwwerzeegen, dass se sollen Deel huelen un de Wahlen. Well de Fait, dass se net Deel huelen, gëtt jo deene Recht déi eigentlech eng Politik maachen, déi net am Interesse vun den auslännesche Bierger ass, vu dass déi meescht vun hinnen Aarbechterleit sinn, wéi de Schäfte richteg ënnerstrach huet, zumindest e groussen Deel, Beamten, Rentner an dat si jo déi wou d'Suen aus der Täsche geholl kréien duerch déi Politik déi elo an Europa gemaach gëtt. An

duerfir mussé mer eis eens sinn hei, dass mer weiderhi schaffen dofir fir d'Leit ze iwwerzeegen wielen ze goen. Ech schwätzen elo natierlech vun der auslännescher Communautéit haaptsächlech, well et ass jo erschreckend wann ee gesäit dass ronn 88% vun hinnen net viele ginn elo. Dat ass erschreckend wann een d'Entwécklung gesäit wéi se geet.

Allgemeng wëll ech soen, dass heiansdo verwieselt gëtt Integratioun mat Assimilatioun. An dat ass e grouse Feeler an deem Sënn. Integratioun vun den auslännesche Matbiergerinnen a Matbierger bedeit jo, dass ee se integréiert an dat soziaalt, an dat politescht Liewen, dass se awer gläichzäiteg hir schéin Traditiounen um kulturellen an um extrakulturelle Plang kënnen a sollen entwéckelen. Déi Prestatiounen déi gemaach gi vun afrikaneschen, asiateschen, europäeschen, Balkan, fir et allgemeng ze soen, italeschen a portugisesche Matbiergerinnen a Bierger, déi féiert jo dozou dass wann een déi Saache kuckt a gesäit, dass do de géigesäitege Respekt opgebaut ka ginn. De Respekt virun hire schéinen Traditiounen, Respekt virun deene Prestatiounen, Respekt virun der Preparatioun. Respekt och fir de Wëlle vun deene Leit der lëtzebuerger Populatioun hir Errungenschaften duerzestellen. Ech mengen dat ass eng ganz, ganz positiv Saach an duerfir hunn ech ëmmer dofir plädéiert an och dofir mechj agesat, laangjäreg als President vun enger auslännescher Associatioun, fir dass se hir Identitéit culturelle et sociale net sollen opginn, mä dass d'Integratioun doranner besteet, wat ech vir-dru gesot hunn.

Richteg ass och wat den Här Schaffen d'éinescht gesot huet a verlaangt huet a gefuerdert huet, et muss onbedéngt e Service à l'Intégration geschaaft ginn. Ech mengen do si mer eis iwwer all Parteien ewech eens, dass dat eng Noutwendegkeet ass, well esou e Service sech wesentlech méi professionell a méi efficace kann ëm d'Problematik vun de Leit këmmen.

Ech hu geliest an där Dokumentatioun déi mer zur Verfügung gestallt ginn ass, dass, an dat ass positiv, dass zum Beispill Cours d'appui organiséiert gi fir portugisesch Kanner. Ech mengen mat op de Wee ze ginn, dass et och Zäit wär, vu dass Dir och selwer ënnerstrach hutt, dass déi Leit vum Balkan, dass déi Zuel vun deene Leit vum Balkan, Montenegro, Bosnien, etc, Serbien, permanent klëmmt, dass et och vläicht gutt wär, fir deene Kanner d'Langue véhiculaire bäizebréngen déi an de Schoule verlaangt gëtt, fir och do Cours d'appui ze organiséieren an och gläichzäiteg ze versichen, Enseignant

oder mol an éischter Phase een Enseignant oder zwee, Enseignant, Enseignante, anzestelle fir kënnen an hirer Mammesprooch a gläichzäiteg duerch hir Mammesprooch d'Integratioun zum Lëtzebuerger geschehen ze vereinfachen. Well mir wëssen, d'Erfahrung weist eis dat, dass den Echec scolaire oft op d'Langue véhiculaire zrëckzuféieren ass. Dat ass an der Mathematik net nëmme esou. Dat ass och an de Geschichtsfächer, an de Sciencefächer esou, wann en Eleve Schwierigkeeten huet am Däitschen zum Beispill, am Franséischen, deemno wéi d'Langue véhiculaire ass an der Schoul, da kann natierlech een net vun deem Kand verlaangen, dass et extra gutt Resultater zum Beispill an der Biologie huet wann et d'Sprooch net richteg versteet während dem Cours. Do muss een natierlech virbauen. Mat 15 Joer ass dat schwéier, virbauen, andeems ee vläicht versicht esou Cours d'appui fir och déi Ex-Jugoslawesch, loosse mer et mol esou soen, well et verschidde Republiken haut sinn, Kanner besser ze integréieren an dat geet jo haaptsächlech och iwwer d'Education. E Kand wat eng gutt Education kritt, wat seng Studien ... "

(En Deel vun der Sitzung ass weint engem Problem mat der Mikrosanlag net opgezechent ginn)

Annette Hildgen (CSV): „...an dee vun deenen Associatiounen do sinn, ech mengen do ass awer nach en Nachholbedarf, do mussé mer awer nach vläicht e bësselchen eng Schëpp noleeën, well soss gëtt dat Ganzt e Chaos an dann ass déi ganz Saach och net méi esou flott.

Et ass och gesot gi vun de Sportassociatiounen déi ganz vill maachen. Dat stëmmt effektiv, fir d'Integratioun. Dir hutt och geschwat vun der kapverdianescher Madame déi deenen Damme schwamme léiert. Alles tiptopp. Et ass vläicht e bësse verluer gaange fir hei ze presentéieren, datt och zum Beispill Gesangveräiner hei sinn an Esch oder Musek, déi ganz vill, ganz vill auslännesch Matbierger ophuelen a vun engem Gesangveräin zum Beispill, deenen dann automatesch och e säi Repertoire aner Stécker mat eranhuelen, aner Partituren, wou déi Leit sech kënnen erëmfannen a wat fir déi Leit immens wichteg ass.

Culte maache ganz vill fir d'Integratioun. Déi hu mer hei zu Esch a wat net ze vergiessen ass, déi maache vill dofir an déi Leit déi do participéieren, sollen och do mat offenen Äerm opgeholl ginn an och versicht ginn op hir spezifesch Problemen anzegoen.

Integratioun, den Här Bernard huet gesot ass keng Assimilatioun. Dat ass enorm

wichtig, effektiv. Mä Integratioun ass ëmmer zweegleiseg. Net nëmmen eng Säit. Dat vergiesse mir heiansdo. Mir si Lëtzebuenger, mir sinn hei zu Lëtzebuerg, mir wunnen zu Lëtzebuerg, mir schaffen zu Lëtzebuerg. Mir sinn zënter Generatiounen hei usäseg, mä mir mussen awer och als Lëtzebuenger versiche fir e bësselche méi nach vläicht op déi aner Leit duerzegoe fir ze verstoe firwat se esou reagieren an dann iwwer d'Versteesdemech kënnt een héchstwahrscheinlech op en anere Wee fir deene Leit matzegi wéi se sech sollen nach méi séier hei integréieren. Integratioun ass nämlech och Participatioun. An aller Hinsicht vun och nach eng Kéier de Lëtzebuenger mat eisen auslännesche Matbierger an och nach ëmgedrënt.

Et ass och hei vun den Enseignante geschwat ginn. Ech mengen esou dacks gött hei scho gesot datt en Enseignant eng immens wichtig Roll hei am ganze Land huet, iwwerall, wat d'Education vun de Kanner ubelaangt. Den Engländer, den Amerikaner dee seet, et ass vläicht elo grammatikalesch net ganz richtig, Här Maroldt, mä education is where it all begins. Et ass net „all“, et ass anescht, mä d'Amerikaner schwätzen e bësselchen esou an ech mengen dat muss ee sech ëmmer esou soen, ass amerikanesch, mä wa mer awer elo kucke wat den Enseignant ubelaangt, net ze vergiessen, mir hunn ëmmer méi Enseignanten an Educateuren, déi keng Lëtzebuenger méi sinn, dat heescht déi och aus 2, 3 Generatiounen schonn hei wunnen, déi hir Studien hei gemaach hunn an déi awer trotzdem nach ëmmer an hirer Education, déi se doheem an hirem Elterenhaus matkritt hunn, nach an hire Kulture mat verwuess sinn, an déi dat automatesch och un hir Kanner matginn. Et kann een elo kucken, ass et positiv, ass et negativ? Dat wësse mer net, mä och déi ginn op déi auslännesch Kanner an a si vermëttelen och e groussen Deel vun hirem Wëssen a vun hirer Kultur automatesch, ouni datt se et vläicht matkréien, an do gi mer ëmmer méi multikulturell. Also d'Schoule si scho multikulturell, si mussen et och sinn. Dat heescht de renge Lëtzebuenger als Educateur, als Enseignant, ech mengen deen ass relativ seelen an dat ass och à discuter, deen ass vläicht besser am franséischen, deen aneren ass vläicht méi schwaach am däitschen, mä do muss se sech dann eens gi wat se do maachen.

Wat mer eisen auslännesche Matbierger kënne mat op de Wee ginn, déi heihinner kommen, do muss ee soen dat ass fir déi meescht e Kulturschock. Déi kommen heihin. Si kommen net nëmmen op Lët-

zebuerg, mä si kommen an Europa. Dat däreif een net vergiessen. Si komme vläicht aus ganz anere Kontinenten heihinner. Si verstinn d'Sprooch net. Mir kréien och an de Schoule Kanner déi eist Alphabet net kënnen. Déi et net kënnen schreiwen, déi mussen ëmswitchen. Déi mussen en immensen Effort maache fir iwverhaapt hei kënnen Fouss ze faassen. Awer wat mer eisen auslännesche Matbierger kënne mat op de Wee ginn, an elo fänken ech erëm u fir an d'englesch ze goen, déi Zäit wou den Tourismus opkomm ass, do si ganz vill Englänner déi sinn op eemol op d'Riviera gaangen, sinn a Spuenie gaangen, an do ass nach haut e Slogan dee seet: 'When you are in Spain, do like the Spaniards'. Do géif ech soen, wann Dir op Lëtzebuerg kommt, versicht dat ze maache wat d'Lëtzebuenger maachen. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Madame Hildgen. Den Här Huss an dann d'Madame Bofferding.“

Manuel Huss (Déi Gréng): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschtesch. Ech faasse mech ganz kuerz. Den Här Codello huet dat elo därmoossen ëmfaassend a mat därmoossen Engagement virgedroen, datt ech am Fong do net méi vill bäizefügen hunn. Am Fong bleift mer just Merci ze soen him a sengem Service, awer och all deene Leit déi, dat mengen ech domatter, déi do all déi Projete realiséiert hunn iwwer déi ganz Joeren. Ech wëll just eng kleng Suggestioun nach zum Carnet de bienvenu lass ginn. Et ass natierlech ganz richtig, dass Integratioun oft a virun allem an och ganz gutt iwver Kultur a Sport zustane kënn, mä ech hat viru kuerzem d'Chance mam Här Hansen eng ganz flott Féierung duerch eisen neie Quartier um Belval ze maachen an ech mengen dass et och ganz flott kéint si fir ebe Bonge fir esou Fühunge mat doranner ze leeën. Voilà, dat wollt ech just hei lass ginn. Fir de Rescht sti mer absolut do derhannert och, zu deenen anere Saachen. Dat wier et.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Huss an dann d'Madame Bofferding nach.“

Taina Bofferding (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Erfolgräich Integratioun ass keen Zoufall. Dat weess jiddwereen dee sech mam Sujet auserneesetzt. Inclusion fir eigentlech dee méi richtige Begrëff ze benotzen, ass eng vun de gréissten Erausforderungen a wichtige Zukunftsufgaben, grad fir

d'Gemengen. A mam Integratiounspakt gi mer eis en Instrument zur Förderung vun der kultureller Vielfalt woubäi mer versichen e Klima entstoen ze loosse dat vu géigesäitegem Respekt, Vertrauen a gemeinsamer Responsabilitéit geprägt ass. Wann een déi eenzel Projete betruecht, gesäit een dass souwuel Offere getäteg ginn déi sech u Leit mat Migratiounshannergrond riichte wéi och un eist Personal aus dem Enseignement. Ech denken do eben un d'Formatioun Aide aux devoirs. Dat ass enorm wichtig bei eise Beméiungen a Punkto Integratioun, eist eege Gemengepersonal ze schoulen. Dat ass jo och schonn e puermol ugedeit ginn. Duerfir ass et och vu grousser Bedeitung, dass niewent der ASTI déi jo e gewëssen Knowhow an d'Aarbechten erabrëngt, eben och eis verschidde Gemengeservicer vun Ufank u mat u Bord geholl gi sinn.

Weider wëll ech och nach ganz kuerz op de Projet Cours appui scolaire drop agoen, respektiv hunn ech do eng ganz konkret Fro. Ech menge mir sinn eis alleguerten eens, dass de Projet wichtig ass fir deene Jonken eng gewëssen Hëllefstellung ze ginn. A wann ech richtig an Erënnerung hunn, sinn déi Coursen, mengen ech op 15 Leit limitéiert an dofir meng Fro, firwat net méi. Well esouwäit ech weess sinn awer méi Leit dorunner interesséiert déi do wëlte vun där Offer profitéieren. An da wollt ech och nach froen, wat vun 2010 bis 2011 an deene leschte zwee Joer do an deem Projet gelaf ass an ob do vläicht Iwwerleeunge si fir dee Projet auszubauen.

Op déi eenzel Piste vum Rapport hei wollt ech elo net agoen. Carnet de bienvenu ass jo och schonn e puermol ugeschwat ginn, wat sécherlech eng flott Idee ass, vill Gemengen hunn déi Projete schonn, respektiv och mol op Soiréeën invitéiere fir d'Leit an hirer Gemeng ze begrëssen an och esou wichtig Infoe mat op de Wee ze ginn. D'Veräiner sinn och schonn ugeschwat ginn déi eng ganz besonnesch Roll hei spillen. Esou wéi aus dem Rapport ervirgeet, schéngt jo de Fussball, d'Schwammen an Zumba ganz uewen op der Belëiftheetsskala ze sinn. Allerdéngs konnt een awer och liesen, dass vun de Fraen déi Basket gspillt hunn, just eng Madame herno feste Member an engem Club ginn ass. Allerdéngs ass net ganz kloer, vu wéi vill Leit eigentlech do ausgaangen ass, an do ass eng kleng Remarque déi ech nach zum Rapport ze maachen hunn. Deen ass ganz interessant an ass och ganz gutt ze liesen. Et ass gutt geschriwwen. Et gesäit een dass vill Aarbecht hannendru stécht déi och muss unerkannt ginn. Mä op ver-

schidde Plazen hätt een awer vläicht kéinten heiansdo e bésse méi wäit nach an d'Analys eragoen. Heiansdo ass just en Deskriptiv, do wär et vläicht och flott gewiescht fir d'Reflektioun direkt hannendrunner ze maachen, well do dränge sech awer eng Partie Froen op. A fir eisen Integratiounspakt stänneg weider ze entwéckelen, esou wéi mer et och am Koalitiounaccord festgehalten hunn, ass et och wichtig fir kënnen eng ëmfaassend Diskussioun ze féiere mat allen Elementer. Begréissenswäert a wou ech och schonn e positive Feedback kritt hunn, ass d'Presentatioun vun eisem Budget wéi och vum Koalitiounaccord. Do gesäit een och dass et awer Leit sinn déi dat liesen. Eng interessant Offer fir d'Veräiner ass den Traductionskoffer, dee vläicht elo net grad esou vill ugefrot gëtt, mä wat ech denken awer och an Zukunft wäert méi dovunner Gebrauch gemaach ginn, well et sécherlech sënnvoll ass Konferenzen oder soss Manifestatiounen ze iwwersetzen, fir dass awer eng Majoritéit vun de Leit dovunner kënnen profitéieren an net d'office wéinst der Sprooch ausgeschloss sinn.

Den den Echange culturel ass ugeschwat ginn, deen och e feste Bestanddeel an eisem Pakt huet, wou fir déi Kleng wéi och fir déi Grouss flott Aktivitéiten ugebuede ginn. Mir hunn hei en interessanten Integratiounspakt mat ville flotte Projeten, dee mer duerchaus kënnen an d'Vitrine stellen, wou mer eis net brauchen als Gemeng ze schummen. Bien au contraire, ech menge mir hunn do vill opzeweise wat aner Gemengen net vu sech kënnen behaupten. Déi Aarbecht déi hei gemaach gëtt déi ass richtig a wichtig. Net nëmme fir d'Zesummeliewen an eiser Gemeng, mä och fir d'Zukunft an de Fortbestand vun eiser Gemeng ze garantéieren. An deem Sënn mécht och d'Schafung vun engem Integratiounsservice duerchaus Sënn an ech mengen d'Gemeng wier och gutt beroden op dee Wee ze goen an dee Service ze schafe fir eben do nach méi intensiv op d'Dossieren anzegoen an d'Projeten och nach besser kënnen ze encadréieren. Mir hei zu Esch, dat zu mengem Schlusswuert, mir hei zu Esch, mir schwätzen net just driwwer wéi wichtig Integratioun, respektiv Inklusivitéit ass, mir liewen et, sief et an eisem Alldag, an eise Schoulen, an de Geschäfte, an de Betriber oder grad besonnesch an eise Quartieren. Dat ass Esch, dat mécht Esch aus an ech menge mir sinn do um richtige Wee a mir sollen dat roueg wiederféieren. Dofir nach eng Kéier Merci fir dee flotte Rapport an eis Ennerstëtzung ass sécherlech ginn. Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguerten. Ech ginn dem Här Codello d'Wuert nach eng Kéier fir de Plang virzestellen, parallel dozou och mat dem Punkt 6, de Baitrëtt vun der Gemeng zu der Cities against Racism. Här Codello.“

Schäffen Daniel Codello (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter, ech wéilt nach ganz kuerz den eenzelne Fraktiounen Merci soe fir hir Ennerstëtzung, am Numm vun de Servicer och. Ech huelen deen Encouragement un d'Servicer mat an ech freeë mech iwwer déi positiv Retour déi Dir alleguerten ginn hutt wat déi geleeschten Aarbecht am Pacte d'Intégration war.

Här Bernard, ech wollt just eppes soen. Dir hutt vun 88% gesot déi net ageschriwwen si bei den Europawahlen. Jo, jo, mä do muss Dir op eppes oppassen an dat hu mer gesinn, et ass elo déi drëtt Campagne déi ech matmaachen. Ganz vill europäesch Matbierger – dat, dat ass ee Faktor – mä deen zweete Faktor dee spillt, ganz vill europäesch Matbierger wéi gären d'Europadeputéierten aus hirem Land wou si hierkommen. Si schreiwe sech an hei fir d'Gemengewahlen ...

(Zwëscheruff)

Dat ass jo eng aner Saach, mir hu jo eist gemaach, well do mussen se sech jo net aschreiwen. Mä Dir hutt an eenzelne Gespréicher wou mer hei da Samschdes och eis Büroen op haten a wou mer als Integratiounskommissioun och present waren, an eenzelne Gespréicher hu mer ganz vill gesinn, de Fransous, de Belsch, egal, déi déi hei wunne soen: Mir wunnen hei also schreiwe mer eis fir d'Gemengewahlen an, well do interesséiert eis wierklech wéi féiert meng Gemeng? Wie féiert meng Stad? Mä et ass mir awer wichtig als Fransous, als Belsch oder als Hollänner, datt ech fir d'Europaparlament déi wielen aus mengem Land wou ech hierkommen. Dofir kann een net pauschal soen, 88% vun den Net-Lëtzebuerger hei am Land ginn net fir d'Europawahl wielen. Esou pauschal kennt Dir dat net maachen. An dat zweet wat ech awer wollt soen, Här Bernard, mir hunn awer d'Aschreiwe fir d'Europawahl fir dës Kéier vun 2009 hei an Esch ëm 23% gehuewen. Mir hunn eng Augmentatioun vun 23%. Wat net näischt ass. Wou ee sech awer ka soen, mä et ass ni genuch an et muss ee soen, mer mussen weiderhin dorunner schaffe fir e Maximum vun deene Leit awer och kënnen anzuschreiwen. An dofir e wichtige Message dee vläicht och wichtig wier wann deen an der Press géing stoen, well dat

gëtt ganz vill vergiess. Persoune kënnen sech zu all Moment aschreiwe kommen. Et ass net ëmmer an enger waarmer Phas virun enger Wahlcampagne. Nee, du kanns dech zu all Moment hei an den Etat civil aschreiwe kommen, scho fir déi nächst Gemengewahlen 2017, scho fir déi nächst Europawahlen 2019. Also all Mensch ass elo schonn, d'Büro sinn op an eis Beamte wëssen dat och. Mir mussen och do an de Kapp kréien an d'Mentalitéit, mir mussen eng permanent Campagne fir d'Aschreiwe maachen.

Dëst gesot, et ass ganz vill Richteges gesot, d'Diversité culturelle ass eis Richesse hei an Esch. Mir wäerten dat natierlech bäibehalen. Mir wëlle keng Assimilatioun. Mir maachen Integratioun- an Inklusivitéit.

D'Madame Hildgen huet ganz kuerz vum Carnet geschwat. Ech wousst guer net datt et do schonn esou eppes géing ginn. Dat ass dann och net an eisem Groupe de travail geschwat ginn, mä dat gëtt awer elo wierklech e schéine flotte Classeur. Ech kucken och déi éischt Versiounen wa se bis kommen, datt all Conseiller och eng kritt fir dann och mol eng Kéier derduerch ze kucken an eis och vläicht e Retour ze gi wat vläicht feelt.

Et ass gesot gi vun der Madame Hildgen, natierlech muss jiddwereen d'Regele respektéieren. D'Reglementer vun de Gäert ass fir jiddwereen. Den Här Zwally, mir ware gëschter Owend nach op enger Generalversammlung wou mer och gesot hunn, wann ee gesäit wat d'Problematik ëmmer ass, dat ass an eiser Gesellschaft den non respect vun de Regeln am Zesummeliewen. An dat mussen mer mol erëm léieren an do kann d'Politik een Deel maachen. Do kann d'Education en aneren Deel maachen. Mä awer de Bierger selwer och.

Dofir soen ech lech nach eng Kéier Merci am Numm vun all de Servicer déi un deem Pacte d'Intégration hei matgeschafft hunn.

Der Madame Bofferding wollt ech nach ganz kuerz soen, dat hei Dokument wat Dir kritt hutt, ass e Resumé. Natierlech gëtt et vill méi detailléiert Zuelematerial. Ech muss lech elo éierlech soen, ech weess elo net äuswenneg wéi vill Damme Basket probéiert hunn, mä datt nëmme eng, loosse mer soen hänke bliwwen ass, dat war fir ze beweisen datt en Taux faible leider do hänke bliwwen ass. Mä mir froen do beim Här Fiegen no wéi vill Dammen do intensiv Basket trainéiert hunn a firwat do net méi hänke bliwwen sinn. Mä natierlech wann Dir méi detailléiert Informatiounen wëllt, da froen ech datt d'Madame Jemming dat och ganz

Dokument un lech verschéckt, mä mir wollten lech awer net erschloe mat onheemlechen Zuelematerial wat herno d'Projeten an den Hannergrond geheit. Ech huelen dann och dem Réforme administrative Schäfte mat an och de Schäfferotskollegen, datt mer eng Kéier intensiv misste vläicht iwver d'Création vun engem Service de l'Intégration schwätzen. Merci."

5.b) Plan local d'intégration; présentation de la démarche à suivre et d'une convention avec 4Motion

Schäffen Daniel Codello (LSAP): „Dëst gesot Madame Buergermeeschter, géing ech da mat Punkt 5 b) a 6 weiderfueren. Ech hunn lech gesot, datt de Pacte d'Intégration net méi vum Ministère de la Famille et de l'Intégration an där doter Form wäert bestoe bleiwen, mä a Kollaboratioun mam SYVICOL ass en Handbuch ausgestallt gi fir e Plan local à l'Intégration ze verfaassen. Dat sollt dann eigentlech de Successeur vun dem Pacte ginn. Mir hunn eis awer geduecht als Schäfferot, mir proposéieren dem Gemengerot datt mer eis awer och eng Associatioun hei huelen déi hei an Esch hire Sëtz huet an déi den Terrain och am integratiounspoliteschen Domaine kennt. Dir kennt déi Associatioun alleguerten, et ass 4Motion. Mir hunn eng Konventioun schonn, eng Kaderkonventioun als Gemeng mat där Associatioun, mat där Asbl ënnerschriwwen. Si sëtzen och am selwechten Haus wéi de Service Jeunesse a wéi eise Point information jeune. Mir haten éischt Preparatiounssitzunge mat hinnen a si hunn eis proposéiert also Partner ze sinn an der Erstellung vun deem Plan d'Intégration dee sech a verschiddene Phasen ënnerdeelt. Mir wäerten elo an d'Phase de consultation, wann Dir eis haut de prinzipielle Jo gitt, well ech muss lech leider soen, datt mer haut net zu der Ofstëmmung mat der Konventioun kommen, well déi bis haut net fäerdeg ginn ass. A mir wäerten d'Konventioun an de Juni-Gemengerot huelen, datt Dir eis do dann den offiziellen OK gitt, mä datt mer haut wann ech lech do d'Objektiver presentéiert hunn, datt mer haut kéinten de prinzipiellen Accord kréie fir kënne mat hinnen zesummen ze schaffen, well Dir hutt an Ärem Dokument gesinn, den Zäitplang ass awer zimlech enk. D'Consultatioun vun de Gemengeserwicer wäert natierlech weiderhi stattfannen an ech hu gesot mir wäerten nach méi Servicer wéi den Développement urbain mat an dee Groupe de travail

huele fir och do hir Vu iwver Integratiounspolitik ze kréien. Eis Associatioun wäerten erëm mat integréiert ginn an och eis Escher Bierger. Well d'Assisen, d'Assise de l'Intégration, déi zweet Editioun, wäert doranner bestoen, datt mer déi, wann en éischte Projet vun engem Plan local d'Intégration virläit, gëtt deen de Biergerinnen a Bierger op deenen Assise virgestallt an déi kënne do mat diskutéieren an och mat Amendementer eragi fir dee Plang ze peaufinéieren. Mir wäerten och op eis Internetsäit wou mer den Dialog.Esch installéiert hunn, wou mer jo mat de Bierger schonn a Kontakt getruede si wat d'Reform vum PAG ugeet, de Plan d'aménagement général, wäerte mer och op där Plattform do dialog.esch e Questionnaire iwver Integratiounspolitik do publizéieren a wou mer dann och hoffentlech e grouse Retour wäerte kréien.

No deem Etat des lieux gëllt et dann also d'prioritär Aktiounen an d'Objektiver ze definéieren an enger transversaler Approche an dann eng éischt Versioun wéi gesot, och de Kommissiounen, eise Gemengekommissiounen déi alleguerten och implizéiert sinn, virstellen an och do Amendementer ofzawaarden an dass mer, wéi Dir gesitt, am Timing kënne bleiwen, datt mer da quasi haut an engem Joer kënne dee Plan local à l'Intégration stëmmen, deen dann awer d'Joere 15, 16, 17 wäert beinhalten. Dat heescht fir all politeschen Domaine grous Prioritéite mat enger Déclinaioun a kloer Aktiounen déi dann och chiffriert mussen ginn. Esou dass mer da bis ,17, an natierlech d'Demokratie wëll dat esou, datt mir nëmme bis ,17 dee Plang kënne maachen, well mir kënne jo net iwvert eist Mandat erausfueren, Oktober 2017, e Plang hei stëmme loossen. Dat gëllt dann un deenen déi duerno d'Integratiounspolitik an der Hand hunn. Mä datt mir eis vir déi 3 nächst Joer kloer Objektiver an och Aktiounen kënne an der Integratiounspolitik ginn.

D'Madame Hildgen ass elo leider eraus. Ech wollt awer hir e ganz wichtige Message ginn, dat ass eng Diskussioun déi ech proposéiert hunn an enge vun den nächste Schäfferéit och unzeschwätzen. Här Bernard, Dir hutt e richtegerweis gesot, mat där neier Migratiounswell vum Balkan aus Ex-Jugoslawie kommen och Leit déi eng aner Kultur an eng aner Relioun hunn a mir mussen eis och där Realitéit stellen an dofir wollt ech proposéieren, datt mer als Schäfferot an enger vun den nächste Sitzungen, wa mer dat bis am Schäfferot diskutéiert hunn, datt mer och iergendwéi en Diskussionsgremium, Gremium ass vläicht ze vill institu-

tionaliséiert schonn, schafen, wou mer och den Débat interculturel an interréli-gieux hei an Esch op eng proaktiv Aart a Weis förderen. Och dat ass e Mateneen. Dat ass net ze ënnerschätzen. Well kuckt lech an Europa ëm a ville Gemenge wou deen Débat interréli-gieux net serieux geholl ginn ass oder guer net stattfont huet, wat dat och zu sozialen Tensiounen ka féieren. Mir gesinn och datt hei an Esch nei reliéis Communautéite hei sinn, déi praktizéieren. Déi eng déi praktizéiere méi wéi déi aner an och dat ass e Volet vun der Integratiounspolitik dee mer an der nächster Zukunft mussen serieux huelen an och proaktiv wëllen ugoen an den Dialog mat all deene Communautéite sichen, fir net do kënne Problematiken eropzebeschwiieren déi mer herno net méi an de Grëff kënne kréien. Dëst gesot, dat ass also de Volet fir e Plan local d'intégration ze elaboréieren."

6. European Coalition of Cities against Racism: adhésion de la Ville d'Esch-sur-Alzette; décision

Schäffen Daniel Codello (LSAP): „D'Madame Buergermeeschter huet awer gefrot, datt ech och direkt de Punkt 6, well dat jo awer an engem gewëssene Lien ass, och direkt wëll virstellen. Mir hunn eis als Schäfferot gesot, wann ee kuckt wat ronderëm eis leeft, Lëtzebuerg ass, gëtt ëmmer gesot, am Häerz vun Europa. D'Stad Esch, mir si matten an der Grousregioun. Mir sinn och domatter matten an Europa eng Stad vun 33.000 Awunner déi hir Responsabilitéit muss iwverhuelen am Zesummeliewen an déi och muss géint Tendenzen uwierken déi an eisen Nopeschlänner leider méi heefeg an och méi oppe si wéi bei eis, well mir dierfen eis awer och hei näischt verstoppen, datt vläicht, wann een net parteilech institutionaliséiert ass, datt mer awer xenophob Tendenzen hunn hei am Land déi vläicht sech net organiséiert hunn an net organiséiert sinn, wéi dat an den Nopeschlänner Frankräich, Holland, Däitschland ass. Mä awer mussen deenen Tendenzen entgéint gewierkt ginn an do gëtt et e Reseau vun europäesche Stied, dee sech zesummesat huet zënter 2004. Dat ass eben d'europäesch Koalitioun vu Gemengen a Stied géint Rassismus. Mir hate viru geraumer Zäit hei am Gemengerot eng Motioun vum Conseiller Hansen, och an deem Sënn. Wann Dir lech kënnt erënnere wéi de Rektor vun dem Musée national de la Résistance schäerfstens aus deenen Ecker do, net kritiséiert, mä attackéiert ginn ass an et gëllt dogéint ze

wierken an dofir wollte mer dat Zeeche setzen an där Koalitioun vun de Stied bäitrieden.

Déi Koalitioun vun deene Stied gëtt et op all Kontinent. Dat ass elo net nëmmen datt dat sech op Europa beschränkt. Dat ass ënnert der Schirmherrschaft och vun der UNESCO. A wann Dir lech d'Lëscht ukuckt vun de Memberstied, et sinn eng ron 100 europäesch Stied. Dat geet vu grouse Metropole wéi Dir gesitt hutt, Berlin, bis awer och Gemengen an eiser Gréisst. Well do ass d'Gréisst vun der Gemeng net wichteg. D'Taille vun der Gemeng ass do net wichteg, mä et geet drëm virun allem do och Solidaritéit duerch déi Memberschaft do ze weisen. Dir gesitt datt mer leider net déi éischt lëtzebuurger Gemeng sinn. Mir hate geduecht ee Moment mir wieren déi éischt lëtzebuurger Gemeng déi deem Reseau géing bäitrieden. Bon, Diddeleng war do e bësse méi schnell. Ech gesinn den Här Sekretär laacht hei. Dat ass dann heiansdo net nëmmen um sportleche Plang de Fall, mä et ass nëmmen ze begrëssen, datt Diddeleng déi Memberschaft do ugeholl huet an datt mer do als zweet lëtzebuurger Gemeng datt wëlle maachen. An dann, ech soen lech et och, datt mer dat, déi Memberschaft och wëlle mat Liewe fëllen an datt mer och als Schäfferot natierlech regelméisseg mat Informatiounen aus deem Reseau heihinner kommen an lech informéieren. Well wéi gesot, et muss ee bedenken, dass bei de Gemengewahlen a Frankräich d'Lorraine hei och e Schock, Dir hutt vu Schock geschwat, Madame Hildgen, och e Schock gemaach huet. Ech och. Ech hunn och mat Entsetze gekuckt wéi d'Resultater vu verschiddene Gemenge waren. Ech huelen net nëmmen déi Gemengen déi e rietsextreme Buergermeeschter kritt hunn. Mir mussen och do mol kucken déi Prozentsätz an deenen anere Gemengen. Metz war och ganz geféierlech. De Front National huet 4 Conseilleren an der Stad Metz kritt. Mä och do, den Taux d'abstention spillt eng ganz grouss Roll. Do muss och méi geschafft ginn un der Partizipatioun. Mir wëllen an där Groussregion an Europa eng wichteg Roll spillen. D'Gemengen an Europa spillen e wichtige Roll an duerfir muss mer e positivt Zeeche setzen. Och doduerch datt mir hei de Musée national de la Résistance hunn. Mir sinn a ganz gudde Verhandlung mat der Kulturministesche wat d'Institut fir Zeitgeschichte geet. Also all Form vu Resistenz muss mer ënnerstëtzen an duerfir wäerte mer hei e wichteg Zeeche setzen, well Dir eis haut den ok gitt fir deem Reseau bäizetrieden. Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Villmoos Merci, Här Codello. Well nach een d'Wuert dozou huelen. Den Här Weidig.“

Paul Weidig (LSAP): „Ganz kuerz. Ech wëll éischtensmol déi Initiativ vum Schäfferot ganz häerzlech begrëssen. Et ass eng ganz gutt Initiativ. An deem Kontext wëll ech hei eng Konferenz vum Conseil de l'Europe zum Kampf géint de Rassismus ervirhiewen, och kuerz zitieren an ech mengen do gëtt och gutt zesummegefaasst wat um lokalen Niveau ka gemaach ginn. Ech zitieren: d'Gemenge kënnen, ech mengen an dat muss mer eis bewosst sinn, maassgeblech zur Bekämpfung vum Rassismus bäidroen. An an deem Text gëtt da gesot, dass déi europäesch an national Gesetzer wuel wichteg sinn, awer se géife wierklech ouni Effet bleiwe wa se net op deem Niveau géifen ëmgesat gi wou hiren Impakt am beschte sichtbar ass. An dat ass iwwer d'lokal Politik, iwwer lokal Politiken déi Afloss hunn op d'Verhale vun den Awunner a vun den Awunnerinnen, an dat iwwert den Dialog, d'Education an och déi interkulturell Aktivitéit. Dozou läit natierlech e ganz interessanten 10 Punkte-Programm bäi deen ee kann ëmsetzen an do si ganz gutt, a bewäerte Beispiller vun anere Stied, ënner anerem och Nürnberg an Däitschland, wou vill op deem Gebitt gemaach ginn ass. Ech wollt ofschléissend eng méiglech Aktioun ervirhiewen déi ganz schnell ka gemaach ginn, dat wär déi, dass mer eng Strooss géifen no Droits de l'homme benennen. An net nëmmen no Musek, Tendenzen an dass mer déi nächst Strooss rue Walzer oder Tango géife benennen, mä et wär sécher méi sënnavoll mir géife se rue Droits de l'homme nennen. Merci.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Mir huelen déi Demande zur Kenntnis a gi se an dee Grupp weider deen am nächste Gemengerot konstituéiert gëtt. Den Här Hansen hat sech nach gemellt. Well nach ee sech aschreien, soss maache mer d'Lëscht zou? Den Här Zwally. Här Hansen.“

Mike Hansen (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschtesch. Just virop, mir wäerte jo keng al Strooss ëmbenennen. Sou, u sech ass et jo e regionaalt Netz vu Stied dat sech zesummen am Austausch a gemeinsam géint Rassismus, Diskriminatioun an Xenophobie asetzt mat hirem 10 Punkte-Plang. Et gëtt jo säit 2004 an et ass och ganz interessant wann ee

kuckt d'Definitioune déi se ginn, déi si u sech vun de Vereenegten Natiounen iwwerholl hunn, wou se ganz kloer soen, datt een als Stied, als Memberstad zesumme géint Diskriminatioun, d'Exklusioun, d'Restriktioun, d'Préférence baséierend op eng Rass, d'Faarf, d'national an ethesch Originen, sech asetzt. D'international Communautéit geet souguer doriwwe eraus a bestätegt, dass esou eng Diskriminatioun an deem Sënn och eng Violatioun vun de Mënscherechter ass. Duerfir ass et, ech schwätzen och elo e bëssen englesch wéinst der Madame Hildgen, well den Här Maroldt och e puer Coursë bei eis ginn huet: Et ass everyone's business, well et sinn u sech moralesch, ethesch, legal a politesch Obligatiounen déi mer domatter duerchsetzen. Mir hunn, wéi den Här Codello schonn ugemierkt huet, d'lescht Joer eng Motioun hei gestëmmt déi mer all ënnerstëtzt hunn. Déi all Partei, jiddwreeen heibannen ënnerstëtzt hat, fir enger klenger Gruppéierung vu Stacklëtzebuurger, wéi se sech genannt hunn, mol eng Kéier e Barrage ze setzen. Mä wa mer net méi spët wéi haut d'Norichte kucken a gesinn datt de Front National an éischer Plaz a Frankräich gesat gëtt fir d'Europawahlen, dann ass dëst méi wéi néideg. Da geet et net duer, datt Diddeleng wa se déi éischt waren, an Esch dra sinn. Hei an esou engem Reseau missten u sech all d'Gemengen dra sinn. An do spillt natierlech nees, wat mer ëmmer esou fuerderen, déi berühmte Solidaritéit vun de Gemengen, dass déi nozéien.

Mir maache sécherlech vill an der Stad Esch, hate mer och an der Motioun ugesat. Mir hunn natierlech de Musée national de la Résistance, historiesch hu mer eng Verflichtung. Dat sinn déi Valeuren déi mer och verdeelt hunn hei an an de Clibb. Mir hunn elo d'Mandela Ausstellung, mä natierlech muss dat och an deem Sënn och mam 10 Punkte-Plang e bësse méi wäit goen a wéi den Här Weidig och ugedeit huet, d'Partizipatioun an dësem Kader vun de Bierger erhéije fir datt mer eis all gemeinsam solidaresch dogéint asetzen.

Ech wollt just eppes umierken zum 10 Punkte-Plang, deen och ganz interessant fannen. Ech ginn elo net op all Punkten an. Ech mengen den 10. Punkt dat ass de fair access to housing. Ech mengen do si mer hei an Esch e Beispill. Do kann ee sech eng Scheif ofschneiden, zemoos déi déi hei ronderëm sinn. Mir hunn d'Obtentioun vu soziale Wunnengen déi gi ganz fair no equal opportunity standards verdeelt. Also de Chancéglichheitsstandard, déi och e Punkt natierlech dra sinn an där Konventioun wou d'Gemeng Esch

dann och offiziell en equal opportunities employer géif ginn. Ech mengen dat gi mer och, setze mer souwisou duerch, datt jiddwereen ...

(En Deel vun der Sitzung ass wéint engem Problem mat der Mikrosanlag net opgeholl ginn.)

... huet dat dann och direkt en Impakt an Opferënnerstëtzung, dat och iwwregens e Punkt ass. An do musse mer kucke wéi mer dat am beschten ëmsetzen. An ech mengen dat ass wierklech och eng Chance fir d'Chancëgläichheetskommis-sioun an eiser Gemeng. Ech mengen et ass eng wahnsinneg Aufgab, eng Verant-wortung, déi mer mat dëser Konventioun anhuelen. An ech géif do mat op de Wee ginn, datt d'Chancëgläichheetskommis-sioun an deem Sënn och vläicht kéint agéieren a kucke wéi mer déi Standarden ëmsetzen am beschten a wéi de Monito-ring pragmatesch hei ka geléist ginn an eisem Fall, well et si jo divers 10 Punkten. Net all Punkt passt op eis nach zou. Mir si méi eng kleng Gemeng wéi Barcelona oder Berlin déi Member sinn, mä mir wuessen an d'nächst Joer si mer dann zwee mol méi grouss wéi si. Merci vill-mools."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Hansen. Dann nach den Här Zwally."

André Zwally (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wollt dem zou-stänneg Schaffen och felicitiere fir säin Exposé deen hien hei gehalen huet an där doter Saach. Ech wollt awer drop hiweisen, dass mer an deene leschten Assises de l'Intégration, an dat wollt ech och do froen, wéi et ausgesäit op Grond och vun der Maison de Citoyenneté, respektiv Maison de l'Intégration, esou wéi mer et genannt hunn, well ech et einfach wichteg fannen, dass wann een Assisen esou wéi mir se gemaach hunn, wéi Dir se gemaach hutt, och als Resultat haten. *(En Deel vun der Sitzung ass wéint engem Problem mat der Mikrosanlag net opgeholl ginn.)*

... realiséiert kréien, et wichteg ass virun der zweeter Assises de l'intégration eng Äntwert ze hunn op déi Froen déi d'Leit sech stellen. Soss op eemol kënt kee méi heihinner wann en da gesäit dass näischt Konkretes dobäi erauskënnt. Dat ass u sech déi Fro déi ech wollt stellen. An deem Sënn kritt Dir eisen Appui och wat de Plan d'action ubelaangt, respektiv och wat de Punkt 6 ubelaangt."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguerten. Här Codello, hutt Dir nach eng Äntwert?"

Schäffen Daniel Codello (LSAP): „Jo, ganz kuerz. Merci all de Riedner fir déi Ennerstëtzung, och fir déi Suggestioun vum Här Weidig. Dat huele mer da mat an déi zoustänneg Kommissioun, dat Wuert hu mer eis jo ginn, datt mer elo hei am Conseil net méi iwwer Denomina-tiounen oder Propositione wäerte schwätzen, mä si ass ganz interessant.

Ganz kuerz zu der Fro vum Här Zwally. d'Maison de l'Intégration hu mer mat der Madame Buergermeeschter ofgemaach, datt mer eis d'nächst Woch treffen, well mir hunn doropper gewaart gehat bis mer den Inventaire vun eise bestehende Gebaier jo hunn, wat alles an eisem Besëtzt ass an ech hunn och ganz kuerz scho mat der Madame Buergermeeschter geschwat, d'Maison de l'Intégration ka mat aner ähn-leche Projeten an engem Haus regroupéiert ginn. Dat ass dee Wee wou mer héchstwahrscheinlech wëlle goen. D'ASTI huet eis do zesumme mat Transition Minett, déi Escher Asbl déi och dee Gaart am Park Laval do huet, déi och op d'Dé-mocratie participative Projete schreiwen a schaffen, hunn eis eng Propos gemaach wéi dat kéint ausgesinn. Ech kann lech mat gudder Sécherheet soen, datt mer fir déi nächst Assisen, wéi mer et virgesinn hunn, do mat engem Resultat kënnen kommen. Dat heescht awer net, datt net scho méi kleng Saachen déi an den Assisen, an de Groupes de travail opkomm sinn, datt déi schon en phase de réalisation oder réaliséiert gi sinn. Et ass zum Beispill e ganz anere flotte Projet deen elo nach eng Kéier an der Kommissioun diskutéiert ginn ass, dee mer mat wëllen an d'Drëttalters-kommissioun huelen. Dat ass, datt sech do Memberen aus eiser Integratiounskommis-sioun wëllen hiergi fir net-lëtzebuerge-schen eelere Leit lëtzebuergesch Coursen ze ginn, mä déi brauche jo net déi gram-matesch richteg also mussen ze soen, mä datt déi sech kënnen am Alldag erëmfanne mat lëtzebuergesche Wierder an dat ass e Projet dee muss nach op Pabeier verfaasst ginn an da kënnen mer deen och ouni vill administrativ Geplänkels an och vill bud-getär Mëttel an d'Liewe ruffen.

Wat den 10 Punkte-Programm ugeet, Här Hansen, natierlech ass net alles op eis zougesechniden. Et si Prinzipien déi mer uerkenne wa mer deem Reseau wëlle bäitrieden. Mir mussen dat dann dee Moment op eis e bëssen zouschneiden an Dir hutt schon eppes richtiges gesot, wa mer elo bis bäigetruede sinn, da geet d'Aarbecht eréischt un. Dir hutt vill rich-teges gesot, mä och dat. Dann triede mer bäi an da gëllt et natierlech un eise Kom-missiounen, Integratioun, d'Chancëgläich-heet an och Affaire sociale fir do mat an d'Elaboratioun vun den Objektiv mat

an d'Diskussioun ze goen. Mä haut huele mer elo mol d'Décisioun de Principe fir kënnen an deem Reseau bäizetrieden an ech ginn lech och d'Wuert, datt d'Ma-dame Buergermeeschter an ech, mir wäerten och e Bréif un eis Partnerstied schreiwen, Tonicités, Metz, Lonkeg, Arel, datt mer soen, hei mir sinn deem Reseau bäigetrueden a mir invitéiere se och aus politesche Grënn, well l'union fait la force deem Reseau do bäizetrieden. Voilà."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Codello an lech alleguerten. Kolleginnen a Kollegen. Et geet net dorëms wien als éischt Gemeng hei am Land deem europäesche Reseau bäigetrueden ass. Et geet drëms dat Ganzt mat Liewen ze fëllen an ech mengen datt mir eis do als Esch bei wäitem kënnen weise loosse mat dem Pro-gramm dee scho méi laang leeft an dee soll weider gefouert ginn. Mir géifen dann elo zum Vote kommen."

Conseillers présents:

M. Marc Baum – M. Zénon Bernard – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Manuel Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité l'adhésion de la Ville d'Esch-sur-Alzette au réseau „European Cities against Racism“.

7. Urbanisme: rue Nelson Mandela, ancienne rue des Boers: aides fournies aux riverains; information

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, mir kommen dann elo zum Punkt 7, eng Informatioun betref-fend dann d'Ëmbenennung déi mer vir-geholl haten am leschte Gemengerot, rue Nelson Mandela ancienne rue des Boers. Do wollte mer lech d'Informatioun ginn, datt mer d'Leit déi do wunne fir den 31. Mee, Samschdes moies um hall-wer 10 an eng Informatiounsversamm-lung ruffen déi de Schäfferot organi-séiert, fir se natierlech doriwwer ze infor-méiere wat dat bedeit a wat dat géif bedeiten och un Emännere vu Pabeieren. Do kann ech lech awer schon direkt soen, wat et bedeit, also wat muss geän-tert ginn oder wat och mat Käschte ver-bonnen ass. Dat ass praktesch net vill.

Eist Biergeramt, wéi mer dat schonn ugekënnegt haten, wäert eng Sonder-sitzung aleeeën. Et dauert ongeféier 4 Stonne fir déi ganz Strooss ëmzebennen an de SIGI wäert dës Changementer fir eis virhuelen. Et ass esou, datt dat alles ouni Käschtchen verbonnen ass. D'Leit kënnen Certificaten, entweder hei ufroen oder telefonesch oder per Email a beim Contrôle technique, dee mat engem Certificat de résidence verbonnen ass, kënnen se eng Modifikatioun maachen déi och gratis ass. An dann ass et esou, datt d'Päss net mussen onbedéngt geännert ginn, well keng Adress dropsteet. Zum Beispill op italieneschen oder portugisesche Päss sti keng Adressen drop. Genau esou wéi bei de Cartes d'identités. Wann d'Leit do wéilten Ännerunge virhuelen, géif dat bei der portugisescher Ambassad 3 €, bei der italienescher 11 € kaschten, wou mer dann awer och géifen eens ginn. Mä wéi gesot si mussen dat iwwerhaupt net maachen. An existéierend Acten déi se hunn, mussen och net geännert ginn. Hu mer och confirméiert kritt vun engem Notaire. Also eigentlech kann alles esou bleiwe wéi et ass. Mir wëllen d'Leit awer selbstverständlech doriwier informéieren, perséinlech, a ruffe se dowéinst wéi gesot Samschdes moies am beschten, well et si vill Leit déi an der Woch schaffen oder owes och nach schaffen, ruffe se an eng Informationsversammlung. Si kréien dee Bréif an dës Versammlung wäert soit an der Casa d'Italia oder am Escher Theater sinn. Dëst als Informatioun. Madame Hildgen.“

Annette Hildgen (CSV): „Bei der Opzielung elo wat d'Leit alles mussen änneren, ass do och d'gro Kaart vum Auto, ass dat enregistréiert an de Führerschäin, well wa se dat net gemaach hunn...“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Hunn ech elo just gesot.“

Annette Hildgen (CSV): „Dann ass et gutt, well soss kréie se“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Dat hat ech elo just och gesot gehat. Ass och giel oder gro Kaart mat berücksichtegt. A gratis.“

8. Conventions:

a) Parking Aloyse Meyer: projet de convention à soumettre à Arcelor-Mittal; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Mir géifen dann zum Punkt 8 kommen. E Punkt deen d'Konventioun

betrifft. Do komme mer direkt op de Parking Aloyse Meyer, dee mer jo vun der Dagesuerdnung geholl haten, well mer kuerz duerno eng Entrevue hate mat der Arcelor, mat dem Här Michel Wurth zesumme wou mer dat doten och ugeschwat haten. Mir wëllen lech haut déi nei Konventioun déi mer ausgeschafft hunn dem Gemengerot virleeën. A wann déi haut esou gestëmmt gëtt, wäert den Här Wurth oder Arcelor respektiv, déi e Méindeg bei sech an der Boîte hunn.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

„Merci, Madame Buergermeeschter. Also wann ech un déi Reunioun denken déi mer kuerz duerno mam Här Wurth a mat anere Verrieder vun Arcelor/Mittal haten, da ware se relativ coincéiert a relativ pincéiert, well se e Language matkritt hunn dee se eigentlech als solcht net méi gewinnt waren. Mir hunn hinnen deemools gesot, dass de Gemengerot hei net mat d'accord war mat deem Loyer dee si gefrot hunn an eigentlech se rapeléiert wat hir sozial Responsabilitéit vis-à-vis vun der Stad a vis-à-vis vun där Region hei ass. An där Reunioun si mer net viru komm an dat war och net de Sujet eigentlech. Et war ee vun de Sujeten a mir sinn do esou verblifwen, dass mir hinnen da géingen eng Konterpropositioun maache vun enger Konventioun. Dat net nëmme wat de Montant vum Loyer ugeet, mä och wat de wording ugeet. An do hu mer eis inspiréiert un enger Konventioun déi mer souwisou scho mat hinnen haut hunn an zwar déi hannen an der rue de Belval, wou de Camionnette-Parking ass. Mir hunn eis inspiréiert un ...

(En Deel vun der Sitzung ass wéint engem Problem mat der Mikrosanlag net opgeholl ginn.)

... vun de Leit an dee ganzen Dreck deen do deposéiert ginn ass während där Zäit wou en net clôturéiert war, domat ewech wär, an dass si eigentlech do mat enger Responsabilitéit als Propriétaire, dee si jo och hu misste wouer huelen, enthuewe wär. Dat steet mol direkt an der Préambel. Dat zweet ass da wou beschriwwen ginn ass wat et ass. Dat sinn eng Kéier 13 Ar an eng Kéier 57 Ar an dat sinn also am ganze 70 Ar ëm déi et geet déi do sinn. Et ass kloer dass et eng Konventioun ass déi elo mol fir 2 Joer ass an dann à défaut de dénonciation geet se all Kéiers viru fir 1 Joer an d'Arcelor/Mittal behält sech aus déi Konventioun anticipativement ze résiliéieren am Fall wou d'Schëfflenger Schmelz erëm géing mat hiren Activités industrielles démarreréieren. Bon, do wäre mir vläicht alleguer bereet deem zouzestëmme fir déi Konventioun dann ze kë-

nege wann do erëm Activités industrielles géing lass goen an domat erëm Aarbechtsplazen do géingen entstoën. Ech mengen do hätt hei keen am Gemengerot e Problem domat. Dat zweet ass wa si géingen décidéieren am Kader vun hirer Politique foncière, deen Terrain do ze verkafen an dann, dat kann een och novollzéien, dat ass och wann een e Privathaus huet a lount wann de Patron et verkeeft, dann ass de Bail domat automatesch iergendwann ofgeschloss. Do wëlle se sech dann och fräi halen, dass mer keng Indemnitéit dofir froen, oder mir proposéieren dass mer keng Indemnitéit dofir froen. Mir engagéieren eis all déi Saachen ze maachen déi noutwenneg si fir den Entretien vun deem Terrain an dass mer eigentlech näischt zousätzlech maache wéi dat fir wat mer e lounen. Also do pinsel mer just e puer Strécher op de Buedem a mer setzen eis Horodateurs op a mir engagéieren eis och dat alles, de Parking souwuel wéi d'Bande verte an d'Beem an alles ronderëm propper ze halen. Ech mengen dat si mer eleng eise Leit schëlleg.

Ech mengen dat do dran ass, dass et imperativ iwwert de Boulevard Aloyse Meyer geet. Dass mir och responsabel si fir d'Sécuritéit vun der Utilisatioun vum Parking an dass d'Arcelor/Mittal net responsabel ass wann do zwee Leit um Parking anenee rennen. Dass dat ënner eiser reglementarescher Responsabilitéit ass. Dass se eng Servitude d'accès drop hu fir an d'Schmelz eranzekommen, notamment d'Basculer, an dass se och eng Servitude d'accès hu fir d'SOTEL fir dee Pilon vun der 120kW Leitung do d'Maintenance ze maachen.

Ech ginn elo net op all weider Detailler a vun där Konventioun. Ech ginn dann awer drop an, dass mir proposéieren e Loyer vun 100 € d'Joer, well mer der Meenung si wa mer vun engem symbolesche Loyer schwätzen, sinn 100 € d'Joer e symbolesche Loyer a mir wäeren och frou wann de Gemengerot där do Konventioun géing zoustëmmen. Well wéi d'Buergermeeschtesch et da gesot huet, da kritt Arcelor/Mittal déi Konventioun vun eis geschéckt, ënnerschriwwen vun eis als Schäfferot a soen do ass eis Proposition de convention esou wéi de Gemengerot eis se haut approuvéiert huet a wéi de Gemengerot eis haut de Mandat ginn huet fir déi ze verhandelen. Als klunge Plus a fir eis Negociatiounspositioun vis-à-vis vun der Arcelor/Mittal awer vläicht och e bëssen ze ënnermaueren, wëll ech lech soen, dass eigentlech d'Arbed, duerno Arcelor an haut Arcelor/Mittal, op Arbed Belval zënter elo 100 Joer 80 Ar vun eisem Terrain fir hir

Wierkstrooss occupéiert. 80 Ar an 100 Joer kee Loyer. Keen. Null. Ech hunn dat mol ausrechner gelooss, wa mer elo nëmme géinge kucken, well mer do Referenzwäerter hunn, wat dat vun 1948 u géing ausmaachen, vun deem Moment un do hu mer jo den Index an do hu mer jo d'Progressioun vum Index, a mer géingen dat a Relatioun setze zu deem Loyer deen den ZARE freet iwwert eng Emphythéose vun 30 Joer, da géing fir déi 66 Joer vun deene mer schwätzen, hätt d'Arcelor eis nëmme bei deem gläiche Präis, wat e subventionéierte Präis ass, deen am ZARE ass, fir d'Activités artisanales et industrielles, da géinge mer do vun engem Montant vun 1,2 Mio ronn schwätzen. Dat indexéiert, eropgerechent. Dat just als kleng Bonbon. Den Tarif moyen annuel deen ass, wann een dat kuckt, wäer dann 216€den Ar. Si froen eis iwwer 400, bal 500€den Ar. Wann een dat ëmrechent, also mir wäerte se dann domat konfrontéieren an dann hinne soen, och si hätten nach ëmmer eng sozial Responsabilitéit an e moralescht Engagement an eng moralesch Responsabilitéit, net nëmme vis-à-vis vun der Stad Esch, mä vis-à-vis vun der ganzer Regioun. Well dee Park&Ride do ass fir all déi Leit déi heihinner schaffe kommen an déi nach ëmmer zum Deel op den Auto ugewise si fir heihinner schaffen ze kommen. Mir hunn elo südlech ee vun der CFL, deen am Verbund mam öffentlichen Transport fonctionnéiert. Deen do wäert och am Verbund mam öffentlichen Transport fonctionnéieren, well mer hunn d'Linn 7 niewendrun an ech hoffen, dass de Gemengerot eis haut ënnerstëtzt, fir dass mer déi do Konventioun der Arcelor, och mat deenen Zousazargumenter kënne virleeën."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Hinterscheid. Freet een d'Wuert dozou? Den Här Baum, d'Madame Bofferding, Här Zwally an Här Huss.“

Marc Baum (Déi Lénk): „Merci, Madame Buergermeeschter. Merci och dem Här Hinterscheid fir déi Explikatiounen. Wéi ech d'Konventioun geliest hunn, hunn ech geduecht „et geet dach“. Et kann een et jo maachen. 100€ als symbolesch Zomm fir en Terrain deen d'Arcelor selwer am Moment net méi benotzt en vue vun där Responsabilitéit déi Arcelor/Mittal historesch huet, déi se awer och nach aktuell huet, ass en Deal deen een an där doter Form kann agoen. Och de Wording, wéi Dir dat genannt hutt, dem Här Codello sief dat iwwersat,

dann op lëtzebuergesch ass et d'Aart a Weis wéi et formuléiert ass, déi Konventioun ass esou wéi sech dat gehéiert an duerfir wäert déi dote Konventioun och eis Ennerstëtzung fannen.

Ech sinn awer hellhöreg ginn natierlech wéi Dir vum Bonbon geschwat hutt. Vun deenen 1,2 Milliounen héich gerechent, hypothetesch, wat Arcelor/Mittal am Fong zwar elo net rechtlech aklobar, mä awer zumindest moralesch der Escher Gemeng schëlleg wier. D'Fro ass awer, wa mer dat elo wëssen datt déi 80 Ar ginn, wat maache mer da mat deem Bonbon. Well et wäert jo dann net esou sinn, datt mer Arcelor/Mittal weiderhin deen Terrain fir näischt zur Verfügung stellen oder als Géigeleeschtung fir datt mer de Parking Aloyse Meyer kréien. Well wann dat den Deal wier, da wier et awer mengen och ganz geféierlech fir d'Stad Esch, well da géife mer nämlech op eppes zrëckgoe wat ech ganz kritesch géif gesinn. Dat heescht, ech géif mer dann och wënschen, datt mer deemnächst eng Konventioun hei hätten oder e Bail à loyer vun deenen 80 Ar, mat deenen Zommen déi mer notament och um ZARE froen, déi subventionéiert Zomme sinn, wou een och nach eng Kéier diskutéiere kéint, ob dat wierklech déi subventionéiert Zomme misste sinn, an datt mer och do e Bail à loyer, respektiv eng Konventioun mat Arcelor/Mittal maache wat déi 80 Ar Terrain ugeet."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Baum. Madame Bofferding.“

Taina Bofferding (LSAP): „Kolleginnen a Kollegen, d'Décisioun eis net vun Arcelor/mittal en héije Loyerspräis opdrumen ze loossen an net einfach hir batter Pëll ze schlécken, dat war sécherlech déi richtig Entscheedung. Et war gutt, dass mer virun 3 Méint geschlossen d'Handbrems gezunn hu fir esou dës Konventioun nach eemol ze iwwerschaffen. A ganz wéi mäi Virriedner seet: Et geet dach. Flott ze gesinn dass et awer ëmmer e Plang b) ka ginn. Nun, de Loyer läit bei 100€d'Joer. Dat ass wesentlech besser wéi déi ursprénglech 2.750 € de Mount. Dat ass e riesen Ennerscheid. An deem Sënn stëmme mir, d'sozialistesche Fraktioun där Konventioun zou. Mir wollten awer och nach hei d'Fro opwerfen ob de Schäfferot u senger Demande hält, respektiv nees wëllt opstellen, fir kënne eng Busnavette iwwert de Site vum Wierk Schëffleng ze autoriséieren, well dat eng Kéier an der Diskussioun war, wollte mer just nofroen ob do nach ëmmer déi Intentioun hannendrunner ass.

An dann, wéi Dir lech kënnt virstellen, hu mir sécherlech keen Awand wann Dir elo Arcelor/Mittal wëllt domatter konfrontéiere mat den Terrainen, respektiv, also mat der Wierkstrooss um Belval, fir se do nach eng Kéier drun ze erënneren an do d'Démarchen ze maachen. Merci.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci. Den Här Zwally an dann den Här Huss nach.“

André Zwally (CSV): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Ech wollt dem Här Hinterscheid Merci soe fir d'Presentatioun hei vun der Konventioun. Et ass richtig wat och hei gesot ginn ass. Wann een déi dote liest, da gesäit een en onheemlechen Ennerscheid tëscht deem dee mer déi éischte Kéier hei leien haten. De Wording, esou wéi Dir dat genannt hutt, ass wierklech e bësse wéi am Mäerchen, hei fënnt ee sech mol erëm eng Kéier erëm. De Sproochgebrauch als solches, dass et wierklech och deen ass dee mir hei gewinnt sinn. Ech schlësse mech och un deem u wat hei de Kolleg Baum gesot huet. Et ass och fir mech nei, dass eigentlech eng Wierkstrooss schonn zënter 66 Joer ... (Ennerbriechung vum Här Hinterscheid) Ok, 66 Joer zrëckgerechent, dass déi eigentlech nach ëmmer an eiser Propriétéit läit. Ech stelle mer dann och d'Fro am Zesammenhang wat de Belval selwer ubelaangt, wa mer ëmmer hei Diskussioun och haten an och d'Motioun déi d'CSV u eraginn haten, dass et do dann awer schwieereg gëtt fir Diskussiounen ze fannen, wann et dorëms geet fir eng Connectioun ze maachen hannenaus vun der Bessemer Strooss Richtung eisen neie Quartier um Belval Uni sollt gefouert ginn. Mir géifen dann och an deem Sënn nach eng Kéier drop awierke fir ze soen, dass dat och fir eis nach ëmmer wichtig ass an dass een dat doten da soll och gebrauchte fir déi Diskussioun nach eng Kéier ze lancéieren. An deem Sënn wäerte mir dann och dat heite matstëmme. Ech hunn nach just eng Remarque ze maachen um Niveau vun dem Bus-Quai, wou mer gesinn, dass do wierklech Installatioun komm ass mat öffentlichen Toiletten. Géife vläicht drop opmierksam maachen, dass vläicht deen Deel wou d'Männertoilette ass, dee ganz gutt asichtbar ass wann s de mam Auto do laanscht fiers, eng Kéier ze iwwerdenken an do e bësse méi Intimitéit dra schafen. An deem Sënn si mer dann awer mat deem d'accord wat Dir hei gesot hutt. Merci.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Zwally. Här Huss.“

Manuel Huss (Déi Gréng): „Merci, Madame Buergermeeschtesch. Ech ka mech menge Virriedner just uschlëssen. D'leschte Kéier wou mer heiriwwer geschwat hunn do wollt Arcelor/Mittal jo déi 2.700€de Mount vun eis kréien. Ech hunn deemools gemengt, dass ee vun engem Konzern wéi Arcelor/Mittal duerchaus e gewëssent Gespier, eng gewësse Responsabilitéit, Respekt an Ennerstëtzung fir d'Entwécklung vun der Stad Esch erwaarde kéint. A wa se elo d'Propositoun vum Schafferot géifen unhuelen, mengen ech, géife se deem och zum Deel Rechnung droen. An dofir sinn ech dann och ganz gespaant wéi dat weidergeet. Als Gréng sti mer op alle Fall och hannert där Konventioun. Merci.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Huss. Här Weidig.“

Paul Weidig (LSAP): „Jo, ech wollt just drop hiweisen, mir sollen awer mat zwee Féiss um Buedem bleiwen an dat do als lokale Projet betruechten. A selbstverständlech huet d'Arbed seng morallesch Verflüchtungen. Dat ass an der Rei. Mä wa mer ufänken iwwer Terrainen ze schwätze wéi déi 80 Ar. Ech ka mech gutt erënneren, déi sinn iergendwéi vergiess ginn an déi sinn héchstwahrscheinlech an engem Acte dee gemaach ginn ass, si se vergiess ginn an op der Wierkstrooss, et ass an der Rei. Mä mir mussen awer och bedenken, dass mir oder dass d'Allgemengheet vun der Arbed déi ganz Exploitatioun, op dat de Gaalgebierg ass oder de Schëfflenger Bierg ass, notzt. Déi gehéieren alleguerten Arbed an do muss och mol eng Léisung gesicht ginn. An ech menge komm mir bleiwe wierklech hei op dee Projet hei. Deen ass gutt verhandelt ginn an ech fannen och, de Schaffen huet do eng ganz gutt Aarbecht geleescht. Mä unzefänke fir ze soen do sinn nach 80 Ar, also do géif ech dann awer wierklech oppasse wa mer ufänke mat hinnen doriwwer ze diskutieren.“

Wat net verhënnert, dass mer eng Kéier solle mol wierklech, an dat muss awer menges Erachtens um nationalem Gebitt geschéien, wat geschitt eng Kéier mat deene gesamten Exploitatioun ronderëm, déi herrlech Landschaftsgebitter ëm Esch, déi schéinst géif ech mengen hei am Land, an och aussergewéinlech fir Europa, dass déi iergendwann eng Kéier an den öffentlechen Notzen iwwerginn. Well wann d'Arbed géif mar zou maachen, da géife mer en dommt Gesiicht maache ronderëm mat eise ganze schéine Landschaftsgebitter. Merci.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Weidig. Mir huelen Är Positioun zur Kenntnis. Et ass esou datt de Schafferot wäert e Méindeg, falls elo des Konventioun hei vun dem Gemengerot ugeholl gëtt, e Méindeg Arcelor/Mittal e Bréif schreibe mat deser Konventioun, datt dat de Virschlag ass, dee vun der Escher Gemeng kënnt. Parallel dozou wäerte mer natierlech weider, et war jo eréischt eng Sitzung mat hinne gewiescht an et si méi Punkten déi unzeschwätze sinn. Och d'Arcelor/Mittal huet Hausaufgaben ze maachen. Mir schwätzen iwwer Terrainen. Mir schwätzen iwwer eng Fermeture zu Schëffleng. D'Aussoe sinn nach ëmmer net kloer. Et gëtt sech do gewonne vun hinnen. Mir hunn, wéi gesot, nach eng Sitzung ganz sécher virum Summer an erwaarden eis dann heiderop och eng Äntwert. Ech géif awer dem Här Hinterscheid d'Wuert och nach gi fir op déi eenzel kleng Froen nach ze äntwerten.“

Schaffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschter. Den Här Baum an d'Madame Bofferding hate recht mat hirer Ausso: Et geet dach. Et geet, jo vun eiser Säit. Elo muss mer d'Arcelor nach iwwerzeegt kréien dovunner, dass et esou geet. Ech mengen awer perséinlech, dass wa mir kënnen hei mat engem kloere Mandat deen unanime vum Gemengerot kënnt, andeems se déi Konventioun esou wéi mir se hei préparéiert hunn, stëmme, hu mer en anere Poids vis-à-vis vun der Arcelor a mer wäerte si dann awer och nach drun erënneren, dass si do eppes gesquat hu wou et vläicht juristeschesch schwierig ass fir dat erëm no-negotiieren ze goen, mä wou een awer kënnt eng Zukunftsperspektiv dann awer mol an de Raum geheien an dat och diskutieren. Ech wëll awer och drun erënneren, dass mir eigentlech fir déi Wierkstrooss do e Compromis seiner Zäit scho mam Stat gestëmmt hunn. En Echange mam Stat gemaach hunn, mä deen nach ni formaliséiert ass, et ass zwar e Compromis, mä et ass nach ëmmer eis. An do ass net driwwer ze diskutieren. An et ass och an där Diskussioun ëm Busnavette sécher hellefräich fir ze soen, majo Dir hutt do elo 100 Joer eng Navette wou Är Camionen driwwer gefuer sinn, da wäert et jo och méiglech sinn op engem Wierk wat desaffectediert ass, eng Busnavette ze kréien. Also ech mengen, mir sollten déi zwee Sujeten awer haut vuneneen trennen awer net vergiessen. Net vergiessen, also d'Problematik souwuel vun der Busnavette iwwer den Territoire vun Arbed Esch/

Schëffleng wéi och nach ëmmer en anere Wee ze fanne fir Belval un Esch unzebannen, zwar weiniger mam Bus, well ech mengen dat fonctionnéiert gutt. Den öffentlechen Transport fonctionnéiert wierklech gutt. Südlech hu mer d'Linne vum TICE déi laanscht fueren a vum RGTR laanscht fueren. Mir hunn an der Mëtt hu mer d'Eisebunn eigentlech an estlech oder nordestlech hu mer zwou Linnen déi et ubannen, mä wat eis awer feelt, dat ass wierklech e Chemin piétonnier dee méi kuerz ass a wat eis feelt dat ass eng Piste cyclable déi méi kuerz ass a méi angenehm ass wéi dat wat mer haut hunn. An dat wäerte mer och an déi Negotiatiounen erabrëngen.“

Här Zwally, dat mat der Toilette dat kucke mer no. Also ech mengen, nee dat sinn effektiv esou Dommheeten, ech hunn dat méi oft erlieft, dass een dat vergiess huet an do muss ee gegebenefalls dat wat een am Terme Schamwand nennt, noinstalléieren, dass einfach e gewëssene Sichtschutz ass, wat och vläicht noutwennege ass eleng fir do keng Sensibilitäten ze verletzen.“

Här Weidig mat Äre Remarquë wat déi Terrainen ronderëm ugeet, hutt Dir Recht, mä mir dierfen ni vergiessen, dass e groussen Deel vun deem iwwerhaapt net op Escher Bann läit. Well alles wat de Leesbiere ass, läit gréisstendeels op Schëfflenger Bann an hanne Richtung Ellergronn si mer ganz séier zu Keel an zu Rémeleng. Mä d'Problematik bleibt awer déiselwech an déi muss mer kucken an enger regionaler Approche ze léisen. An dat kéint eng Aufgab och mol sinn, eng nei Aufgab si fir de ProSud. An da wäeren déi Keeler Kollegen och vläicht e bësse motivéiert fir erëm do matzeschaffen.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Schéint Schlusswuert. Da komme mer zum Vote.“

Conseillers présents:

M. Marc Baum – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Manuel Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil Communal approuve à l'unanimité le projet de convention signée entre la Ville d'Esch-sur-Alzette et la société anonyme ArcelorMittal Luxembourg.

b) Convention avec la Kulturfestival asbl; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci fir dës Eestëmmegkeet déi eis bestëmmt méi eng staark Position gëtt.

Mir kommen zu der zweeter Konvention mat der Kulturfestival Asbl. Et ass den zweeten Deel dee mer haut musse stëmmen. Dat heescht de Montant vun 285.000 €. De Programm ass bekannt, ass an der Pressekonferenz virgestallt ginn. E ganz flotte Programm, an ech wëll dovunner profitéiere fir dem Här René Penning als President an där ganzer Equipe déi an der Asbl ass, e grouse Merci ze soe fir hiren Engagement am Kader vun der Programmation a géif lech bieden deem zoustëmmen. Den Här Mischo.“

Georges Mischo (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschtesch. Dir hutt elo gesot, d’Konvention fir den Terres rouges Festival ass 285.000 €. Bis elo sinn 3 Show Acts presentéiert ginn, also Headliner, et sollen nach 3 Stéck nokommen. Bleift et bei deem Montant vun 285.000 € oder ass do iergendwéi mat deenen 3 Artisten oder Gruppen déi nach sollen dobäi kommen, d’Méiglechkeet dass déi nach méi héich gëtt?“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „De Budget ass kloer definéiert. En ass jo elo opgedeelt, et si jo elo all 2 Joer Kulturfestival, en ass kloer definéiert an e muss an deem Kader sinn.“

Conseillers présents:

*M. Marc Baum – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Manuel Huss – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l’unanimité la convention signée entre la Ville d’Esch-sur-Alzette et la Kulturfestival asbl.*

9. Discussion concernant les négociations sur le traité de libre-échange entre l’Union européenne et les Etats-Unis, dénommé TTIP (ou TAFTA)

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguerten. Mir kommen zum Punkt 9. Haut de moien ass elo

e puermol gesot ginn „et geet dach“ an ech wëll opgräifen, dass wat mer déi aussergewéinlech Gemengerotssitzung aberuff hate wou nëmme een Dagesuerdungspunkt drop war, dat war d’Stroos vum Nelson Mandela, haten d’Verrieder vun déi Lénk bemierkt wéinst engem Punkt e Gemengerot zesummen ze ruffen, dat wier e bësse schued. Et sollt méi diskutéiert ginn a mir haten den Opruff gemaach, jiddweree kann eppes dropsetzen op d’Dagesuerdung wann e wëll. Dir hutt eppes dropgesat fir haut. Mir hunn et ugehall. Ech ginn dem Här Baum d’Wuert. Ech géif dem Här Baum dann d’Wuert ginn als Interpellant.“

Marc Baum (Déi Lénk): „Jo, Merci, Madame Buergermeeschter. Dir hutt recht, mir hu leschte Freideg oder déi leschte Kéier wou mer hei am Gemengerot zesumme komm sinn, si mer der Invitiation nokomm dass een Diskussioun soll féieren. Diskussiounen déi d’Gemeng betreffen an déi eng gewëssen Aktualitéit hunn. Dat ass och de Grond firwat mer deen dote Punkt op den Ordre du jour gesat hunn. De Punkt vun den Diskussiounen oder vun den Negociationen, vun de Verhandlungen déi am Moment gefouert ginn iwwert e Fräihandlofkommes tëschent der Europäescher Union an de Vereenegte Staaten. Déi Negociatione si bekannt ënnert dem Numm TAFTA oder TTIP a se ginn an der ziviler Gesellschaft ganz staark kommentéiert. Se gi virun allem och ganz staark kommentéiert, an dat ass och de Grond firwat ech gefrot hu fir et hei op den Ordre du jour ze kréien, well et a ganz wesentleche Beräicher d’Gemeng, d’Souveränitéit, d’demokratesch Souveränitéit vun der Gemeng betrëfft an iwwerhaupt d’Aart a Weis wéi Gemenge mat där Fräihandelszone oder mat deem Potential wat doranner läit, soll ëmgoen. Ech mengen et muss een als Ufank soen, dass an deene leschten 2 Joer verhandelt ginn ass oder e Mandat ausgeschafft ginn ass, dee vun der europäescher Kommissioun als Verhandlungsmandat, also quasi als Optrag wéi eng Positionen d’Europäesch Union soll an deene Verhandlungen anhuelen. Dat Mandat dat ass am Ufank geheim gehale ginn an et ass just d’Resultat vu Fuite vu Fonctionnairé vu Bréssel déi en anert Demokratieverständnis hunn, dass et eis haut Gott säi Dank virläit an dass mer haut glécklecherweis driwwer kontrovers diskutéiere kënnen.

D’Kommissioun huet och missten zouginn, dass an der Preparatioun fir dat Mandat si 119 Reunionen innerhalb vu 15 Méint hat, mat Verrieder vu Lobbyen

aus der Geschäftswelt a vu Multinationalen an der Preparatioun fir dat Mandat, an dass se keng Reunionen hate mat Ëmweltverbänn, mat Verbraucherschutzverbänn, mat Gewerkschaften. Dat spigelt sech och am Inhalt vun deem dote Mandat erëm. Zënter dem 8. Juli 2013 ginn déi Verhandlungen gefouert. 8. Juli 2013, Geheimverhandlungen, obwuel just virdrun dee berühmten NSA Skandal war wou erauskomm ass, dass dee Partner mat deem ee verhandelt, d’Europäesch Kommissioun konsequent ausspionéiert huet. Dat heescht, et kann ee soen, dass déi eenzeg well et jo Geheimverhandlungen waren dee Moment, déi Bescheid wosste wat dann dat Mandat wier, den Optrag vun der Europäescher Kommissioun, dat ware just d’Kommissioun selwer, d’Regierungsverrieder vun deene 27 Staaten an den amerikanesche Partner. Déi wosste Bescheid. Ween net Bescheid wosst dat waren zu deem Zäitpunkt déi gewielte Verrieder vum Vollek. Wéi gesot, duerch déi Fuiten ass dat rewerséiert ginn.

Déi Verhandlungen déi am Moment gefouert ginn, hu sech zum Ziel gesat fir 2015 zu engem Enn ze kommen. Ausgeschwatene But oder Objektiv vun deene Verhandlungen ass eng weider Liberaliséierung vum Marché an Deregulation vu verschiddene Reglementationen déi am Moment op deenen zwou Säite bestinn. Et ass deen TTIP wéi e genannt gëtt, ass am Fong e kleng Brudder vun deem wat et am Moment scho gëtt zënter 20 Joer, nämlech NAFTA, nordamerikanesch Fräihandelszone, op déi ech och herno nach eng Kéier wäert zeréckkommen.

Dat Mandat wat dann elo public ass, do sti Saachen dran an Artikelen déi am Fong bekannt sinn, well Mëtt vun den 90er Joeren ass et schon eng Initiativ gi fir den Handel weider ze liberaliséieren an ze deregulariséieren an zwar déi berühmten a glécklecherweis net zustane kommend MAI-Accorden, déi esou genannt gi sinn. Et ass op Grond vun deemools an den Enn 90er Joeren op Drock vun der Zivilgesellschaft wou déi franséisch sozialistesche Regierung ënnert dem Lionel Jospin gesot huet, dass déi MAI-Accorden esou wäit géife goen oder dass d’Propositionen déi um Dësch géif leien, esou wäit géif goen, dass se net amendabel wier, amendéierbar wier, mä dass ee se misst einfach ofsetzen. Datselwecht, oder e ganz groussen Deel vun deene selwechten Elementer hu mer elo an deem heite Mandat vun der Europäescher Union an ech mengen dat d’ärf een ni vergiessen an der Diskussioun. Iwwer dat wat mer diskutéieren ass net dat wat d’Amerikaner wëllen oder

wat eventuell kéint e Kompromëss sinn deen erauskënn. Dat wouriwwer mer diskutéieren ass dat wat d'Europäesch Kommissioun gären hätt. An dat sinn en gros véier Saachen. A vun deene véier Saache betreffen d'Gemengen, also och d'Escher Gemeng dräi direkt.

Dat eent, dat ass wéi oft bei esou Fräihandelszonen, bestoend Douanestaxen erofzesetzen. Am Moment ginn et nach zwee Beräicher am Commerce tëschent de Vereenegte Staaten an Europa wou et déi Douanestaxé ginn. Dat ass an der Textilindustrie an an der Agriculture. Mer wëssen datt d'Agriculture déi eenzeg Politik ass wou Europa, d'Europäesch Kommissioun iwwerhaupt nach eng Politik, nämlech eng gemeinsam Agrarkulturpolitik bedreift. Déi kann ee sécherlech a verschiddene Punkte kritiséieren, mä et ass e Beräich deen zentral ass a vun zentraler Bedeitung fir déi europäesch Economie. Dat betrëfft awer d'Gemengen elo net weider. Ech wäert och net weider drop agoen. Och net alles zitëiere wat et vun Ëmweltverbänn, vu Landwirtschaftsverbänn u Craintë gëtt, wat dat alles géif bedeite wann déi Douanestaxen da wierklech géife falen.

Déi dräi aner Saachen hu méi direkt eppes mat der Gemeng ze dinn. Et ass engersäits dat erklärend Zil non tarifaire Taxen, non tarifaire Barrièren déi et scheinbar ginn, erofzesetzen, respektiv se a verschiddene Beräicher ganz verschwannen ze doen. Wat sinn net tarifaire Barrièren? Et si Reglementer, Normen, Gesetzer, déi et op deenen zwou Säite vum Pool gëtt, wat sozial Standarden ugeet, wat Sanitairstandarden ugeet, wat Ëmweltstandarden ugeet, technesch Standarden etc.etc. Et geet also drëm datt net verschidden Normen, net verschidde Gesetzer kënnen Investitiounen oder sollen Investitiounen kënnen verhënnern. An duerfir sollen déi Gesetzer oder déi Reglementer an déi Normen vereinheetlecht ginn, wat awer automatesch bedeit, erofgesat ginn op deenen zwou Säite vun den Negociateuren. Dat steet explizit am Mandat vun der Kommissioun dran.

Vläicht just fir zwee Elementer ze zitëieren, den Artikel 3 gesäit vir, d'Positioun vun der EU: 'L'accord prévoira la libéralisation réciproque du commerce des biens et services ainsi que des règles sur les questions en rapport avec le commerce, avec un haut niveau d'ambition d'aller au-delà des engagements actuels de l'OMC.' A mer wëssen datt d'OMC am Moment déi Institutioun ass déi probéiert déi Regeln op deen niddregsten Niveau, op de plus petit commun dénominateur ze setzen. Et ginn aner Artikele aus deene ganz kloer ervirgeet ëm wat et

geet: 'L'objectif des négociations sera de négocier des dispositions visant la libéralisation de la protection des investissements en partant des niveaux les plus élevés de libéralisation et des normes les plus élevées de protection pour l'investissement des deux parties négociés à ce jour.' Dat ass d'Positioun vun der Europäescher Kommissioun: Komm mer starte bei deem héchste Grad vu Liberaliséierung op deenen zwou Säiten a bei deem niddregste Grad vu Schutz deen et op deenen zwou Säite geet. Dat wëll d'Europäesch Kommissioun. Dat ass d'Mandat. Dat ass net dat wat d'Amerikaner onbedéngt wëllen. Dat wësse mer net wat d'Amerikaner wëllen. Mä mir wësse just dat wat d'Europäesch Kommissioun wëll.

Mer wëssen awer, wat d'Amerikaner net hunn, an dat si verschidden, wesentlech Ëmweltstandarde wéi datt se de Kyoto-Protokoll net ënnerschriwwen hunn. Si hunn d'Konventioun zur Biodiversitéit vu Rio net ënnerschriwwen. Bei hinne gëlle ganz aner Regele wat de Verbraucherschutz ugeet, wou et wierklech diametral opposéiert Regele sinn. Nämlech an Europa gëtt et de Principe de précaution. Dat heescht datt en Hiersteller vun enger Wuer selwer an der Verantwortung ass fir ze beweisen datt dat net nocif ass wat hie produzéiert. An Amerika ass dee Prinzip ëmgekeiert. De Stat muss beweisen datt et nocif ass wat do produzéiert gëtt, eréischt dann däerf et verbuede ginn. Also wesentlech Elementer sinn an deem ganzen ënnerschiddlech an d'Viraussetzung ass, mer gi vun deem niddregsten aus wat et op deenen zwou Säite gëtt. Dat seet d'Europäesch Kommissioun.

Mer wëssen, datt d'Amerikaner just zwou vun aacht fundamentale Konventiounen vum OIT, vun der Organisation internationale du travail ënnerschriwwen hunn. Mer wëssen datt OGM, also genetesch manipuléiert Wueren net etiquettéiert musse ginn. Hormonfleesch wësse mer. Antibiotika, Chlorpouleten etc.etc., vum gaz de schiste guer net ze schwätzen.

Wa Reglementer verbindlech sollen erofgesat ginn, op verschiddenen Niveauen, da betrëfft dat och Reglementer déi d'Escher Gemeng hält. Et bedeit nämlech, an dat steet ausdrécklech dran, datt all Niveau vun der Gouvernance dovunner soll Deel huelen.

An dat zweet dat ass de berühmte Schutz vun den Investissementer dee soll drakommen an déi domatter verbonne Schiedsgeriichter, déi am Fong en Element si vu Postdemokratie. Wat sinn déi Schiedsgeriichter? Ma wann et e Litige gëtt tëschent engem privaten Investis-

seur an dem Stat, da soll kënnen eng privat Jurisprudenz, e Schiedsgeriicht kënnen driwwer decidéiere wie recht huet. Dee Groupe d'arbitrage ass de Géigendeel vun deem wéi Justiz an enger Demokratie funktionéiert. E kënt nämlech dee Groupe d'arbitrage juste au cas par cas zesummen. Et si Privater déi vun deene verschiddene Partien zesumme gesat ginn. Déi Geriichter tagen à huis clos an hir Urteeler sinn direkt applicabel, contraignant an ouni Appel. De Géigendeel ass eis Justiz, eis demokratéisch Justiz wéi mer se kennen, nämlech eng permanent Institutioun, encadréiert vu forméierte Magistraten déi d'Gesetzer, déi en public applizéiert ginn an d'Méiglechkeet natierlech fir en appel ze goen. Dëst ass d'Ambitioun vun der Europäescher Kommissioun. Dat steet an deem Mandat mat dran, datt esou privat Schiedsgeriichter sollen instauréiert ginn. Dat kennt d'Europäesch Unioun an där doter Form nach net. An deem Accord, dee virdrun ausgehandelt gëtt, an deem awer nach net ratifizéiert ass mam Kanada, ass et déi éischte Kéier wou esou eppes virkënt. Hei géif et dat zum allgemenge Prinzip maachen an eis Rechtsgrundlag wéi mer se an Europa kennen, zerstéieren. Dat kann een einfach net anescht bezeechnen. Et géif och onméiglech maachen de Schutz vun Investissementer, datt een iergendeng Form vun Industriepolitik, Agrarpolitik, éffentlecher Leedung vun Investissementer kéint bedriewen. D'éffentlech Hand kéint selwer keen ökonomeschen Acteur sinn, respektiv misst all déi Subsiden oder Finanzementer déi et gëtt fir verschidden Aufgaben déi iwwerholl ginn, misst se och deene Privaten zoukomme loosse. An da si mer bei deem drëtte grouse Punkt deen d'Gemengen och betrëfft. Dat sinn d'Marchés publics. Am Artikel 24 vum Mandat steet ausdrécklech dra wat d'Europäesch Kommissioun wëll. 'L'Accord visera à accroître l'accès mutuel aux marchés publics à tous les niveaux administratifs (national, régional et local), et dans le secteur des services publics, couvrant les opérations pertinentes d'entreprises opérant dans ce domaine et assurant un traitement non moins favorable que celui accordé aux fournisseurs établis localement.' Dat geet wäit. An deem Mandat wat soll verhandelt ginn, seet d'Europäesch Kommissioun am Fong näischt anescht: Iwwerall do wou et e privaten Ubidder vun enger Déningschtleeschtung gëtt, däerf d'éffentlech Hand déi eegen Déningschtleeschtung am Fong net méi subventionéieren. Dat ass den Ausverkauf vum Service public. Dat ass d'Mandat wat hei drasteet.

Et bedeit awer och nach, wann ee weider geet, datt déi ëffentlech Ausschreiwungen déi eng Gemeng oder e Land mécht, wat zum Beispill e Bau vun enger Schoul ugeet oder wat verschidden aner Dénsgschtleeschunge gëtt déi eng Gemeng net, oder Infrastrukturkäschten déi eng Gemeng net selwer iwwerhëlt, steet ausdrécklech dran datt et keng Contrainen därëf ginn, keng Critèren därëfe gi wéi zum Beispill datt et lokal Firme sinn, wéi zum Beispill datt et lokal Wuere sinn déi do ugebuede ginn. Dat heescht zum Beispill, wann en Escher Schäfferot géif, oder Gemengerot géif décidéieren datt an de Schoulkantinne just nëmmen nach Fair Trade Produiten aus ökologeschem Ubau, respektiv aus regionaler Produktioun sollen ugebuede gi fir d'Kanner, da schléisst dat Mandat vun der Europäescher Kommissioun, an et därëf een net midd ginn et ze soen, dat ausdrécklech aus.

Elo sinn d'Verdeedeger vun deem a mengen Ae Monstrum vu Mandat wat et do gëtt, soen: Jo, mä et ginn awer och Garantien. Et gi verschidde sozial Klauselen déi mer jo alleguer kennen, wéi vill déi sozial Klauselen wäert sinn an all deenen Diskussiounen déi mer virdu schonn haten iwwert den Traité, Referendum etc.etc. Et ass awer wonnerbar an deem Text vum Mandat nozeliesen, datt alles wat eng Garantie wier, am Konjunktiv formuléiert ass, 'devrait' an esou weider, an alles wat eng konkret Liberaliséierung an Deregulariséierung ass, ass affirmativ formuléiert am Futur simple. Eleng dat weist scho wat déi Garantie wäert sinn. Do ass d'Europäesch Kommissioun dann higaangen, an och dat Argument gëtt dann ëmmer erëm benotzt, an huet eng Etude an Opdrag ginn, déi se och validéiert huet déi Etude, wou se da 500.000 Aarbechtsplaze versprieche an esou vill ökonomesche Gewënn. Déi Etude selwer seet awer, datt éischtens déi 500.000 oder déi hallef Millioun Aarbechtsplaze just am alleroptimisteschem Szenario géifen zoutreffen an dat eréischt 2027, also iwwer 10-12 Joer ewech. An dat et e Wuesstem, e cumuléierte Wuesstem an deenen 10-12 Joer vun am beschte Fall 0,5% géif ginn. Also pro Joer 0,05% Wuesstem am allerbeschte Fall an datt dann nach dee Wuesstem komplett ongläich verdeelt géif ginn. Also ökonomesch bréngt et quasi näischt. Dat seet déi Etude vun der Europäescher Kommissioun.

An dann hu mer gesot, et gëtt e Beispill, nämlech d'NAFTA. Dat heescht déi Fräihandelszone déi et zënter 20 Joer gëtt tëschent Kanada, de Vereenegte Staten a Mexiko an un där sech dat heite Mandat

orientéiert huet vun der Europäescher Kommissioun. A beim NAFTA war et souguer nach méi phenomenal. Do ass gesot ginn Milliounen Aarbechtsplaze wäerten entstoen. D'Salären an all de Länner wäerten an d'Luucht goen an et ass zu dem fräien Handel deemools wirklech nach am plein espoir vun engem dereguléierte Marché, vun der fräier Hand vum Marché déi alles am Grëff hätt, wou dat da gesot ginn ass. Elo, 20 Joer drop ginn et Bilanen déi och ëffentlech sinn, déi public si vun ëffentlechen Institutiounen, an dat Versprieche vun de Milliounen Aarbechtsplazen ass an der Realitéit, datt eleng an den USA net méi Milliounen Aarbechtsplazen entstane sinn, mä 700.000 ofgebaut. D'Salairé sinn duerch d'NAFTA, duerch dee Fräihandelsaccord an den USA, a Kanada llicht erofgaangen, soen déi Rapporten, a Mexiko stagnéiert op engem Niveau deen immens nidderreg ass an deen elo an deene leschten 2 Joer souguer nach ënnert deen Niveau gefall ass wéi et virun dem NAFTA war. An déi Schiedsgeriichter, wou jo dann déi privat Investisseuren d'Länner konnte verkloen, déi hu getaagt. 30 mol ass de kanadesche Stat ugesicht ginn. 30 mol, vun amerikanesche Multinationalen. An 30 mol huet de kanadesche Stat verluer. De mexikanische Stat ass 5 mol ugesicht gi vun amerikanesche Multinationalen a 5 mol huet de mexikanische Stat verluer. Wat dozou gefouert huet, datt soubal och nëmmen de Verdacht do ass, datt eng Multinational kéint e Gesetz a Fro stellen, entweder dat Gesetz iwwerhaupt mol net méi zum Vote kënn oder déi Länner a vorauseilendem Gehorsam dohinner ginn an dat Gesetz ëmänneren, respektiv et iwwerhaupt net zum Vote komme loosse. A Mexiko ass et esou wäit gaangen, datt dat an der mexikanischer Verfassung garantéiert Minoritéiterecht vun Indigènes huet missten aus der Verfassung erausgeholl ginn, well en amerikaneschen Investisseur doranner eng Entrave zu sengem Investissement gesinn huet. D'Mexikaner hunn hir Verfassung geännert wéinst dem NAFTA. Dat ass d'Situatioun, a wéi ech gesot hunn treëft dat op all Niveaue vun den ëffentlechen Entitéiten zou, dat heescht och a grad d'Gemengen an och a grad Gemenge wéi Esch, déi sech selwer och als ökonomeschen Acteur gesinn, an deene verschiddenste Beräicher wéi zum Beispill am Approvisionnement vu Waasser, am Müll, an der Santé wou mer Verantwortung iwwerhuelen, an der Kommunikatioun, am Logement, an der Action sociale, an eiser kultureller a sportlecher Offer an an der administrativer Berodung a Begleedung vun eise Bierger,

respektiv, an och net ze vergiessen, grad a wichteg Energieversuergung vun der Populatioun. Dat heescht dat dote betrëfft eis Gemeng. Wann dat doten, wann déi do Ziler déi d'Europäesch Kommissioun definéiert, ëngesat ginn, dann huet d'Escher Gemeng ganz ganz sérieux Problemer.

Et huet sech awer iwwerall an der Welt oder iwwerall an deene betraffene Länner Widerstand gereegt wéi bis bekannt ginn ass wat dat dote wirklech bedeit. Dee Widerstand gëtt et och zu Lëtzebuerg an en artikuléiert sech an enger gemeinsamer Stellungnam vu Gewerkschaften, Ëmweltverbänn, Sozialverbänn a Bauerevertreieder a Konsumenteschutz. Eng rieseg Unioun vun Organisatiounen, OGBL, LCGB, Caritas, Action solidarité tiers monde, Greenpeace, Mouvement écologique, UCL etc.etc. An hirer Analys déi mengen ech, ganz pertinent ass, komme se zur Konklusioun, zu enger ähnlecher Konklusioun wéi de Lionel Jospin 1997, nämlech datt dat do Mandat, dat ass net amendabel, et ass net reforméierbar, mä si froen den direkten an immediate Stopp vun deene Verhandlungen déi do entaméiert sinn.

Madame Buergermeeschter, den TTIP, dee Fräihandelsaccord deen am Moment amgaangen ass verhandelt ze ginn, ass en demokratescht Monster. Et ass en demokratescht Monster wat d'Souveränitéit vun den ëffentlechen Institutiounen, déi demokratesch gewielt sinn, a Fro stellt, ënnerleeft, déi bewosst sozial, ökologesch a Verbraucherschutzcritèren entgéint steet an ech géif gär eng Ried vun engem Statspräsident zitëiere virun der UNO. Déi Ried fänkt u mat, et si véier Sätz:

'Nous sommes face à un conflit frontal entre les multinationales et les États. Ceux-ci sont court-circuités dans leurs décisions fondamentales - politiques, économiques et militaires - par des organisations qui ne dépendent d'aucun État, et qui à l'issue de leurs activités ne répondent de leurs actes et de leurs fiscalités devant aucun parlement, aucune institution représentative de l'intérêt collectif. En un mot, c'est toute la structure politique du monde qu'on est en train de saper.'

Dee Mënsch deen dat gesot huet, huet dat virun 42 Joer gesot an et war keen anere wéi de Salvador Allende dee virausgesinn huet zu wéi engen Dériven de Neoliberalismus féiert.

Madame Buergermeeschter, de Widerstand gëtt méi grouss hei zu Lëtzebuerg an och an eisen Nopeschlänner. Als Escher Gemeng si mer direkt betraff an ech mengen duerfir, datt mer als Escher

Gemeng och sollten e Signal setze wat an der Rumm vun deene Méiglechkeeten ass déi mir als Escher Gemeng hunn an déi certe beschränkt sinn. An duerfir hunn ech eng Motioun, oder hu mer eng Motioun redigéiert déi wou mer den, wou mir als demokratesch gewielten Entitéit vum Conseil de Schännerot opfuere bei der Regierung ze intervenéieren am Sënn, oder fir ze froen datt d'Regierung sollt déi doten Negociatiounen, oder sech dofir assetzt datt déi doten Negociatiounen ophalen.

Madame Buergermeeschter, de Widderstand ass eppes wat mer hei zu Esch an deene leschte Woche jo méi oft diskutéiert hunn, an de Widderstand ass eppes wat net nëmmen eng Kéier historesch war, un dat ee sech dann ëmmer erëm eng Kéier erënnert, mä de Widderstand ass eng Praxis, an duerfir géif ech d'Kollagen an d'Kollegen aus dem Gemengerot an aus dem Schännerot opfuere deem Widderstand Ausdruck ze ginn an déi dote Motioun ze votéieren. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Villmools Merci dem Här Baum. Et wier dann um Här Huss. Den Här Mischo, den Här Weidig, den Här Hansen. Den Här Huss.“

Manuel Huss (Déi Gréng): „Merci, Madame Buergermeeschtesch. Merci och dem Här Baum fir d'Initiativ. Als Gréng sti mir dem TTIP ganz kritesch géigeniwwer. Dat aus verschiddenen Ursachen. Ech fänken u mat der Aart a Weis wéi dat Ofkommen verhandelt gëtt. Et geet hei ëm en Ofkommen dat déi ganz Gesellschaft an enger ganzer Partie vun existenzielle Froe betrëfft an en Ofkommen dat därmoosse wäitreechend ass, misst eigentlech an engem transparente Kader verhandelt ginn. Dat ass hei net de Fall. TTIP gëtt vu Lobbyisten, vun der amerikanescher Regierung an der EU-Kommissioun quasi an der totaler Dunkelkammer ausgehandelt an u sech misst am Fong déi ondemokratesch an ontransparent Aart a Weis schonn duergoe fir hei eng Noutbrems ze zéien.

Mä da kënnt den Inhalt an dee mécht et wierklech net besser. Wann et nämlech effektiv elo an déi Richtung sollt goe wéi et de Moment ausgesäit, dann huet den TTIP d'Potential vun engem politesche Super-GAU fir Europa. Wisou wier dat esou? Mir hunn eis an Europa iwwert déi lescht Jorzéngte sozial, ekologesch a Verbraucherschutzstandarden erkämpft, déi wuel, dat muss een och ganz kloer soen, déi wuel verbesserungsfäeg sinn, dat däärf mer net vergiessen, mä déi awer

am Géigesaz zu den USA, wéi den Här Baum et och scho gesot huet, wéinstens um Vorsorgeprinzip opbauen. An den USA kenne se dat Vorsorgeprinzip net. Do si se manner virsiichteg. Do kann een héchstens am Nachhinein Schuedenersaz verlaange wann ee bewiese kann, datt iergendeppes schief gelaf ass. Dat sinn also zwou komplett verschidde Philosophien. Bei TTIP geet et elo ganz graff betruecht dorëms déi Philosophien a Standarden ze harmoniséieren.

Harmonie, dat kléngt jo ganz gutt an TTIP kéint och ganz gutt sinn, wann et dann esou funktionéiere géif, datt déi amerikanesch Standarden un eis europäesch géifen ugepasst ginn. Dat wier ganz am Intérêt mengen ech vun den amerikanesche Bierger. Wann een awer weess, datt d'Zil vun TTIP doranner besteet, de grouse Konzern weider ze vereinfachen, fir nei Marchéen ze erschléissen, fir nach méi Profit ze maachen, woufir de Vorsorgeprinzip an héich Standarden iwwregens héchstens en Hemmnis sinn, da gëtt awer ganz schnell kloer, datt et hei net esou ass, datt den Amerikaner hir Standarden un eis, mä vill éischer eis un den Amerikaner hir Standarden sollen ugepasst ginn.

Wat heescht dat konkret fir eis Gesondheet an och fir den Déiereschutz? Dat kéint zum Beispill heeschen, datt an eise Geschäfte Hormonfleesch, Chlorpouleten, Gen-Mais an all méiglech aner Saureien, souguer ongekennzeechent, verkaaft dierfe ginn. Fir eis Ëmwelt kéint dat heeschen, datt an eise Buedem no Schiefergas dierf gebuert a gesprengt ginn, mat alle Konsequenzen déi dat mat sech bréngt géif. Aus enger sozialer Optik kéint dat heeschen datt Aarbechtsbedingungen, Mindestlén an esou weider kéinte relativéiert ginn an da kënnt eréischt dat allerbescht. Mir kéinten eis kaum dogéint erwieren, well wann zum Beispill en Energiekonzern hei zu Esch oder soss anzwousch an Europa no Schiefergas buere wéilt, dann hätte mer de Choix. Entweder misste mer dat einfach akzeptéieren, mat alle Konsequenzen déi dat mat sech bréngt fir eist Grondwaasser, fir eis Gesondheet oder mer missten deem Konzern Schuedenersaz bezuele well hien dann dee Moment kee Gewinn maache kann. Mir kéinten also esou vill Standarden, Normen a Grenzwärter festleeë wéi mer wéilten, d'Konzerner kéinte sech einfach via Schiedsgericht doriwwer ewech kloer. An anere Wieder, TTIP kéint eis Demokratie komplett aushielegen. Dat ass eben de Risiko hei bei der Saach.

Mä da kënnt réischt dat allerbescht, dat virdru war just dat bescht, an dat ass dat

wat déi Lénk och leider vergiess hunn. Bei der Barrière heescht et jo: un train peut en cacher un autre. Dat selwecht géllt och fir esou Traitéen. Parallel zum TTIP gëtt nämlech och den TISA Vertrag verhandelt an TISA ass en ähnlech Ofkommen, just dass hei de Focus nach vill méi op der Privatiséierung vun den Déngschtleeschtung läit an domat kéint TISA eben nach eng vill méi grouss Gefor fir eben d'Gemengen duerstelle wéi den TTIP schonn ass.

Wat heescht dat elo konkret fir eis als Gemeng oder fir d'Gemengen am allgemengen? Well jo kommunal Déngschtleeschtunge subventionéiert oder vun öffentlecher Hand finanziert sinn, kéinte mat TTIP an TISA privat Entreprene higoen an eben dogéint kloer fir ebe fir sech déi selwecht Subsidien ze besprochen a wou dat hiféiere géif, ass mengen ech evident. A géint eng Privatiséierung vun de kommunalen Déngschtleeschtunge kéint een am Fong dee Moment sech kaum nach wieren. Dat selwecht géllt och fir d'Solidarwirtschaft. Projekte wéi den Escher Geméissgaart oder d'Escher Holzmanufaktur, déi op Ënnerstützung vun der öffentlecher Hand och ugewise sinn, zumindest an enger Startphas, deene géif hei de Buedem ënnert de Féiss ewechgezu ginn a wieren da quasi prinzipiell a Fro gestallt. Déi Politik déi mir hei zu Esch maachen, ass u sech komplett de Konträr vun TTIP.

Dat ass gutt esou an dat soll och an Zukunft esou bleiwen a virun deem Hannergrond wéll ech da vun der Geleeënheet profitéiere fir zesumme mat der Madame Bofferding am Numm vun de Majoritéitsfraktiounen, der LSAP an deene Gréngen, och eng Motioun ze deposéieren déi der dann och misst ausgedeele kréien oder schonn ausgedeele kritt hutt a mir géifen do de Schännerot zu Folgendem opfuere: Éischtens, vun der Regierung ze verlaangen, datt den Inhalt vun deene Verhandlungen öffentlech gemaach gëtt fir eben eng transparent an demokratesch Debatt mat der Zivilgesellschaft ze erméiglechen. Zweetens, all Versuch ze refuséieren deen doropper ofzielt eis sozial ekologesch Sanitär- a Verbraucherschutzstandarden ofzeschwächen oder ze ëmgoen. Drëtens, d'Privatiséierung vu Gemengendéngschtleeschtungen ze refuséieren an eis Projeten am Beräich vun der Solidar-economie ze schützen.

Ech hoffen datt mer fir déi Motioun eng grouss Majoritéit kéinten zesumme kréien an domat och e Bäitrag dozou leeschte kënnen, fir datt aus deem Risiko keng Realitéit gëtt. Ech sinn och frou déi Motioun zesumme mat der LSAP deposéieren ze

kënnen an ech hoffen datt och d'CSV an d'DP d'Kéier an deem Dossier nach kréien, well et geet hei net just ëm e bësse méi oder manner Reguléierung. Et geet hei wierklech ëm alles. Ech soen lech Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Huss. Den Här Mischo, duerno den Här Weidig."

Georges Mischo (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschtesch. Also ech mengen déi grouss Zieler déi d'Amrikaner an och d'Europäesch Unioun virginn, si jo de Wirtschaftswuesstem an all de Staten ze beliewen, d'Aarbechtslosegkeet erof ze kréien an d'Duerchschnëttsakkomes vun den Arbeitnehmer ze erhéijen. Dat sinn natierlech grouss an och éierbar Objektiv déi d'Wirtschaft géifen an Europa an an den USA virubrénge. Mir als CSV hunn awer virun allem e Problem, wéi och scho vun deene Lénken an och vun deene Gréngen an der LSAP erwähnt gouf, mat der Transparenz vun deem TTIP do. Et ass einfach den Ausschloss vun der Öffentlechkeet. Et gëtt verhandelt hannert zouenen Dieren, wat zum Deel kéint akzeptéiert ginn, well esou Verhandlungen net op der Marktplaz kënnen ofgehaalen ginn, mä et gëtt och ouni Bedeelegung vun den nationale Parlamenter do verhandelt an ech mengen dat ass de grouss Problem. Dat Ofkommen soll jo a priori am Sënn vun den EU-Bierger, respektiv vun den US Bierger zustane kommen, mä wéi et elo ausgesäit an dat ass jo och schonn déi eng oder aner Kéier gesot ginn, virun allem am Interesse vu grousser Konzern, vu Finanzinvestisseuren an ebe Multinationale wou dës Ofkommen am Mëttelpunkt steet.

Ee Punkt wou d'CSV sécher dogéint ass, ass deen Tribunal administratif, dat sougenannte Schiedsgericht, dat kenger nationaler Gesetzgebung an och kenger Kontroll ënnerläit. D'Gefor do derbäi wier nämlech, wéi dat schonn erwähnt ginn ass, dass grousser Konzern nationaler Gesetzer, wat gentschlech modifizéiert Liewensmittel, den Asaz vu Chemikalien an den Asaz vun Hormoner an der Fleeschindustrie zum Beispill kéinten ëmgoen, wat definitiv net am Sënn vun dem Konsument ass. D'Verhandlungen déi am Juni 2013 ugefaangen hunn, si mat der ganzer NSA Affaire, wou d'Amrikaner och hir soisiant europäesch Frënn ofgelauscht hunn, net méi einfach a virun allem net méi vertrauensvoll ginn. Dorunner mussen virun allem d'USA schaffen an nees Vertrauen opbaue, wann iwwerhaapt esou en Ofkommen soll iergendwann eng Kéier zustane kommen.

Wéi de Londoner Centre for Economic Policy Research virgerechent huet, wier den Ofbau vun deenen Hindernisser fir den transatlanteschen Handel souwuel fir d'EU wéi och fir d'USA vu positiver Auswirkung. D'EU Wirtschaft hätt e Potential vun 119 Mrd € pro Joer an d'USA vu 95 Mrd € pro Joer, wat sécherlech Aarbechtsplaz géif schafen an d'Economie géif weider brénge. Oppasse mussen een awer dann, dass den einfache Bierger, ob dat elo lokal oder national ass, dovunner och profitéiert an net nëmme déi grouss Firmen, d'Banken a Konzern.

Wéi scho gesot, esou en Ofkommen muss virun allem méi transparent ginn, d'EU dierf net virun e Fait accompli gesat ginn, genee sou wéineg d'Parlament oder och Gemengen. Virun allem dierfe mer net vum "grousse Brudder" USA iwwer den Dësch gezu ginn, egal op wat fir eng Aart a Weis. Dofir, en Ofkommen, eventuell, awer nëmme zu verschiddene Konditiounen."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Mischo. Här Weidig an dann den Här Hansen."

Paul Weidig (LSAP): „Ech wëll mech kuerz halen. Ech muss lech ganz éierlech soen, dass ech am Fong geholl dat wat den Här Baum gesot huet, ka mat zwou Hänne ënnerschreien. Ech mengen datt jiddweree vun eis kann dat ënnerschreien. Mir si selbstverständlech dogéint, dass hei öffentlech Déngschtleeschunge massiv ageschränkt ginn an esou weider, mä ech mengen mir sollen dat awer net ëmmer vun där negativer Säit gesinn, sondern och kucken aus där Situatioun wéi se elo do ass, beweisen dass Europa leeft, an dass d'Zivilgesellschaft et fäerdeg bréngt den Europapolitiker déi ganz Ofkommen, et gëtt jo och eng am Europaparlament diskutéiert, a virun allem och d'Europabeamteten, dass déi vun der Zivilgesellschaft ganz kloer Virgabe kréie wat ze verhandelen ass a wat am Interêt vun den europäesche Leit ass. An ech mengen dat do ass och eng Méiglechkeet, dass mir kënnen Europa géen eventuell och souguer zesumme mat de positiv agestallte Leit vun Amerika awierken op déi weltwäit Globaliséierung. An ech mengen dat wär sécher wichteg. Natierlech, eng Globaliséierung um Niveau vun eise sozialen, ëmweltrechtlechen an och vun anere rechtleche Standpunkter.

Ech mengen mir hunn eng Mänschrechtskommissioun vun Europarot zu Stroossbuerg an déi ass net verhandelbar. Ech mengen dat mussen mer eis alleguerter bewusst sinn an zwar déi Mänscherechter wéi se definéiert si vun Europarot, an

net déi wéi se definéiert sinn deelweis vun den Amrikaner déi Mänscherechter ganz gären applizéieren, haaptsächlech vis-à-vis vun deenen aneren, awer ni, oder ganz wéineg Rücksicht huele wann et deelweis mat Mänscherechter am eegene Land geet. Ech mengen mir sollten déi Geleeënheet hei profitéieren fir awer ze weisen, dass mer mat engem staarken Europa kënnen awierken an och kënnen versichen iwwer dese Wee hei, iwwer déi grouss Diskussioun déi do lass getruede ginn ass, kënnen Afloss huelen, wéi gesot nach eng Kéier, wat d'Globaliséierungstendenzen iwwerall ubelaangt an dass mir eis Standarde kënnen duerchsetzen, au moins e groussen Deel. An nëmme esou ass et dann och méiglech dass mir herno eventuell ass eng Win-win-Situatioun kënnen aus dëser Situatioun eraus entwëckelen. Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Här Weidig. Den Här Hansen."

Mike Hansen (LSAP): „Merci, Madame Buergermeeschtesch. Merci un d'Virriedner. Ech deele ganz d'Analyse vun Här Baum a vun Här Huss an ech sinn och domatter averstanen, datt dësen Accord d'Schéier tëschen räich an aarm nees weider ausermee wäert rappen.

Virop eng kleng Bemierkung. Wéi den Här Baum ganz interessanterweis de Salvador Allende zitéiert huet, ass et mengen ech och an deem Kontext interessant nach eng Kéier drun ze erënnere, datt de Salvador Allende ëmbruecht ginn ass well hie sech dem Fortschritt an dem Widerstand géint e neoliberalt Diktat, dat deemools och vun amrikaneschen Chicago Boys koom, verschriwwen hat. An ech mengen als Gauche mussen ...

(En Deel vun der Sitzung ass wéint engem Problem mat der Mikrosanlag net opgeholl ginn.)

... an och an Zukunft notament würdegen, andeem mer géint esou eng Frecheit virgi wéi déi do um Dësch läit.

De But vun der neoliberaler Politik ass et scho länger Fräihandelszonen ze schafen. Duerfir sinn dës Verhandlungen fir déi gréisste Fräihandelszone vun der Welt ze schafen, u sech nëmme en Instrument fir iwwer d'Standarde a Reguléierungen ze verhandelen. An esou Barriären ofzeschaffen déi nationaler Rechter ze ëmgoen an och national Regularisatiounen ze ëmgoen, wéi zum Beispill déi demokratesch Kontroll vu Verhandlungen. Duerfir sinn dës Verhandlungen an hir Ontransparenz ee vun den Haaptkritikpunkter. D'Mandat fir ze verhandelen koom net vun engem Parlament, wéi schonn uge-

sot gouf, mä vum europäesche Rot. An der Hoffnung datt et geheim bleift, fir datt d'Verhandlung virun allem net duerch d'Zivilgesellschaft an duerch d'Parlament gestéiert gëtt. Mä dat ass Gott säi Dank, wéi den Här Baum et och schonn ugemierkt huet, relativ an d'Box gaangen. Den Här Baum huet och gesot, et geet hei och net dréms wat de Partner gären hätt, mä wat d'Kommissioun gären hätt. An do muss een awer nach ënnersträchen, wat d'Kommissioun gären hätt ass dat wat d'Wirtschaftslobbyen an d'Consultante gären hunn. Den High Level Group on Jobs and Growth iwwerdeen do verhandelt, iwwer Verbraucherschutz, Gesondheet, Ëmweltstandard, Finanzmarché Reguléierungen, si komescherweis nëmmen aus Lobbyisten, notament vum Business Europe Group, Bertelsmann a weider Consultanten an Technokraten zesumme gewürfelt. A kee Verbraucher, Ëmweltschützer, Gewerkschaftler oder Parlamentarier dran. Dëst ass eng Attack vun der Wirtschaft an dem Partner op eis Demokratie.

D'Verhandlungen iwwert de Wettbewerbspaket koom jo och e puermol schonn an d'Stoppen. Dat gouf hei nach net gesot. D'USA an d'EU déi wëlle jo datt d'EU ëmmer méi kompetitiv gëtt an dat heescht d'Steiere fir d'Entreprisë senken, grad esou wéi d'Ëmweltstandarden an d'Aarbechterrechter. An déijéineg déi haut elo nach mengen et misst een ofwaarden oder aus elektorale Grënn, momentan refuséiere Faarf ze bekennen, sinn am beschte Fall nëmmen naiv. D'Argumentatioun wéi den TTIP ass just eng nei Versioun vun dem Kapitalismusmärchen dee mer scho säit Joeren erkläert kréien. Den Ofbau vun Handelshemmnisse oder Handelsbarrière fir Croissance ze schafen. Ech mengen Asien an Indien kënnen e Lidd vun dësem Croissancemärche sängen. An déi wäerte sécher och gären den Här Barroso vun der EVP a säin Nofolger opklären, wéi d'Realitéit ausgesäit.

Mä wéi wäit dësen Accord wäert goen oder ka goen, gesäit ee wéi den Här Baum scho gesot huet, beim NAFTA Accord an den Impakt vun dësem op Kanada. Wéi dat mam Groupe d'arbitrage geet an Impakt wéi notament op de Fracking huet. An d'Realitéit ass d'Croissance, also nëmmen nach e Kommunikationsinstrument wéi Liberaliséierungen an Deregulariséierungen ze camoufléieren. U sech ass et eng Aart Bolkenstein reloaded. An dëst gëtt vum Finanz- an Industrielite virugedriwwen au détriment vun Ëmwelt a Bierger. Wat och näischt Neies ass, well ierdengwéi kënnt dat bekannt vir. Solch Attacken op d'Fonction publique an d'Aarbechterrechter gouf et scho rezent, ganz

rezent. An der Eurokris, wou mam Troikadiktat an de Six-pack an den Two-pack Reformen. Duerfir ass déi naiv Haltung op héich Standarden ze hoffen, net nëmmen onrealistesche mä och ganz héich irresponsabel.

Et geet net ëm Sixpack Béier.

Sou, et muss een nëmme kucke wien do um Dësch souz. Esou Virgäng si keng Reklamm, wier sécherlech keng Reklamm fir d'EU an net wéi de Parlamentarismus. A mir mussen all zesummen eis solidaresch géint den TTIP asetzen an dohinner schécke wou e gehéiert, op den Tipp. Wann déi gewielte Biergervetrieder net d'Interesse vum Elektorat verrieden, an dat si sécherlech Industrie, Entrepreneuren oder Lobbyverbänn, dann dréine sech d'Leit zu de Rietspopulisten, Demagogen a Compagnie ëm. Dofir wier ech och frou, wann d'EU-Kandidaten elo am Wahlkampf eis Motioun géife liesen an och virdu Positionen bekenne wéi se zum TTIP stinn an de Stop TTIP kollektiv géifen ënnerstëtzen. Et geet nämlech kloer Positionen virum 25. Mee ze bekennen an net dono. An dozou de Bierger hire Choix en toute connaissance de cause kéinten treffen. Merci."

Buergermeeschtesch Vera Spautz

(LSAP): „Merci dem Här Hansen. Mir si frou doriwwer, an hunn de Punkt och dowéinst op d'Dagesuerdnung haut gesot, dass mer konnten dës Diskussioun hei am Gemengerot féieren, well si betrëfft d'Gemenge ganz staark wéi mer elo aus den Débaten eraushéieren hunn. Esou wäit mer bekannt ass war eng Ufro och beim Stadter Schäfferot gewiescht fir dat kënnen ze diskutéieren, och an hirem Gemengerot an déi hunn dat net akzeptéiert. Mir sinn hei zu Esch e bëssen anescht gestréckt. Et kann ee vläicht soen, si schonn der Meenung, datt hei muss doriwwer diskutéiert ginn....“

Marc Baum (Déi Lénk): „Et kann ee vläicht ergänzen, datt déi Affaire do beim Inneminister ass.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz

(LSAP): „Da gëtt deen och mat informéiert iwwert eis Positionen dann hei vum Escher Gemengerot. Et wier natierlech flott wa mer kéinten en Zeeche setzen. Ech wéilt awer den Demandeur, de Lénken, dem Här Baum d'Wuert ginn déi dat ugefrot hunn an déi eng Motioun preparéiert hunn an dann och den Auteuren, dem Auteur vun LSAP/Gréng och d'Wuert ginn. Här Baum, Dir hutt fir d'éischt d'Wuert.“

Marc Baum (Déi Lénk): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech sinn och ganz frou iwwert déi Aart a Weis wéi déi Diskussioun

hei ofleeft, wéi och déi eenzel Interventiounen zu deem Sujet hei sinn. Den Argumentaire vun där Motioun déi mer hei presentéieren, deen ass developpéiert ginn an ech mengen datt et e wichtegt Signal wier fir ze soen, d'Escher Gemeng ënnerstëtzt déi gemeinsam Positionen vun der lëtzebuergercher Zivilgesellschaft an hirem Integritéit, wou chrëschtlech Organisatiounen mat sozialdemokrateschen Organisatiounen, mat Gewerkschaften, mat Ëmweltverbänn etc.etc. zesummen eng Fuerderung opstellen an ech mengen datt dat e ganz wichtegt Signal wier.

Wat d'Motioun vun der LSAP an deene Grëngen ugeet, esou ënnerstëtze mer se och. Ech denken awer just, vläicht kann een dat clarifizéieren, beim drëtten Invite: 'invite le collègue des bourgmestre et échevins à refuser toute privatisation de services publics communaux dans un seul but de profit privé'. Misst een net méi kloer oder kéint een net méi einfach soen: 'à refuser toute privatisation de services publics communaux'. Och wann et net ëm e seul but de profit privé geet, mä e but mitigé. Wier eng Propositionen vu Formulatioun, datt et einfach méi kloer ass.

Awer soss si mir och ganz averstane mat där Motioun déi presentéiert ginn ass. An ech mengen datt och d'Debatt gewisen huet, datt mer hei zu Esch wierklech e ganz wichtegt Signal kënnen schécken. Ech soen lech Merci.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz

(LSAP): „D'Fro geet un lech, wéi eng Motioun diskutéiere mer elo, déi vun LSAP a Gréng? Déi ënnerstëtzt géif ginn? Ok.“

Marc Baum (Déi Lénk): „Déi zwou. Jo.“

Schäffen Daniel Codello (LSAP):

„Haalt Dir Är oprecht zum Vote?“

Buergermeeschtesch Vera Spautz

(LSAP): „Wien hëlt Stellung? Madame Bofferding.“

Taina Bofferding (LSAP):

„Et kann een en Accord deen een net am Detail kennt, well en nach net fäerdeg gestallt ass, esou kann een duerchaus als fräie Bierger, dat si mer nun emol hei an eiser Demokratie, kann een awer duerchaus d'Recht sech huelen an ze soe wat een op kee Fall wëll, respektiv wat een net mat deem Accord wëll bewierken an ech mengen do sinn elo vill Beispiller ugeduecht ginn. Opreegung ass do, dass déi ugekënnegt Rege-lunge Privatiséierung kéinte forcéieren, eigentlech eng Fuerderung no méi Transparenz duerf eigentlech streng geholl net gestallt sinn, well vum gesonde Mënsche-

verstand hir misst eigentlech bei de Verhandlung vum esou enger Envergure, d'Effentlechkeet Accès zu de Verhandlungsdokumenter, respektiv Informatiounen iwwer d'Verhandlungen hunn.

Nun, probéiere mer als déi zwou Fraktiounen d'LSAP an déi Gréng eventuell e Kompromëss virzeschloen, an zwar kéinte ee sech virstellen, dass een an déi Richtung geet, an dass een de Schäfferot géif invitéiere bei der Regierung ze intervenéieren a fir ze froe fir e Moratoire ze kréien, bis d'Elementer vun de Negociatioune public sinn, fir sech do kënnen Abléck ze verschafen an och fir esou kënnen herno den effentlechen nationalen Debat kënnen ze favoriséieren, wou et jo och wichteg ass, dass d'Zivilgesellschaft soll mat integréiert ginn. Dofir fir elo konkret ze si bei eiser Motioun, kéint d'Propos sinn, den éischten Abschnitt do ëmzënnere, net 'à demander au gouvernement d'insister', mä ze schreiwen 'd'intervenir auprès du gouvernement de demander un moratoire jusqu'à ce que les éléments de la négociation' an dann de Saz esou weider ze féieren. Kéint dat e Kompromëss si wou mer hei kéinten zesummen als Escher Gemengerot e Symbol, en Zeeche setzen?"

Marc Baum (Déi Lénk): „Dat kéint e Kompromëss si wann et net an engem wesentleche Punkt superfétatoire ass, well net méi spéit wéi de 14. Mee, also virgëschter, huet d'Kommissioun hir Positiounspabeieren zu deenen eenzelne Punkten um Internet publizéiert. Positiounspabeieren déi am Moment amgaange sinn analyséiert ze ginn. Dat heescht, e Moratoire ze froe bis d'Publikatioun ass an där Hinsicht superfétatoire well d'Publikatioun ass do. Dat wat ee mengen ech bräicht, dat ass dat Mandat, dat d'Kommissioun de Verhandlungsführer ginn huet, fir ze soen dat Mandat ass net richtig an op Grond vun deem Mandat dierf net verhandelt ginn.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Den Här Huss.“

Manuel Huss (Déi Gréng): „Jo, Merci. Dat ass net ganz richtig mengen ech, well dat wat elo do public gemaach ginn ass, dat ass d'Verhandlungsmandat, dat ass awer net de Contenu vun den eigentlechen Negociatiounen. An dat wat public gemaach ginn ass, dat ass am Fong scho méintelaang am Internet ronderëm circuléiert well et geleaked ginn ass. Hei geet et wierklech ëm den Inhalt. Dass eben déi ganz Negociatioune solle wierklech transparent gemaach ginn, fir dass en effentlechen Debat stattfanne kann.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Ech géif proposéieren, datt d'Auteurs sech vun deenen zwou Motiounen ee Moment zrëckzéien an da fuere mir mat eiser Dagesuerdnung virun an huele se dann nach eng Kéier op d'Dagesuerdnung wann e Kompromëss fonnt ginn ass. Wann net da mussen mer iwwert déi zwou ofstëmmen. Wann dat méiglech wier? Späert lech ee Moment an. Kënnt och a mäi Büro goen.“

10. Questions de personnel; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Wéi gesot, d'Personalfroen déi si verdeelt ginn.“

11. Nomination d'un nouveau titulaire au poste de préposé de la nature et des forêts du triage d'Esch-sur-Alzette; avis

Mir kommen zu Punkt 11, d'Nomination vun engem neie Fierschter. Ech ginn dem Här Kox d'Wuert.“

Schäffe Martin Kox (Déi Gréng): „Merci, Madame Buergermeeschter. De Poste vun deem heescht Préposé de la nature et des forêts du triage, ass de Fierschter. Dee Poste ass vacant ginn, well den Här Bisenius op Stroossen erwiwer gaangen ass. An doduerch gëtt dee Poste elo zum 1. Mee fräi. Deen deen elo nominéiert ginn ass vun der Natur- a Forstverwaltung ass den Här Pol Zimmermann. Den Här Pol Zimmermann ass eis sécherlech net onbekannt. Éischtens ass hien e Rëmelonger Jong, zum aneren huet hie scho mam Här Bisenius laang Joeren elo zesumme geschafft an hien ass am Ellergronn do integréiert gewiescht an hie kennt déi Bëscher déi mer hei hunn. Insgesamt wat eis Surface ubelaangt, hu mir 70% vun dem Areal als Escher Bësch an déi aner 30% si Staatsbesetz.“

Hien huet sech kuerz bei mir virgestallt gehat. Hie kënnt och elo nach eng Kéier an de Schäfferot. Hien huet ganz, ganz flott Ideeën. Hien huet déi Ideeën, huet ugefaangen déi och schon ëmzesetzen, also offiziell leeft säi Mandat eréischt vum 2. Mee un. Hie proposéiert, dass nei Weeër an dem Bësch, dat heescht déi existéierend Weeër ginn nei, éischtensmol gezechent, zweetens awer och propper gemaach. A wat sollt verschwannen, dat ass dee Schëldebësch dee mer an de Bëscher hunn. Dat heescht vu vill Organisatiounen hu mer different Schëlde déi do ugemacht sinn. Dat soll einfach alles vereinfacht ginn. Do soll nëmmen ee Prototyp vu Schëld duerch de Bësch weisen.

A wat ganz wichteg ass bei eis, well mer jo amgaange sinn de Gaalgebierg insgesamt och en neit Konzept do eranzebréngen, dass mer de Gaalgebierg vill méi enk verknäppe mam Ellergronn. Dat ass eng Idee wou hien eis och do mat ënnerstëtzt, dass den Ellergronn insgesamt halt dann och méi no zu dem Gaalgebierg integréiert gëtt. Net nëmmen duerch Schëlde an duerch Weeër, mä och dass mer do un engem gemeinsame Projet schaffen.

Ech géif de Gemengerot proposéieren den neie Fierschter unzehuelen. Ech soen lech Merci.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Madame Hildgen.“

Annette Hildgen (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Ech hu just eng kleng Fro ...“

Paul Weidig (LSAP): „Neel!“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Wann ech gelift! Här Weidig, Dir dierft och ëmmer d'Wuert kréien.“

Annette Hildgen (CSV): „Et ass wéi an der Schoul, ech schwätzen eréischt wann et roueg ass.“

Verschiede Stëmmen: „Oooh!“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Wann ech gelift, loosst d'Madame Hildgen schwätzen.“

Annette Hildgen (CSV): „Eng kleng Fro un den Här Schäffen. Ass dat hei eng eenzeg Demande déi erakomm ass? Oder wéi geet déi Prozedur normalerweis?“

Schäffe Martin Kox (Déi Gréng): „Entschëllegt, mir hunn u sech domat näischt ze dinn. Hien ass och net vun eis ugestallt, hien ass vun der Forst- an Naturverwaltung ugestallt. Dat eenzeg wat mir domat ze dinn hunn, dat heescht mir sinn zwee Aarbechter déi si vun eis ugestallt am Kader vun der Forstverwaltung, awer doduerch dass mer 70% vun de Bëscher hunn. Dat heescht déi zwee bezuele mir, awer hie bezuele mer net. Mir stellen hie just hei vir a mir mussen eisen Avis ginn. Esou steet et an de Reglementer.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Ok. Ech bieden lech dann Ären Avis iwwert en Ziedelchen ofzeginn.“

Conseillers présents:

M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Théid Johanns – M. Mar-

tin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal procède par vote secret et décide à l'unanimité d'émettre un avis favorable quant à la candidature présentée par Monsieur Pol Zimmermann en vue d'une nomination au poste de préposé du triage d'Esch-sur-Alzette.

12. Contrats de bail; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Mir kommen zum nächsten Dagesuerdnungspunkt. Dat sinn d'Kontrakter vun de Gemengewinnengen. Punkt 1 bis 7 sinn nei Kontrakter. 7 bis 10 Avenanten zu bestehenden an 11 an 12 sinn d'Garagen dozou an ech géif lech bieten deem zouzestëmmen. Au vote.“

Conseillers présents:
 M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal accepte à l'unanimité les contrats de bail.

13. Relevé et Rôle supplétif; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Den nächste Punkt Relevé a Rôle, wou ech lech och géif bieten deem zouzestëmmen.“

Conseillers présents:
 M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal décide à l'unanimité d'approuver le relevé et rôle supplétif de l'impôt foncier relatif aux exercices 2012 & 2013.

14. Commissions consultatives; modifications; décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „De Punkt 14 d'Kommissiounen déi mer ëmmer drop hunn. Dës Kéier si keng Modifikatiounen déi eis virleien.“

An da waarde mer eng Minutt dass de Verkéiersschäfte kënn a mer och déi Motioun matgedeelt kréien. Ee Momentchen.“

15. Règlements de la circulation routière; confirmation et décision

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „D'Verkéiersreglementer wann ech gelift.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci. Esou wéi ech dat gesinn, sinn dat lauter provisoersch Verkéiersreglementer an do ass och näischt Extras dozou ze soen. Duerfir géing ech lech bieten deenen zouzestëmmen.“

Conseillers présents:
 M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve à l'unanimité les règlements de la circulation routière.

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Merci, Kolleginnen a Kollegen. Da géif ech d'Wuert ginn un d'Auteurs vun den zwou virleiede Motiounen. Wie kritt d'Wuert fir d'éischt? Här Baum.“

Marc Baum (Déi Lénk): „Jo, mir hu länger driwwer diskutéiert a festgestallt, datt am Fong de Geesch vum deenen zwou Motiounen sécherlech an déi selwecht Richtung geet. Firwat, wéi ech scho virduun ugekënnegt hunn, ech d'Positioun vun der LSAP an déi Gréng och ënnerstëtze wäert. Mir feelt awer an där Positionement an duerfir géife mer eis Motioun oder dat Element vun der Fuerderung oprechterhalen fir datt d'Gemeng intervenéiert bei der Regierung datt déi Negociatiounen sollen ophalen. Dat heescht, sou laang dee Punkt net integréierbar ass an Är, oder wann en integréierbar ass, da kann een och eng Motion commune maachen.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „Madame Bofferding, Här Huss.“

Manuel Huss (Déi Gréng): „Mir bleiwe bei eiser Motioun, an ech sinn och der Meenung, dass am Fong an eisen zwee leschte Punkten, wou refuséiert gëtt,

d'Standarden ze senken an d'Privatiséierung op Gemengeplang ze stoppen, dass do am Fong aus Gemengeperspektiv eigentlech déi Konsequenze vun deenen Accorde gestoppt ginn. Dat läit do dran, an ech mengen dass d'Fuerderung vum Stopp op engem aneren Niveau stattfanne muss, an dass mir eis als Gemengrot am Fong sollten op dat konzentréiere wat eis direkt betrëfft an dowéinst bleiwe mir bei eiser Motioun. Dobäi kënn, dass bei eiser och, net just den TTIP Objet ass, mä och den TISA dee, wéi gesot, nach eng vill méi grouss Gefor fir de Gemengniveau duerstellt an dowéinst wëll ech nach eng Kéier opfuere fir eis Motioun dee Moment unzehuelen.“

Buergermeeschtesch Vera Spautz (LSAP): „D'accord. Merci. Also ech denke wéi et vun den Auteurs virgedroe ginn ass oder elo gesot ginn ass, datt de Sënn vun deenen zwou Motiounen an den Inhalt vun den Diskussiounen déi haut de Moien hei gefouert gi sinn, enorm wichteg sinn a mer als Gemeng eis Verantwortung an deem Sënn och iwwerhuelen. Mir loosse dann déi zwou Motiounen zum Vote kommen. Ech géif da jiddwerengem dann natierlech iwwerloosse wéi e stëmmt. Ech géif da fir d'éischt d'Motioun vum Här Baum zum Vote ginn.“

Conseillers présents:
 M. Marc Baum – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Manuel Huss – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil Communal approuve par 11 voix oui, 2 voix non et 3 abstentions la motion relative aux négociations sur le traité de libre-échange présentée par M. le conseiller communal Marc Baum:
Voix pour (11): M. Marc Baum – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Théid Johanns – M. Martin Kox – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Voix contre (2): Mme Taina Bofferding – M. Manuel Huss
Abstentions (3): M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Paul Weidig
Texte de la motion:
Le Conseil Communal de la Ville d'Esch-sur-Alzette

Considérant le mandat de négociations de la Commission Européenne en vue de conclure un accord de Partenariat Transatlantique de Commerce et d'Investissement (dénommé TTIP, PTCI ou TAFTA) avec les Etats-Unis, tenu secret et devenu public qu'à la suite de fuites;

Considérant que ce mandat prévoit que les obligations de l'Accord engageront tous les niveaux de gouvernement, donc aussi les communes;

Considérant que ce mandat vise la réduction des barrières non-tarifaires, c'est-à-dire la revue à la baisse des législations, réglementations et normes sociales, environnementales, sanitaires, protectrices du consommateur et techniques des signataires;

Considérant que ce mandat vise la protection des investissements par un « mécanisme de règlement des différends » entre investisseur et entités publics (Etats, communes) ouvrant la possibilité qu'une commune puisse être menée devant une juridiction privée dont la décision est immédiatement applicable, contraignante et sans appel;

Considérant que ce mandat vise l'ouverture des marchés publics à tous les domaines administratifs et dans le domaine des services publics, ce qui risquerait de menacer financièrement le maintien des services publics et d'entraver toutes activités économiques des communes;

Considérant les résultats macroéconomiques dérisoires qu'une telle zone de libre-échange laissent entrevoir par l'analyse économique commandée par la Commission;

